

	21^e séance	Présidence
	Mercredi 19 décembre 2001	M. Jean Spautz, Président

Ordre du jour

1. Communication
2. Projet de loi 4855 portant réforme de certaines dispositions en matière des impôts directs et indirects (*Rapport de la Commission des Finances et du Budget - Discussion générale*)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; MM. Michel Wolter, Luc Frieden et Mme Anne Brasseur, Ministres.

(Début de la séance publique à 9.02 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat ass also net de Fall.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4855 iwwert d'Reform vun den direkten an indirekte Steieren. Gëschter Mëtteg ass decidéiert ginn, d'Riede-zäit vum Modell 2 op de Modell 3 ze erhéijen.

Et si bis elo ageschriwwen: déi Härre Wiseler, Krecké, Rippinger, Henckes, Bausch, Bisdorff, Clement, Graas, Gira a Mosar.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Norbert Hauptert.

(Interruption)

Den Här Statsminister huet d'Wuert.

1. Communication

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat.- Här President, ech wollt just soen, datt ech leider Gottes zéng vir eelef muss fortgoen, da kënn den Här Minister Frieden heihinner, well ech d'Visite hu vum fréiere franséische Premier Minister Alain Juppé. Um halwer dräi sinn ech awer erëm hei.

M. le Président.- Et ass an der Rei. D'Chamber hält dat zur Kenntnis an huet vollt Versteesdemes fir dat, wat de Statsminister elo grad gesot huet.

D'Wuert huet elo den Här Norbert Hauptert.

2. Projet de loi 4855 portant réforme de certaines dispositions en matière des impôts directs et indirects

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Norbert Hauptert (CSV), rapporteur.- Merci, Här President.

Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kollegeinnen a Kollegen, ech gesinn, dass d'Affluence hei an der Chamber net an der Proportioun ass zu deene Steiererlichtungen, déi mer haut sollen decidéieren. Mä ech mengen et kënn net...

(Interruption)

Voilà, Här Clement, et kënn net...

(Interruption)

...op d'Quantitéit un, mä et kënn op d'Qualitéit un. Dofir soen ech deene merci, déi esou fréi opgestane sinn, fir menger Ausféierung hei nozelauschten.

Här President, d'Steierreform, déi mer haut diskutéieren, verfollegt eng Rei vun Objektiver. Den Haaptobjektiv – an ech mengen et ass dat, wat d'Leit dobaussen am meeschten interesséiert – vun der Reform ass ouni Zweifel d'Steierlaascht vun de Steuerzueler erofzesetzen, an dat aus verschidde Grënn.

Eischtens fir d'Steieren de Besoine vun der Budgets-politik unzepassen, an ech mengen, de Claude Wiseler huet d'lescht Woch a sengem Rapport zum Budget déi Interferenz tëschent Steuerpolitik a Budgetspolitik hei kloer ausernee geluecht.

Zweet Ursach ass déi, fir de Leit hir Kafkraaft ze verbessern an doduerch entweder de Konsum ze steigern oder d'Spueren an den Invest ze fördern.

An eng drëtt Ursach ass déi, fir den Entreprisë méi Benefisier zrëckzeloossen, fir datt se iwwert de Wee vun dem Autofinanzement nei Investissementer kënn virhuelen.

En zweet Objektiv ass a mengen Aen d'Commercialisatioun vun neie Produkter, déi d'Finanzplaz iwwert de Wee vu steuerlechen Incentive besser begleet sollen.

Drëttens soll d'Reform déi steuerlech Landschaft vu Lëtze-buerg esou gestalten, fir dass eist Land an Zukunft den Ufuerderunge vun der globaliséierter Economie gerecht ka ginn.

E véiert Objektiv vun der Reform besteet an der Upassung vun eisen Texter un d'Virschreft vum den europäeschen Direktiven, an awer och an der Verbesserung vu verschiddenen Dispositiounen, déi zu méi Transparenz a méi Kloeerheet bei der Applicatioun vun de Gesetzer soll bäidroen.

A schlussendlech sollt – ech soe sollt – duerch dëse Projet d'Organisatioun vun der Steierverwaltung reforméiert ginn.

E wichtegt Zil vun der Steuerreform ass also d'Steierreduktioun. Fir d'Steierlaascht vun de Leit an och besonnesch vun de Betriber ze reduzéieren, gëtt et a mengen Ae véier Manéieren:

1. de Steiertarif ze senken;
2. verschidden Ausgabe steierlech ofsetzbar ze maachen oder deementspreechend Abatementer virzegesinn;
3. verschidde Revenue ganz oder deelweis vun der Steuer ze entlaaschten a
4. d'Imputatioun op d'Akommessteuer vu verschiddene Steieren, déi à la source zrëckbehal ginn, ze autoriséieren.

Déi éischt Manéier fir d'Steieren erofzesetzen ass déi, fir den Tarif ze senken. Hei gesäit d'Reform eng Rei vu Verbesserunge vir. Fir awer de reellen Impakt vun der Reform vum Tarif ze ermiessen, muss een a Betracht zéien, datt den Tarif an zwou Etappen ofgeännert ginn ass, wouvun déi éischt d'lescht Joer stattfonnt huet. Aus der Kombinatioun vun deenen zwou Ännerungen ergëtt sech:

1. datt de steierfräie Revenu vun 270.000 Frang op 393.000 Frang geklomm ass;
2. datt den Agangssteuersaz am Vergläich zum Joer 2000 zwar vu 6 op 8% eropgesat ginn ass, awer par rapport zum Joer 2001 eng Baisse vu 14 op 8% opweist;
3. déi verschidde Steiersätz op deenen eenzelnen Tranchë si linear ëm sechs Prozent-punkte gekierzt ginn;
4. de Steierspëtzesaz ass vu 46% op 38% erofgesat ginn;
5. d'Fourchette vun de Steuertranchen ass vu 69.000 op 66.500 kompriméiert ginn.

Mat Ausnahm vun der leschter Moosnam droen all déi aner derzou bäi, datt ab 1. Januar 2002 vill manner Steiere bezuelt ginn, wéi dat virun engem Joer nach de Fall war.

Wat dat steierfräit Mindestakommes ubelaangt, esou muss een nach bemierken, datt de Montant vun 393.000 Frang, deen ech elo grad ernimmt hunn, dat Akommes duerstellt, vun deem un eréischt Steiere berechent ginn. Dat heescht dat Akommes, wann d'Forfaite fir Werbungskäschten, fir Déplacementer, fir Spezialausgaben an den Abatement compensatoire fir

Lounempfénger ofgezu sinn. Déi muss een awer dobäirechnen, wann een dat wierklecht steierfräit Akommes wëll festleeën. Am Vergläich zum Joer 2000 sinn déi Forfaite an Abatementer duerch d'Aféiere vum Euro vun 78.600 op 81.000 eropgaang. Doduerch ass dat reellt steierfräit Akommes, dat am Joer 2000 nëmmen 348.000 Frang war, op 474.000 Frang an d'Luucht gaang, wat enger Verbesserung vun 126.000 Frang oder 36% entsprécht.

En anert Beispill ass dat vun enger bestuetener Koppel, déi zesumme schaffe geet an zwee Kanner à charge huet. Déi fänkt eréischt bei engem Monatsakommes vun iwwer 145.000 Frang u Steieren ze bezuelen. Haut bezilt déiselwecht Koppel nach 76.000 Frang Steieren d'Joer. Ech mengen, dës zwee Beispiller ënnersträichen mat Nodrock de sozialen Aschlag vun dëser Tarifreform.

Awer och bei deene méi héije Revenue gëtt d'Steierlaascht wesentlech erofgesat. Dat huet als Konsequenz:

1. datt héichqualifizéiert Leit, mat héijen Akommes- uspréich, déi eis Ekonomie och brauch, incitéiert kënnen gi fir op Lëtzebuerg schaffen ze kommen an
2. et ass awer och en Encouragement fir all déi Leit, déi bereet sinn, eppes méi ze schaffen wéi den Normal- bierger, an et fërdert esou den Initiativgeescht an den Esprit d'entrepreneur.

Eng zweet Méiglechkeet, d'Steierlaascht ze reduzéieren, ass déi, déi verschidden Ausgabe steierlech ofsetzen ze kënnen, respektiv deementspreechend Abatementer anzeféieren, oder, wa se scho bestinn, dës ze erhéijen. Op deem Plang fanne mer an der Reform folgend Propositionen:

1. an der Zukunft soll et méiglech sinn, d'Benefisser mat de Verloschter vu verschiddene Revenuen aus Kapital- verméigen ze kompenséieren;
2. de Plaffong vun de Cotisatiounen, déi am Kader vun enger Assurance Prévoyance de vieillesse kënnen ofgesat ginn, gëtt wesentlech erhéicht;
3. den Abatement extraprofessionnel soll an der Zukunft op bestuete Leit, wou déi zwee Partner e liberale Beruff ausüben, ausgedehnt ginn a
4. d'Steierermäseugung fir Renten, déi ee sengem gescheetene Partner bezuele muss, gëtt op all Divorce ausgedehnt.

Wat d'Kompensatioun vun de Perten aus Revenuen aus Kapitalverméigen ubelaangt, esou muss ee bemierken, datt dës Kompensatioun nëmmen intern an der Kategorie vun dem Akommes aus Kapitalverméigen ka geschéien, awer net aus Benefisser aus aneren Akommeskategorien. Et besteet eng Ausnahm zu där Regel, an zwar déi vum Associé-gérant, dee säi Familljebetrib ënnert der Form vun enger Kapitalgesellschaft féiert, deen eng staark Bedeel- egung an där Gesellschaft huet an dee säin Haapt-

akommes aus senger Aktivitéit an där Gesellschaft bezitt. Dee kann déi Fräen, déi him aus der Beschafung vu senger Participatioun entstan sinn, ganz vu sengen anere Revenuen ofsetzen. Eng Mesure also zu Gonschte vun de Kleng- a Mëttelbetriber.

Wat den Abatement extraprofessionnel ubelaangt, esou muss een och nach ervirhiewen, datt de Projet och eng Verlängerung vum Abatement während dräi Joer, nodeems ee vun de Partner net méi beruffstäteg ass, virgesäit.

Op d'Kompensatioun vun der Assurance Prévoyance-Vieillesse kommen ech spéider nach zrëck.

Här President, dat sinn déi Moosnamen, déi am Sënn vun enger Steiererliichterung agefouert ginn. Aner Moosnamen am Beräich vun den Abatementer ginn an déi aner Richtung, doduerch datt d'Abatementer reduzéiert oder esouguer ofgeschaaft ginn. Dozou gehéiert den "Abatement pour investissement mobilier", besser ënnert der "Loi Rau" bekannt. Deen Abatementnet, dee säin Zil, dat heescht den Investissement vun de privaten Erspuernesser a Lëtzebuerger Betriber ze fördern, net erreecht huet, sollt progressiv iwwer eng Period vun zwee Joer ofgeschaaft ginn. Déi Mesure gouf staark kritiséiert, an esouguer vun deene Leit, déi nach viru kuerzem fir esou eng Ofschafung agetruede sinn. Well d'Regierung awer d'Suerge vun engem schnellen Ausstieg aus der "Loi Rau" fir d'Lëtzebuerger Bourse gedeelt huet, huet se proposéiert, dee "phasing out" vun zwee op dräi Joer ze verlängeren.

Eng drëtt Méiglechkeet, Steieren erofzesetzen, ass déi, fir verschidde Revenue ganz oder deelweis vun der Steuer ze entbannen. Och op deem Plang gesäit d'Reform verschidde Moosnamen vir:

1. d'Exonératioun zu 50% vu verschiddene Revenuen aus Kapitalverméigen, déi bis elo op d'Revenuen aus Lëtzebuerger Gesellschafte limitéiert war, gëtt op d'Dividenden, déi vu Gesellschaften aus anere Länner vun der Europäescher Unioun ausgeschott ginn, ausgedehnt;
2. een Deel vun de Renten, déi am Kader vun enger Zousazpensioun ausbezuelet ginn, si vun der Steuer exonéiert;
3. d'Ausgläichentscheedegung, déi beim Austausch vu Participatiounen am Fall vun enger Restrukturéierung vu Gesellschaften ausbezuelet gëtt, soll vun der Steuer exonéiert ginn, wann déi Entschädegung manner wéi 10% vun dem Nominalwäert vun de Parten, déi ee beim Austausch kritt, ausmécht.

Op deem Plang gesäit d'Reform awer och verschidden – esou wéi ee schéi seet – "verbösend Moosnam" vir, wouvun der zwou d'Revenuen aus dem Verkauf vun enger Participation importante betreffen. Am Prinzip gesäit d'Gesetz vir, datt de Benefiss um Verkauf vu Parten aus enger Gesellschaft, sechs Méint nodeem se akaaft

goufen, steierfräi ass. Wann et sech awer ëm de Verkauf vun enger Participatioun vu méi wéi 25% vum Kapital an enger Gesellschaft handelt, dann ass de Benefiss an alle Fäll besteuierbar. Dee Seuil vu 25% gëtt duerch d'Reform op 10% erofgesat. Doduerch ginn d'Propriétaires vu Parten éischer vum Benefiss vun der Exonératioun ausgeschloss. Donieft gëtt och dës Dispositioun op de Verkauf vun engem Emprunt-convertible ausgedehnt.

Eng weider Verschlechterung betrëfft de Lëtzebuerger Steuerzueler net direkt, awer déi Ausländer, déi bei eis am Land eng Entschädegung aus enger literarescher oder artistescher Aktivitéit oder als professionelle Sportler bezéien. An Zukunft ginn déi Entschädegungen à la source zum Taux vun 10% besteiert.

Eng véiert a lescht Méiglechkeet, d'Steierlaascht ze reduzéiere, besteet an der Imputatioun vu virausbezuelte Steieren. Esou eng Méiglechkeet soll d'Steier vun den Tantiëmen an der Zukunft bidden. Bis elo gouf op den Tantiëmen eng Retenue à la source vun 20% virgeholl, déi beim Bénéficiaire vum Tantième als Charge konnt ofgesat ginn, déi awer net als Virsteuer op der verrechneter Akommessteuer konnt imputéiert ginn. De Projet gesäit vir, datt an Zukunft d'Imputatioun vun der Tantiëmessteuer op d'Akommessteuer gemaach ka ginn.

Här President, nieft all deene Moosnamen, wat d'Akommessteuer ubelaangt, gesäit de Projet nach verschidde Steiererliichterunge fir physisch Persounen op der Verméigenssteuer vir, an zwar soll en Abatement vu 75.000 Euro op der Evaluatioun vun de Renterechter, wéi zum Beispill Renten aus enger Assurance Prévoyance-Vieillesse, agefouert ginn; des Weidere soll e Fräibetrag vun därselwechter Héicht fir Rechter op Liewensversécherungen oder aner Renteversécherungen, déi nach net verfall sinn, agefouert ginn; a schliesslech soll den Abatement fir Geldbetrag, Spuerkonten a verschidden Titre vun 1,5 Milliounen Frang op 75.000 Euro erhéicht ginn. Dat mécht also eng Augmentatioun vun den Abatementer op der Verméigenssteuererklärung vu 7,5 Milliounen Frang aus.

Och um Plang vun den Droits d'enregistrement ass eng Verschäerfung vun der Besteuerung virgesinn. An zwar soll an Zukunft den Droit d'enregistrement och op der Cessioun vu Parte vun enger Gesellschaft, deenen hiren Actif bal ausschliesslech aus Immeublé besteet, verrecht ginn. Bis elo waren d'Cessiounen vun deene Parte vum Droit d'enregistrement entbonnen, wat zu graven Abüen gefouert huet, déi ee gerechtgeektheshalber vis-à-vis vun enger Cessioun vun Immeublen huet missen eliminéieren.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, no der Besteuerung vun de physische Persounen kommen ech elo op d'Besteuerung vun de Betriber. Wat déi Besteuerung ubelaangt, esou sinn am Projet eng Reduktioun vum Tarif an eng Rei vu Steiererliichterungsmoosnamen virgesinn. Vun deenen Erliichterungsmoosnamen hunn déi eng

éischter en direkten Afloss op d'Steierreduktioun, anerer stellen éischter Moosnamen duer, déi nei, modern Gesellschaftsstrukturen, am Kontext vun enger globaliséierter Wirtschaft, fiskalesch méi favorabel begleet sollen.

Am Kontext vun der Betriibsbesteuerung muss een awer ervirhiewen, dass d'Entreprises, déi ënnert der Form vun enger Einzelperson oder ënnert der Form vun enger Personengesellschaft gefouert ginn, nom Tarif vun der Akommessteuer fir physisch Persounen, dee mer elo grad gesinn hunn, besteiert ginn.

D'Kapitalgesellschaften falen ënnert den Tarif vun der Kollektivitéitssteuer. Deen Tarif gesäit nëmmen zwee Steiersätz vir: Ee reduzéierte Steiersaz vun 20% op deenen niddrege Revenue bis zu 400.000 Frang, an en erhöchten Taux op de Revenue vun iwwer 600.000 Frang. Den héijen Taux war bis elo 30%. Dee gëtt duerch d'Reform op 22% erfesat. Dat bedeit e steierlechen Avantage vun ëmmerhi 26,6%, wat fir d'Kompetitivitéit vun eise Betriiber an d'Attraktivitéit vum Standuert Lëtzebuerg vu grousser Bedeitung wäert sinn. Mat deem Taux läit Lëtzebuerg op zweeter Plaz, wat deen niddregste Steiersaz an de Länner aus der Unioun betrëfft.

Zu de Steuererliichterungsmoosnamen, déi ech als direkt steierreduzéierend géng bezeichnen, hu mer d'Steierbonifikatioun op den Investissementer an d'Imputatioun vun der Verméigenssteuer bei de Kapitalgesellschaften.

Den Artikel 152bis vum Steiergesetz gesäit eng Steuerbonifikatioun fir Investissementer vir. Dës Bonifikatioun trëfft op all Betriiber zou, déi gewerbesteierpflichteg sinn, egal ob se als physisch Persounen oder als Kapitalgesellschaften besteiert ginn.

Den Artikel 152bis gesäit eng Bonifikatioun fir zousätzlech Investissementer vun 12% an eng fir global Investissementer vu respektiv 6% an 2% vir. Den initiale Projet huet proposéiert, déi Steiersätz op 8,4%, 4,2% an 1,4% erfesetzen, dofir awer déi immateriell Gidder, wéi Brevet an Logiciellen an d'Berechnung fir d'Bonifikatioun mat ze integrieren.

D'Reduktioun vun deenen Tauxen huet awer zu vehemente Kritik gefouert, dës ëmsou méi wéi de Projet gebrauchte Gidder, dat heescht, Gidder aus zweeter Hand, déi am Ausland akaaft ginn, an Zukunft vun der Bonifikatioun wollt ausschléissen. Doriwwer eraus war d'Regierung net bereet, deen am Betriib intern erschafte Logiciel, dee jo iwwert d'Werbungskäschten all Joer vum Benefiss ofgesat gëtt, och nach ënnert d'Bonifikatioun falen ze loossen. Op Grond vu ville Gespréicher, déi de Ministère an d'Verwaltung mat der Berufswelt haten, huet d'Regierung decidéiert, fir de Logiciel einstweilen aus der Bonifikatioun auszuschléissen, fir d'Taxe vu 6 an 2% op de globalen Investissementer bestoen ze loossen a fir den Taux vun

den Zousatzinvestissementer vun 12% op 10%, an net wéi am Ufank virgeschloen op 8,4% erfesetzen.

Wat de spezielle Fall vun enger Betriibsgrennung ubelaangt, esou wëll ech hei net drop agoen, de Kollege Lucien Clement wäert a senger Interventioun nach méi am Detail dorop zrëckkommen.

Dann zur Imputatioun vun der Verméigenssteuer op d'Kollektivitéitssteuer. Den Artikel 174 gesäit vir, dass d'Kollektivitéiten hir Verméigenssteuer vun der Akommessteuer kënnen ofsetzen, ënnert der Konditioun, dass se de fënneffache Betrag vun där Steuer während fënnef Joer als Reserv an hirem Bilan uféieren. Dës Bestëmmung ass geduecht fir déi Gesellschaften, déi Reserven uleeën, net fir déi Gesellschaften, déi hire ganze Benefiss ausschëdden, ze benodeelegen. D'Reserven erhéijen nämlech d'Betriibskapital, dat fir d'Berechnung vun der Verméigenssteuer a Betracht gezu gëtt, an doduerch noutgedrungen och d'Verméigenssteuer.

Dës Moosnam vum Artikel 174 hat awer en Nodeel, an zwar fir déi Gesellschaften mat héijen Investissementer, also mat engem zoliddem Betriibskapital, déi doduerch eng héich Verméigenssteuer ausweisen. Wann déi zum Beispill och nach en héije Benefiss erwirtschaften, wat meeschtens de Fall ass, da gëtt d'Assiette fir d'Kollektivitéitssteuer iwwert de Wee vun der Steuerbonifikatioun fir Investissementer praktesch op null erfesat, esou dass se keng Akommessteuer ze bezuelen hunn. Déi kënnen also déi héich Verméigenssteuer, déi op hirem groussen Investissement läit, net vun der Kollektivitéitssteuer ofsetzen, well se jo duerch d'Bonifikatioun keng méi ze bezuelen hunn. Hir Verméigenssteuer mussen se awer weider bezuelen. Fir si war den Effet vun der Imputatioun gläich null.

Och fir d'Filiale vun auslänneschen Maisons mère war dës System vu geringem Interessi, well d'Akommessteuer am Ursprungsland vun dem Mammenhaus geschëllt ass, an domat déi néideg besteierbar Basis bei eis am Land gefeelt huet, fir d'Verméigenssteuer ze imputéieren.

Dës Fall hunn d'Regierung derzou verleet, de System vun der Imputatioun ze änneren. De Projet gesäit vir, dass an Zukunft déi Imputatioun vun der Verméigenssteuer net méi op der Kollektivitéitssteuer, mä op der Verméigenssteuer selwer geschéie soll. Doduerch profitéieren déi viséiert Gesellschaften och vun där Imputatioun.

Zu deene méi steiertechneschen Moosnamen am Interessi vun neie Gesellschaftskonstruktiounen am Kontext vun enger progressiver Globaliséierung vun der Ekonomik géif ech

- d'Empreinte vun enger Kapitalgesellschaft op eng Personengesellschaft;
- de Régime des sociétés mère et filiales;
- de Régime vun der steierlecher Integratioun an

- dee méi gönschtege steierlechen Traitement vun de Plus-valuë bei enger Restrukturéierung vu Gesellschaften zielen.

Kucke mer fir d'éischt d'Empreinte vun enger Kapitalgesellschaft op eng Persounengesellschaft.

Et schwätzt ee vun enger Empreinte, wann d'Kapitalgesellschaft de majoritären Associé oder Associé commandité an där Persounengesellschaft ass. Doduerch kritt de Revenu vun der Persounengesellschaft e kommerzielle Charakter an d'Gesellschaft kann esou vu verschiddene steierleche Virdeeler profitéieren, déi nëmmen op e kommerzielle Benefiss kënnen applizéiert ginn, wéi zum Beispill de Report vu Perten, d'Steierbonifikatioun op den Investissementer an d'Net-Opdecke vu Plus-valuen am Fall vun enger Liquidatioun. Par contre fält de Benefiss vun der Persounengesellschaft net ënnert d'Kollektivitéitssteuer, mä ënnert d'Akomessteier vun de physische Persounen. Doduerch gëtt d'Duebelbesteuerung bei dem Ausschëdde vun de Benefisser évitéiert. Dës juristesche Konstruktioun gëtt haut heefeg bei Persounengesellschaften gebraucht, där hir Aktivitéit haaptsächlech an der Gestiou vu Privatverméigen, der Locatioun vun Immeublen oder der Gestiou vu Participatiounen besteet. An dësem Projet gëtt de Régime vun der Empreinte am Sënn vu méi enger grousser juristescher Transparenz textlech verankert.

Wat de Régime vun de Sociétés mère et filiales ubelaangt, esou gesäit d'Gesetz vir, dass den Dividend, dee vun enger Filial un d'Mammenhaus ausbezuelt gëtt, steierfräi ass, wann d'Maison mère onënnerbrach während mindestens zwielef Méint eng Participatioun an där Filial vu mindestens 10% vum Kapital oder vu mindestens 50 Milliounen Frang hat.

De Projet gesäit vir, dass déi indirekt Participatiounen, déi d'Mammenhaus iwwert eng Persounengesellschaft an där Filial huet, fir de Seuil vun 10% respektiv 50 Milliounen ze errechen an Zukunft considéiert ka ginn. Eng aner Verbesserung vum Régime "des maisons mère" et filiales läit a méi enger soupler Besteuerung vun engem Dividend "avant acquisition".

D'Reform gesäit awer och eng méi streng Moosnam fir dës Régime vir. An zwar proposéiert de Projet, dass an Zukunft d'Dividende vun enger requalifizierter Participatioun während fënnf Joer vun de Benefisser vum "Régime des maisons mère et filiales" ausgeschloss sinn.

Och de modifizéierte Règlement grand-ducal, deem dem Projet annexéiert ass, gesäit verschidden Assouplissementer vun der Besteuerung vun de "Plus-values" am Fall vun enger Cessiou vun enger "Participation importante" vun der Maison mère an enger Filial vir. Bis elo konnten déi Plus-valuen nëmme vun de Steieren exonéiert ginn, wann dem Cédant seng Participatioun an där Gesellschaft mindestens während enger Period vun zwielef Méint bestanen huet a wann déi Participa-

tioun mindestens 25% vum Kapital oder méi wéi 250 Milliounen Frang uitgemaach huet.

Deen neie Règlement grand-ducal gesäit vir, dee "Seuil de participation" vu 25% op 10% erofzesetzen a vun 250 Milliounen op sechs Milliounen Euro. Derniewent gëtt duerch d'Reform, d'Exonératioun vun de Plus-valuen op d'Cessiou vun Titre vun engem Etablissement stable vun enger Gesellschaft, déi net am Land etabléiert ass, ausgedehnt. Datselwecht geschitt fir d'Gesellschaften vun engem aneren EU-Land, déi an der europäescher Direktiv vun 1990 opgefouert sinn.

Zum Régime vun der steierlecher Integratioun ass ze bemerken, dass all Gesellschaften, déi an engem Grupp integréiert sinn, hir Benefisser an hir Perten ënnerenee kompenséieren kënnen. D'Konditioun ass déi, dass déi dominant Gesellschaft e gewëssene Prozentsaz vum Kapital vun hire Filialen direkt oder indirekt besëtzt. Dës Prozentsaz war ëmmer 99%. Hie gëtt op 95% erofgesat. Och d'Konditioun, dass d'Filial ekonomesch an organisatoresch an der Société dominante misst incorporéiert sinn, fält nom Projet ewech. Dës nei Mesurë stellen eng wesentlech steierlech Erlichterung fir d'"Société de participation financière" (SOPAFI) duer, där vill zu Lëtzebuerg etabléiert sinn.

Zum Schluss nach e Wuert iwwert d'Restrukturéierung vun de Gesellschaften. Als Restrukturatioun vu Gesellschaften ginn d'Fusiounen, d'Scissiouen an den Apport d'actif vun enger Gesellschaft an déi aner considéiert. Am Prinzip gëtt esou eng Restrukturatioun als eng Cessiou vun där Gesellschaft, déi opgeholl gëtt, betruucht. Déi opgedeckte Plus-valuë vun der opgeléister Gesellschaft missten am Prinzip besteiert ginn. Fir esou Regruppementen vun Entrepreneuren an enger Zäit vu globaliséierter Wirtschaft awer ze favoriséieren, gesäit eist Gesetz e Sursis vun der Besteuerung ënnert enger Bedingung vir. D'Bedingung ass déi, dass déi Gesellschaft, déi no der Restrukturatioun nach bestoe bleift, muss an hirer Kontabilitéit d'Bilansposten mat de Buchwäerter vun der Gesellschaft, déi opgeléist gëtt, iwwerhuelen.

De Projet gesäit am Fall vun der Restrukturatioun zwou wichteg Neierunge vir:

1. Den Echange vun de Partë féiert zu kenger Besteuerung, och wann de Bénéficiaire eng Ausgleichsentschiedegung, dat heescht eng Soulte, vu weëner wéi 10% vun der Valeur nominale vun den ausgetoschene Partë kritt.
2. Am Fall vun enger Fusioun oder Scissiou vun enger einheimischer Gesellschaft mat enger Gesellschaft aus engem aneren EU-Land, huet déi nei Gesellschaft d'Wiel, den Apport vun der cédierter Gesellschaft entweder zur Valeur comptable oder zu engem Wäert, deem tëschent der Valeur comptable an der Valeur d'exploitation läit, an hir Kontabilitéit ze iwwerhuelen. Dat ass eng wichteg Mesur, well se vu vireran eng Partie vu Plus-valuë kontabilitéitsméisseg neutraliséiert.

Ech hunn um Ufank vu mengem mëndleche Rapport als een Objektif vun der Reform d'Promotioun vun neien a bestehende Produkter vun eiser Finanzplaz gesinn. An zwar, well d'Reform eng Rei vu Mesurë virgesäit, déi a mengen Aen d'Kommerzialisatioun vun deene Produkter an der Zukunft steierlech besser begleeten. Déi Produkter, déi ech viséieren, sinn d'Liewensversécherungen a besonnesch d'Assurance-Prévoyance-Vieillesse, an a méi engem klengen Mooss de Certificat audio-visuel an de Certificat capital-risque.

D'Gesetz iwwert d'Pensiounsfonten, dat virun e puer Joer hei an der Chamber gestëmmt gouf, koom net esou richteg zum Drogen, well besonnesch de steierleche Virdeel vun deene Produkter net interessant genuch geschéngt huet. De Projet gesäit eng Rei vu Moosname vir, déi dës Schwaachpunkte behiewe sollen.

Esou goufen zum Beispill fir d'Assurance-Prévoyance-Vieillesse eng Rei vu Verbesserungen proposéiert:

1. De Plaffong vun de Cotisatiounen, déi bei der Besteuerung kënnen ofgesat ginn, ass drastesch erhéicht ginn, a wat besonnesch interessant ass, dee Plaffong geet progressiv mam Alter vum Preneur vun der Assurance an d'Luucht.
2. Am Stierffall vum Preneur vun der Versécherung sollen d'Cotisatiounen un d'"Ayants droit" zréckbezueelt ginn.
3. D'Prestatioun vun der Assurance kann elo deelweis an engem Versement vun engem Capital unique bestoen, deen awer héchstens d'Halschent vun der Prestatioun därer ausmaachen. Deen aneren Deel vun der Prestatioun muss an der Form vun enger Monatsrent ausbezueelt ginn.
4. D'Monatsrent, déi ausbezueelt gëtt, ass zur Halschent steierfräi, an deen eemolege Versement gëtt mat engem Taux préférentiel vum halwen Duerchschnittstaux besteiert.
5. Bei der Verméigenssteuer ass en Abatement vu 75.000 Euro fir dës Produkter virgesinn.

Mat dëser Mesurë gedenkt d'Regierung d'Produkter vun de Pensiounsfonten fir de Preneur d'assurance méi interessant ze gestalten, an doduerch hir Commercialisatioun am Interêt vun den Assurancen ze verbessern.

Wat de steierlechen Avantage vun de Certificats audiovisuels a capital-risque ubelaangt, sou läit deen de Moment an engem Abatement, deen ee vum besteierbare Revenu ofzéie kann. De Steiervirdeel ass mathin Funktioun vum Steiersaz. Well d'Steiersaz, souwuel bei der Kollektivitéitssteuer wéi och bei der Akommessteuer fir physisch Persounen, drastesch reduzéiert ginn, gëtt de steierleche Virdeel fir d'Propriétaire vun deene Certificaten duerch d'Reform reduzéiert. Dofir proposéiert d'Regierung an Zukunft eng Steuerbonifikatioun amplaz vun engem Abatement op dës Certificaten ze akkordéieren. D'Héicht nämlech

vun enger Bonifikatioun ass onofhängeg vum Steiersaz vun der Akommessteuer respektiv vun der Kollektivitéitssteuer.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, nach e puer Wuert zur Gewerbesteier. An der Regierungserklärung gouf proposéiert, dës Steuer ofzeschaffen, ënnert der Bedingung natierlech, datt een en equivalent System fanne géif, dee besonnesch d'Finanzkapazitéit vun de Gemengen garantéiere géif. Well deem awer net esou war, an d'Betriber awer och iwwert de Wee vun der Gewerbesteier entlaascht sollte ginn, gouf proposéiert, den Taux d'assiette vun der Gewerbesteier vu 4% op 3% erofzesetzen. Well d'Gewerbesteier awer fir d'Kapitalgesellschaften an Zukunft net méi vun hirer eegener Assiette nach vun der Assiette vun der Kollektivitéitssteuer ofsetzbar ass, gëtt de Steierausschlag, deen duerch d'Erofsetzen vum Taux vun der Gewerbesteier entstet wier, e weénege reduzéiert.

Et sief nach bemierkt, dass de Projet virgesäit, den Taux vun der Taxe d'abonnement vun 0,06 op 0,05% erofzesetzen.

Här President, well d'Zäit mer fortleeft, wëll ech déi Dealer, wat d'Applikatioun vun der Reform op déi kleng a mëttel Betriber an op d'Gemengen, souwéi wat de Käschtepunkt vun der Reform ubelaangt, deen ee jo am Detail am Rapport écrit erëmfënnt, iwwersprangen.

Nach e lescht Wuert awer zur Reorganisatioun vun der Verwaltung, déi am Projet initial proposéiert war. D'Aufgabe vun der Steierverwaltung heefe sech doduerch, datt d'Steierrecht ëmmer méi komplex gëtt, wat dës Reform nach eng Kéier kloer ënnersträicht. Dofir gëtt awer och d'Responsabilitéit vun deenen eenzelne Beamten méi grouss, an dat besonnesch um Niveau vun der Direktioun. Donieft muss ee wëssen, datt d'Promotiounen vun de Fonctionnaires an der Verwaltung un d'Poste vun deenen eenzelne Services gebonnen sinn, wat u sech eng gutt Saach ass, well besonnesch an der Steierverwaltung e gewëssene Roulement vun de Beamten assuréiert bleiwe muss. Dat huet awer den Nodeel, datt een op héich spezialiséierte Posten ëmmer erëm nei Leit uléiere muss, wat fir de Fonctionnement vun deene Services vu groussem Nodeel ass. Aus all deenen Ursaachen hat d'Regierung och proposéiert, dës Steuerreform duerch eng Reorganisatioun vun der Verwaltung déi néideg Mëttelen ze verschafen, fir déi Reform och um personale Plang optimal ze begleeten. De Statsrot huet zu dësem Deel vum Projet eng formell Oppositioun gemaach, net well hien d'Opportunitéit vun der Reorganisatioun net uerkennt géif, mä méi aus Prinzip, well hien der Meenung ass, dass d'Personalfroen, déi d'Fonction publique betreffen, net an engem Spezialgesetz ënnerbruecht solle ginn. Ausserdeem huet hien an ähnleche Fäll den Accord zu sou Moosname refuséiert, dofir huet hie sech och hei obligéiert gefillt – pour des raisons d'équité – eng formell Oppositioun

auszusprechen. D'Finanz- a Budgetkommissioun huet awer dorophon unanimement beschloss oder virgeschloen, eng Proposition de loi fir d'Reorganisatioun vun der Verwaltung sou séier wéi méiglech op den Instanze- wee ze reechen.

Här President, ech wéilt zum Schluss vu menger Ried de Kollegeen aus der Kommissioun villmools merci soe fir hir Mataarbecht an Ënnerstëtzung, awer besonnesch dofir, dass se mech als Rapporteur vun dësem Projet beopdraagt hunn. E besonnesche Merci dofir dem Kolleg Lucien Weiler, dee mech jo als Rapporteur proposéiert huet. Dee Rapport huet zwar vill Aarbecht kascht, ech hunn awer ganz vill bäigeléiert, wat mer immens vill Satisfactioun bereet.

Här Minister, nach zum Schluss: Selten a menger Karriär hunn ech e Gesetzesprojet virfonnt, deem a sengem Exposé an a senge Kommentären zu den Artikelen sou étofféiert, sou explizit a sou kloer war. Dat huet mir fir d'Redakioun vum Rapport grouss Schwierigkeete bereet. Et war net einfach nämlech, eppes aneshtes, wat Kapp a Fouss hätt, op d'Blat ze bréngen. Ech wéilt awer vun dëser Plaz dem Administrateur général aus dem Finanzministère an de Beamten aus der Steuer- verwaltung zu hiner Aarbecht félicitéieren an hinne villmools merci soen, fir déi vill a prezis Explicatiounen, déi si mir fir d'Verstoe vum Projet an d'Redakioun vu mengem Rapport geliiwert hunn.

Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix. - Très bien!

M. le Président. - Als éischte Riedner ass den Här Claude Wiseler agedroen. Den Här Wiseler huet d'Wuert.

M. Claude Wiseler (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt ufänken, andeem ech mäi Fraktiounschef, den Här Weiler, deem normalerweis dës Ried hätt hale mussen, hei entschëllegen. E kann haut net hei sinn, soudass ech dat dann a senger Plaz maachen.

Ech wëll u sech do ufänken, wou den Här Hauptert opgehalen huet, mat engem Merci, haaptsächlech un hien. Ech wëll him félicitéieren an him fir deem ëmfaas- senden an déif gräifende Rapport merci soen. Hien huet u sech op dëser Tribün en Husarestéck fäerdeg bruecht, andeem et him gelongen ass, eng u sech héich komplizéiert Matière sou ze explizéieren, datt jiddferee mengt, se wier einfach. Dofir verdéngt en eis Uner- kennung.

Steuerreformen am extensive Sënn vum Wuert si Phänomener, déi zu Lëtzebuerg seele virkommen. Sou hu mir an deene leschte Joren zwar steuerlech Abaissementer souwuel fir d'Haushalter wéi fir d'Betriber erlieft, mä déi grouss Linne vun eisem aktuelle Steiersystem sinn zënter der Reform vun 1991 déiselwecht.

Den 1. Januar 2002 trëtt elo e Steierpak a Kraaft, deem een erëm als Reform bezeechne kann a fir deem et am Ausland kengem afale géif, en aneren Numm ze gebrauchen. Net nëmmen, datt een d'Tariffer vun der Loun- a vun der Kollektivitéitssteuer nennenswäert no ënne revidéiert, wat u sech schonn e bemierkenswäerte Virgang ass bei der Envergure vun der Operation, mä e beinhalt eng ganz Panoplie vun Dispositiounen, déi eis Steuerrecht am Sënn vu modernen, wirtschaftleche Realitéiten erweideren.

Ier ech awer bei d'Steierreform vun 2002 als solch kommen, oder vill méi bei hire politeschen an ekono- mesche Kontext an hir Implikatiounen wéi bei hiren inhaltlechen Detail, deem de Rapporteur Norbert Hauptert schonn op exzellent Mannéier hei exposéiert huet, halen ech et fir sënnavoll, kuerz op déi rezent Geschicht vun eisem Steierwiesen anzegoen. Dono wäert ech mech haaptsächlech nach kuerz mat de Verbesserungen zugonschte vun de physesche Persounen beschäftegen, ier d'Kollege Lucien Clement a Laurent Mosar op d'Betriebsbesteuerung an déi Finanzplaz-relevant Aspekter vun der Reform aginn.

Et gëtt jo Leit, déi dëser Steuerreform ex qualité e bësse kritesch a skeptesch entgéintstoe mussen an deemno Usäz fanne mussen, fir dës Reform als eng Reförmchen duerzestellen, déi fir verschidden ze wäit a vill anerer net wäit genuch geet, déi anscheinend net selektiv genuch ass an am Ensemble d'Finanzkapazitéit vum Stat a Fro stellt.

Keng vun dëse Kriticken hält – a mengen Aen – d'Strooss. Eise Steiersystem – ech hunn et schonn ugeschnidden – datéiert a senge grouss Linne vun 1991. Deemools huet eng ëmfaassend Steuerreform stattfonnt, déi sech parlamentaresch an engem Rapport vun 118 Säiten néiergeschloen huet, dee vun zwee Deputéierte virgedroe gouf. Ee vun deene Rapportere vun deemools ass haut Fraktiounschef vun der gréisster Oppositiouspartei. Dofir weess den Här Krecké och a besser wéi vill anerer, dass dës Reform eigentlech déi logesch Suite an déi logesch Fortsetzung vun der Reform vun 1991 ënnert den aktuellen ekonomesche Rahmenbedingungen ass, an en erënnert sech, wéi all déi, déi deemools schonn op där selwechter Plaz, zwar an engem net esou feierleche Sall wéi haut, mä op där selwechter Plaz, wat virun eelef Joer gesot ginn ass.

(Interruption)

Ech fannen de Sall awer feierlech.

1990 huet de Finanzminister Jean-Claude Juncker dee grouss steuerleche Reformprojet deponéiert, deem an der Regierungserklärung vun 1989 ugekënnegt gi war.

Dësem Dépot waren déif gräifend steierpolitesch Reflexiounen während praktesch de ganzen achtzeger

Jore virusgaang, déi zënter de Fördermassnahme fir d'ARBED 1982 bis 1983 beschloss goufen an eng ganz speziell Dynamik kruten.

De Steiersystem war deemools nach op der fiskaler Organisatioun vun 1967 opgebaut. Déi hat natierlech nach gesellschaftlech Realitéiten an ekonomesch Zoustänn als Grondlag, déi e Véireljarahonnert méi spéit net méi gestëmmt hunn. Dëst huet d'Noutwendegkeet beinhalt, grad wéi haut erëm, dat fiskalt Gebare vum Stat mat de wirtschaftlechen an de gesellschaftleche Realitéiten an Aklang ze bréngen.

1990 hat Lëtzebuerg e Steiersystem, dee fir déi physisch Persounen am europäesche Verglach staark belaaßtend war. En huet keng favorabel Behandlung vu bestuetene Koppele kennt an déi prinzipiell Belaaschtung vun den Haushalter war duerch d'Nofinanzéierungsnoutwendegkeet vun de Käschte vun den Ënnerstützungsmoossname fir d'ARBED natierlech nach an d'Luucht gaangen. Alles an allem stung Lëtzebuerg 1990 kuerz virum Akraafttriede vum europäesche Bannemaart am Verglach zu aneren europäesche Länner net ganz gutt do.

E puer Beispiller sollen déi Behauptungen ënnermolen. Et ass och vläicht wichteg erëm un déi Zäit ze erënneren, well et eng aner ass wéi haut, zumindest steierpolitesch gesinn. De Spëtzesteiersaz vun deemools louch bei 56% a gouf vun engem Revenu vun 1,32 Milliounen Frang un erhuewen. De Steuerfräibetrag louch bei just 170.000 Frang a vun do un huet de Basistaux vun 10% gegräff, deen dann an Tranche vun 2% bis op 56% eropgaangen ass. Ze séier fir Leit mat mëttleren Akommen, wat zu deem sou genannte Mëttelstandsbockel gefouert huet, deem seng Ausbigelung eent vun den expliziten Ziler vun der Reform vun 1991 war.

(M. Willy Bourj prend la Présidence)

En Akommes vu 750.000 Frang, wat dem heiteg qualifizéierte Mindestloun entsprécht, gouf bis op 38% besteiert. En Akommes vun enger Millioun mat bis zu 48%. Och bei de klengen Revenuen war de steierlechen Zougrëff haart. Eng Persoun, déi en Akommes hat, wat dem heitege RMG entspréche géif, also knapps 400.000 Frang am Joer, gouf domadder mat bis zu 24% besteiert.

Dir gesitt, déi Zoustänn waren nach anerer wéi haut. Dat, wat 1991 geschitt ass, léisst sech an der Ursächlechkeet, an der Inspiratioun an a sengem erwünschten Effekt mat deem vergläichen, wat 2002 passéiere wäert. Déi kleng Revenuen goufen deemools entlaascht, andeem Tranché vum Tarifftëschent zéng an 20% erausgeholl goufen, soudass de Basistaux vun 10% – deen eréischt vun 220.000 Frang un erhuewe gouf, soudass 52.000 Frang Joresakomme méi wéi am Virjoer steierfräi waren – bis zu engem Revenu vun 324.000 Frang gegollt huet.

Och den Héchststeiersaz gouf op 50% erofgefouert a vun engem Akommes vun 1,27 Milliounen Frang un

erhewen. Domat krut de Lëtzebuurger Tarifft méi e leeschtungsfrëndlechen Ustrach. Dëst huet a sech de Mëttelstandsbockel am Sënn vun enger staarker Progressivitéit vun der Steuer op relativ niddrege Joresakommen nach net ausgebigelt, obwuel bei de Revenuen vun iwwert enger Millioun d'Senkung vum Spëtzesteiersaz sech natierlech bemierkbar gemaach huet. Dofir ass jo dann och 1998 nach an deem Sënn e Schub nogeluecht ginn, fir esou zousätzlech dat, wat u sech d'Réckgrat vun der Lëtzebuurger Ekonomik ass, nämlech de Mëttelstand, zousätzlech ze ënnerstëtzen.

Virun allem awer gouf 1991 den heitege Steuerklassestystem geschaf, an deem bestuete Leit a Leit mat Kanner nennenswäert besser ewechkomme wéi virun 1991. De Prinzip, dass bei der bestuete Koppel den Tarifft op den duebele Revenu applicabel ass, par rapport zu der Besteuerung vun engem Jonggesell, ass vun deemools. D'Modération d'impôts fir d'Kanner am Stot och. Eng ganz Rëtsch vun deenen insgesamt 19 steierlechen Abatementer hunn hiren Ursprung an der deemoleger Reform. Am Ensemble gouf also 1991 fir d'Haushalter eng Reform vollzunn, déi familljen- a kannerfrëndlech a leeschtungsorientéiert war a Lëtzebuerg am europäesche Kontext an e méi frëndlecht Ëmfeld gefouert huet.

Bei de Betriber hu mer deemools eng Rei Dispositiounen agefouert, déi hinnen et erlaabt hunn, op Konkurrenzfäeg Mannéier Ofschreiwungen ze maachen, hire Beschäftegten Advantage-en-naturen zoukommen ze loossen an anerer méi.

Ech wëll dee Volet hei net esou laang belichten. D'Reform vun 1991 war also, grad wéi déi vun haut, zu engem gudden Deel vu compétitivitéitsrelevanten Iwwerleeungen inspiréiert. Eist Land stung deemools erëm op stabile finanzielle Fundamente, grad wéi haut hate mer deemools Plus-valuen, déi sech an enger gewësser Konstanz ageschriwwen hunn. Et war deemno méiglech – nodeem d'Noutwendegkeet vu sou enger Démarche scho méi laang erkannt war – d'Belaaschtung vun den Haushalter an den Entreprise spierbar zréckzehuelen. D'Steiererliichterunge vun 1991 hu sech bis 1993 duerch substantiell steigend fiskal Ertrag scho géigefinanzéiert gehat. D'Reform hat op alle Fronten deen erwünschten Impakt. 1991 schonn hat d'Reform als Konsequenz den RMG faktesch vun der Lounsteuer ze befreien an déi niddreg Léin méi liicht ze belaaßten. Vun 1991 un hu vill Leit am Land keng oder nëmme méi ganz wéineg Steiere bezuelt.

1998 huet dee Phenomeen sech nach nennenswäert intensivéiert a vun 2002 un ass den RMG integral steierfräi, während d'Mindestlounëmfänger just nach als Jonggeselle Steiere bezuelen an dat mat engem duerschnëttleche Saz vun ënner 10%.

D'Reform vun 2002 geet vläicht net esou wäit wéi déi vun 1991, mä dat ass, denken ech, völeg normal. Schliesslech sinn d'Grondausrichtungen vun der Steuer-

politik, wéi se deemools definéiert goufen, nach ëmmer richteg a gutt, wat u sech fir d'Wäitsicht vun der Lëtzebuenger Fiskalpolitik schwätzt. Mä d'Reform vun 2002 beinhalt an der Kontinuitéit vun 1991 ganz substanzuell steierlech Entlaaschtungen fir all Mënsch, déi alt nees eng Kéier vun zwee Facteure konditionéiert sinn.

1. D'Steierkompetitioun ass an Europa méi hefteg ginn, a Lëtzebuerg ka sech dauerhaft net an den Abseits manövréieren loossen, wa mer eis Standuertvirdeeler wëllen erhalen, wat mer iwwerengens müssen, fir eisen aktuelle Wuelstand ofzesécheren.

2. Den excellenten Zoustand vun de Statsfinanze léisst eng Reform vun där geplanter Envergure zou, well vergaange Beispiller beleechen, dass Steierreforme sech bannen e puer Joer duerch hiren tonifianten Effekt géigefinanzéieren.

Ech hu gesot, d'Reform vun 2002 bréngt Entlaaschtungen fir all Mënsch. Dat ass net ganz wouer, well se natierlech nëmme Steierzueler kann entlaaschten, a vill Leit bezuelen hei am Land nun emol keng Steieren. Op dee Phänomen kommen ech spéider nach kuerz zréck.

D'Reform vun 2002 geet wäit. Ech denken, dass se ganz wäit geet. De Rapporteur huet schonn drop higewisen, an ech ënnersträichen hei nach eng Kéier, dass 2002 par rapport zu 2000 iwwer 30 Milliarde Frang d'Joer manner Steiere wäerten erhewe ginn.

D'Fro, déi muss beäntwert ginn, ass: Geet se ze wäit? Vun deenen enge gëtt gesot, dass souwuel bei der Besteuerung vun den héije Léin, speziell bei der Betrëbsbesteuerung, iwwert d'Zil géif erausgeschoss ginn, an doriwwer eraus wier d'Reform net vun där noutwendeger sozialer Qualitéit. Déi aner behaupten, dës Reform wier op Sand gebaut, well se net cibléiert genuch wär, se just duerch eis excessivt Matspillen an enger Steierdumpingskompetitioun géif verklären an d'Finanzéierungskapazitéit vum Stat a Fro géif stellen.

Här President, ech hunn et schonn uganks gesot, all dës Virwërf an Ufeindungen géint d'Steierreform halen a mengen Aen d'Strooss net. Si weisen u sech eng Oppositioun, déi a groussen Deeler steierpolitesch eigentlech mat der Regierung d'accord ass, mä als Oppositioun eng Rei Kriticke wëllt a muss fannen. An der Saach wëssen déi eng an déi aner ganz gutt, dass dës Reform, eosu wéi se virläit, mat den Arbitragen, déi se operéiert, a mat den Erlichterungen, déi se gëtt, eng noutwendeg Moossnam ass zur Konsolidéierung vun eise Standuertvirdeeler bei de Betrëber an zur Stärkung vun der Kafkraaft an dem Konsumwëlle vun den Haushalter, an zwar esou wéi se elo gemaach gëtt.

Bei de Betrëber ass et eendeiteg, dass Lëtzebuerg, wann et op 5. oder 6. Plaz am europäesche Concert vun de Betrëbssteuersätz läit, op Dauer doduerch e Kompetitivitéitsschwund wäert erliewen. Mir kënnen net an Zäite vun enger extrem héijer fiskaler Mobilitéit vun de

Servicebetrëber, grad am Beräich vun de Finanzen an an deem vun de Secteurs de pointe, Betrëbsusiedlungspolitik bedreiwen andeems mer de Betrëber soen, si hätten hei 37,5% Steieren ze bezuelen, well da gi se éierens anescht. Éischt grouss Betrëber hunn dat scho gemaach oder denken haart hei zu Lëtzebuerg driwwer no. An anerer géifen nozéien, an dat si just déi, déi schonn hei sinn.

Mir brauchen der awer nach, fir eis Wirtschaft weider ze diversifizéieren a fir déi wirtschaftlech Dynamik ze erhalen. Fir eis aktuell sozial Sécherungspolitik an déi Investissementer ze garantéieren, brauche mer weider Entreprises op eise Territoire, an déi kommen net vum selwen. Si kommen net heihinner, wa mer Kollektivitéitssteuersätz praktizéieren, déi, wa se net erofgesat gi wieren, d'nächst Joer quasi duebel esou héich wäert wéi déi vum ireschten, oder elo 5% iwwert deem däitsche leien.

Fir Lëtzebuerg – d'Struktur an d'Ausrichtung vun eiser Wirtschaft soen dat aus – ass et keng Optioun, sech just am ieweschte Mëttelfeld ze positionéieren, wann et ëm Betrëbsbesteuerung geet. Mir müssen hei am Spëtzeloton matfueren, och wann de Finanzsektor selwer zënter en etlecher Zäit schonn eng massiv Senkung vun der steierlecher Laascht op de Gesellschaften gefuerdert huet. Mir maachen déi Reform net, well si et gesot hunn. D'Politik hat scho selwer den Handlungsbedarf erkannt, mä mir maachen et och fir de Finanzsektor ze konsolidéieren, well dee Finanzsektor brauche mer dréngend an noutwendeg. Ech denken, dass do einfach Eweckkucken net déi richteg Politik wier.

Den Här Bausch huet virun e puer Deeg iwwert den Dumping geschwat. Bei der Betrëbsbesteuerung féieren ech déi Diskussioun nawell gäre mat. Da schwätze mer nämlech emol iwwert d'Betrëbsbesteuerung an Europa, déi den Ecofin op lëtzebuergeschen Drock op den Ordre du jour geholl huet. Da schwätze mer iwwer grouss international Konzern, déi hiren europäeschen oder weltwäiten Zentralsätz an engem belsche Centre de coordination hunn, wou se 2% Kollektivitéitssteuer oder e wéineg méi, jee nodeem, bezuelen. Da schwätze mer iwwert d'New Bond Street zu London, wou Dausende Bréifkëschtgesellschaften ugesiedelt sinn, an dat sinn der eng Rei méi wéi zu Wäisswampech, déi sech all ouni wirklech Iwwerwaachung bal all Zorte vun Aktivitéiten kënnen higinn an dat och nach an engem steierlech neutralen Ëmfeld. Da schwätze mer iwwer franséisch Ausnahmeregimer an den Iwwerséidepartementer. D'Hollänner hunn der jo iwwerengens och, wou sech all Internetbezuher an Aktivitéiten excellent, ouni all signifikativ Besteuerung oder Iwwerwaachung, usiedele kënnen, well et dem Server jo schlussendlech egal ass wou e steet. Dat ass, mengen ech, Här Bausch, richtegen Dumping.

En niddrege Saz vu Kollektivitéitssteuer, dee sech awer nach laang net op engem obszön déiwen Niveau befënnt, ass keen Dumping. Dat ass Kompetitivitéitspolitik mat

transparenten, novollzéibaren an absolut korrekte Mëttel. Aner europäesch Staten, och där wou rouders – ob dat elo déi hell- oder donkelrout sinn – an och vu grénge Majoritéit, wéi Frankräich an d'Belsch, mussen dat emol nach ronn kréien. Et ass net esou, dass d'europäesch Lénk d'Steierethik fir sech gepacht hätt.

Aus all dës Grënn ass d'Betriebssteiersenkung, déi den 1. Januar wäert a Kraaft trieden, noutwendeg a richteg. Si bewierkt, dass Lëtzebuerg sech zum adequaten Zäitpunkt esou gënschteg wéi méiglech a sengem europäeschen Ëmfeld ka positionéieren a konsolidéiert esou d'Standuertvirdeeler. Déi si jo net op d'Steiere begrenz.

De politesch a soziale Fridden hei am Land, d'Qualitéit vu senger Main-d'oeuvre, d'Méisprouchegekeet sinn aner wichteg an determinant Facteure bei der Usiedlung vu Betriber op eise Territoire. Mä de steierleche Kontext vun dës Realitéite muss einfach stëmmen, fir dass se hir Wierkung optimal kënnen entfalten. A grad dës gëtt bei der Betriebssteierreform erreecht.

Här President, wann ech bei der Budgetsdebatte gutt nogelauschtert hunn, dann hunn d'Sozialisten an déi Gréng behaupt, dass dës Steuerreform, Betriber a physisch Persounen zesumme geholl, dem Stat seng Finanzéierungskapazität géng a Fro stellen.

(Interruptions diverses)

Esou Kritik koumen, wann ech mech gutt erënneren, vum Här Bausch. Den Här Bodry huet verlaangt, dass an deem Kontext de Statsbudget sollt no ënnen op verschidde Steuerrecetten revidéiert ginn.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - En huet awer net am Zesammenhang mat der Steuerreform eppes an deem dote Sënn gesot.

M. Claude Wiseler (CSV). - Dann halen ech mech eenzeg an eleng un den Här Bausch, deen déi Ausso awer gemaach huet.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG). - Ech insistéieren och dorobber, Här Wiseler, well ech hätt gär, dass mir hei wierklech d'Primeur behalen.

M. Claude Wiseler (CSV). - Da soen ech ganz kloer, esou Kritik koumen also vum Här Bausch, dee gesot huet, d'Qualitéit an d'Quantitéit vun den öffentliche Dëngschtleeschunge géife mat dës Steuerreform hypothekéiert ginn. Mir wëssen aus jorzéngtelaanger Erfahrung, dass nach keng Steuerreform sech op Dauer duerch steierlech Ausfäll soldéiert huet.

No 1991 huet et genau e Joer laang gedauert, bis déi steierlech Recettë sech erëm iwwer hirem Niveau vun 1990 agependelt haten a weider gewuess sinn, iwwert d'Steiermoossname vun 1996, 1998 an 2001 ewech. Dat ass iwwerregens och bei der Gemenge wouer. D'Ofschafe vun der Gewerbekapitalsteuer 1996 huet

zum Beispill a kenger Gemeng vun dësem Land dauerhaft Ausfäll erbäigefouert. D'Betriber hunn duerno méi u steierleche Produkter zu Gonschte vun der Gemenge generéiert, wéi dat virdrun de Fall war.

Den Effekt vu Steiererlicherunge substantieller Aart ass nämlech deen, dass déi wirtschaftlech Gesamtaktivitéit dynamiséiert gëtt. Bestoend Betriber kréie Loft an expandéieren, an neier ginn duerch dat neit gënschteg Fiskalëmfeld ugezunn. D'Resultat vun der Operatioun ass e Positiivt an dat wäert, denken ech, 2002 an duerno net anescht sinn, an zwar esouwuel wat d'Kollektivitéitssteuer wéi wat d'Gewerbsteuer ubelaangt, déi genee an deene selwechte Mechanismen hiren Impakt fënnt, wéi dat bei staatleche Steieren de Fall ass. Fir e Betrib ass et nämlech eng Steuer, egal ob se vum Finanzminister oder vun der Gemenge erhuewe gëtt.

Bei der Besteuerung vun der physischer Persoun wäert dat alles ähnlech sinn. Och do geet de Projet der Oppositioun ze wäit, mä d'Kritik gëtt awer ëm de Virwurf vum onsoziale Virgoen erweidert. Et géif éischters ze vill Entlaaschtung fir déi grouss Verdéngschter bréngen an zweetens déi Leit mat der klenger Revenuën hätten näischt vun der Reform.

Här President, zum éischte géng ech soen, dass eis Wirtschaft Spëtzezeit brauch fir Spëtzeleeschungen ze vollbréngen. An déi kommen, grad wéi d'Betriber och, net op Lëtzebuerg, wa si selwer an déi Entrepreneuren, déi se astellen, musse spierbar méi Steiere bezuelen, wéi dat anerwärts de Fall ass.

Der Regierung hir Propos, fir de Spëtzesteuersatz op 38% ze senken, bewierkt, dass Lëtzebuerg elo fir Spëtzeverdénger méi attraktiv gëtt wéi aner Länner, dat matsamt hiren Zousatzfacilitéiten, wéi zum Beispill expatriate-Regelungen. Dës Démarche huet alt nees eng Käier de Mérite vun der Transparenz, der Konsequenz an der Novollzéibarkeet. Mir hu keng speziell Regelungen. Mir féieren en Tarif an, dee bei 38% ophält, well mer ebe Spëtzezeit brauchen, déi och Spëtzeverdéngschter hunn. Dat ass esou an der moderner Economie, virun allem an deene Secteuren, vun deene mer zu Lëtzebuerg elo an Zukunft wäitgehend ofhänken. Erëm eng Käier gëllt hei, dass Ewechkucken einfach net gëllt.

Gi mer dann elo mat der Spëtzeverdénger ze fein ëm? D'Sozialiste mengen, e Spëtzesteuersatz vu 40% hätt et wuel och gedoen. Mä ech denken, wéi bei der Betriebsbesteuerung – an der Kolleeg Luss Clement geet duerno dorop nach méi am Detail an – gëllt et bei Steuersätz, niewent dem noutwendegen ekonomeschen Objektiv, a senger Berechnung ëmmer eng psychologesche Schwell ze iwwerwannen. 38% ass nun ebe méi attraktiv wéi 40%, a well mer eng ambitiéis Steuerreform maachen, droe mer och deene Phänomener Rechnung.

Zum zweeten ass et esou, dass den Tarif ab 2002 esou sech net nëmmen duerch en däitlech gesenkte Spëtze-

steiersaz auszeechent, mä notamment och duerch eng linear Reduktioun vu 6% op allen Tranchen. Den Abaissement vum Agankssteiersaz vu 14 op 8% reperkutéiert sech natierlech op den Tranchen hannendrun, esou dass all besteierbare Revenu vun dësem Tarif méi frëndlech behandelt gëtt, wéi vun deem aktuellen.

Dës Phänomener alleguer wierke sech positiv op de Revenu disponible vun all Steierzueler hei am Land aus. Et bleiwen awer déi, déi keng Steiere bezuelen an dofir vun der Steuerreform am eigentleche Sënn kee perséinlechen, direkte Virdeel hunn.

D'Steierpolitik ass kee Selbstzweck. Si kann dat an engem demokratesche Stat och net sinn. De Stat erhieft Steieren, fir allgemeng Déngschter ze leeschten, seng Käraufgabe wouer ze huelen an deene Schwaachen ze hëllefen. En erhieft also Steieren net fir sech selwer, mä fir d'Ëmsetzung vun enger Politik fir d'ganz Land ze finanzéieren. Steieren erhieft de Stat am Prinzip op allen Zorte vun Akommes, souwuel bei den Haushalter, wéi bei de Betriber. A besonnesch e sozial ausgeriichtend Statswiesen, eent wéi dat Lëtzebuergesch, geet bei der Steuererhiewung och no sozialen Erwägunge vir. Esou respektéiert et déi sou genannte Capacité contributive vum Steierzueler andeems manner héich Revenuen net an deem Mooss taxéiert ginn, wéi méi héijer. Dat ass de sou genannte progressiven Tarif.

De Sozialstat Lëtzebuerg huet sech am Laf vun de Joren, während deene seng Steuerrecetten op Grond vun där excellenter wirtschaftlecher Entwécklung vun eisem Land an d'Luucht gaange sinn, de Luxus erlaabt, fir méi a méi Akomme ganz vun de Steieren ze befreien, an dës Reform fiert domadder weider. Dat bedeit, dass d'Capacité contributive esou opgefaasst ginn ass, dass eréischt vun engem bestëmmten Akommes un eng perséinlech Contributioun zu de staatleche Leeschtungen agefouert gëtt.

Ënnert deem Akommes den RMG fir all Mënsch an, an deene meeschte Fäll, wann et sech ëm bestuete Leit handelt, souguer bis zum qualifizéierte Mindestloun, léisst de Stat dem Bierger seng Steuerpflichtegkeet no. Dës Steuerpflichtegkeet selwer ergëtt sech aus de Prinzipie vum demokratesche Stat, an deem seng Bedürfnisser vum Wieler mat festgeluecht ginn an deementspreechend an deem festgeluechte Mooss och vun him, en fonction vu senger Méiglechkeeten, matfinanzéiert ginn.

Mir ginn dovun aus, dass no dëser Reform, bis zu engem Revenu vu respektiv 400.000 oder bal 800.000 Frang, jee nodeem e Mënsch bestuet ass oder net, dës Matfinanzierungsméiglechkeet entweder net ginn ass oder nëmmen an engem Mooss ginn ass, dee kann éligéiert ginn.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Ech muss soen, dat ass net oninteressant, well d'Basisconsidératioun déi muss sinn, dass e Stat, deen

eng gréisser Zuel vu senger Bierger op Grond vun hirem Revenu, vun hirer prinzipieller Steuerpflichtegkeet entbënnt, scho mat deem Akt e sozialpolitescht Zeeche setzt. Dat gëtt alles ganz ze dacks an där spezifesch Lëtzebuurger Diskussioun einfach ënnerschloen. Dass also zu Lëtzebuerg all Mënsch, dee schafft, Urecht op e vergläichsweis héije Mindestloun huet, deen hien a ganz ville Fäll integral fir sech behält, ass och Steuerpolitik mat sozialem Usproch.

Datt et där Familljen ëmmer méi gëtt, déi vun de Steieren entbonne sinn, well de Plafond an d'Luucht geet, ass sécherlech och ee vun deene grouse Verdéngschter vun der sozial-frëndlecher Steuerpolitik vun der Regierung.

D'Regierung huet elo de Wirtschafts- a Sozialrot saiséiert, fir en Avis zu der Optioun an der Praktikabilitéit vun enger Negativsteuer ze erschaffen. Meng Fraktioun begreist dës Saisine, well et noutwendeg ass, éier mer eeschthaft iwwert de politesche pour et contre vun enger Negativsteuer schwätzen, emol ausféierlech iwwert d'Méiglechkeeten vun esou enger Démarche informéiert ze sinn. Mir kennen an dëser Hisiicht d'Propositionen vun der Chambre des Employés privés a mir sollten den Terrain vun esou enger Negativsteuer nach méi ausféierlech analyséieren, éier dozou definitiv Positionen bezu gëtt.

An der Tëschenzäit ass et jo net esou, datt näischt an der Sozialpolitik gemaach gëtt; sou gëtt zum Beispill 2002 d'Kannergeld nees eng Kéier ëm 1.000 Frang pro Kand a pro Mount an d'Luucht gesat. Och op aneren Terrainen an der Sozialpolitik gëtt geschafft, an dee ganze Pak vu Rentendesch, Educatiounsoulag an Extensioun vu Babyjoren, Verbesserung beim RMG an esou weider, ass en impressionanten Témoignage vun der sozialer Oder vun dëser Regierung. Dat ass, denken ech, wat ee kann Ëmverdeelungspolitik nennen, an iwwert déi et sech lount ze schwätzen.

Här President, och nom 1. Januar 2001 gëtt et nach all d'Abattementer, déi mer elo kennen. D'Regierung hat ugekënnegt: Et géif eng Analys vun der Sënnfällgkeet an der Existenzberechtigung vun all deenen Abattementer ënnerholl ginn, an duerno géif gegebenfalls d'Landchaft vun deene Moossnamen durchforst ginn.

D'Analys ass gemaach ginn, an dobäi huet sech erginn, dass d'Abattementer bal alleguer weiderhin hir Berechtigung hunn, well se op komplizéiert Manéier matenee verbonnen a verzahnt sinn, sou, datt een net einfach kann een dovunner sträichen, ouni anerer domat a Fro ze stellen. Et huet sech esou keng Méiglechkeet gebueden, fir d'Abattementer ze entrümpelen, ouni bestëmmte Kategorie vu Steierzueler vis-à-vis vun anerern ze penaliséieren; an dat gouf, wéi ech mengen, richtegerweis och net gewollt.

Ech wëll an dësem Zesammenhank nach kuerz op den Zousazpensiounsabattement agoen – dee jo moduléiert

gëtt, an an d'Luucht geet –, fir op eng steierlech attraktiv Manéier d'Abezuelen an eng Zousazpensioun ze fördern. Dës Moosnam, zesumme mat de Beschlëss vum Rentendësch, déi och gesetzlech ëmgësat ginn, ass dozou ugedoen, d'Pensiounen hei am Land an Zukunft eropzesetzen. De legale Régime gëtt weider verstärkt, an déi zousätzlech perséinlech Altersofsécherung gëtt steierlech gefördert.

Här President, d'Steierreform vun 2002 ass an eisen Aen eng bemierkenswäert Leeschtung an dat, aus all deene genannte Grënn, op Grond vun hirem Volumen, vun hirem Konsequenz a vun hirem Equitéit. Et ass eng ëmfassend Reform, eng kompetitivitéitsorientéiert Reform, eng déi Leeschtung fördert an och eng, déi Leeschtung erlaabt. Just eent ass se net; et ass keng Reform, déi d'Steiergesetzgebung op e Véirel vun hirem aktueller Säitenzuel reduzéiert. Et ass also, an deem Sënn, keng schrecklech vereinfachend Reform.

Dat ass awer ënnert den Ëmstänn vun der Saach net weider verwonnerlech. Einfach Démarchë sinn ëmmer Démarchen, déi komplizéiert Situatiounen iwwerginn, a bei deene mënschlech Préoccupatiounen a sozial Aménagementen ënnerschloe ginn. Wien d'Steierrecht mat all sengen Arbitragen an Detailregelungen wëllt grondleeënd vereinfachen, géif sech séier dem Virwurf vum Arbitraire a vum Technokratentum aussetzen; an dat wëllt weder d'Regierung nach d'Majoritéit. Sou datt d'Reform vun 2002 zwar keng einfach, mä duefir awer eng equitabel Reform ass; an ech denken och, dass dat eent mat deem aneren net kompatibel wier.

Wie wëllt gerecht handeln, dee muss komplex handeln, well e villschichteg muss sinn. An enger gerechter Organisatioun vun eisem Steiersystem bleift d'Matière also bis op Weideres komplizéiert, an dat mécht och d'Rieden iwwert dat Thema net einfach; duefir soen ech lech merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jeannot Krecké agedroen. Den Här Krecké huet d'Wuert.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Merci Här President. Et ass net a menger Gewunnecht – well ech Ritualen net gären hunn –, fir ëmmer erëm unzefänken, engem Rapporteur merci ze soen, an duefir maachen ech dat och normalerweis net. Ech géif dann awer, zu deem wat ech soss praktizéieren, eng Ausnahm maachen, ebe just well et sech hei ëm eng komplizéiert Matière handelt.

An ech muss soen, dass de Rapporteur, den Här Haupt, sech effektiv vill Méi gemaach huet a sech et och net einfach gemaach huet – wéi dat awer alt heiansdo de Fall ass –, a probéiert huet e Verständnis opzebréngen. Déi gutt Viraarbechten, déi vum Finanzministère geleescht gi sinn, huet hie probéiert ze verstoen, an ech muss soen, fir

déi Viraarbechten, déi hien do geleescht huet, kann ech him, am Numm vun eiser Fraktioun, félicitéieren.

Här Minister, et ass och net Usus, datt een Administratiounen, loosse mer soen fir déi Aarbecht wou se bezuelt ginn, félicitéiert. Ech muss allerdéngs soen, dass ech dat, wat den Här Haupt hei virdru gesot huet, och selwer kann ënnersträichen. Am Finanzministère an an der Steierverwaltung ass an deem Punkt hei, vum reng Techneschen hier, eng propper Aarbecht geleescht ginn. Mir hu seele Projet-de-loi vum där doten Envergure do leien, déi schonn am Libellé esou korrekt an esou prezis sinn, wéi mer dat hei haten; an ech kommen herno och nach eng Kéier dorop zréck.

Déi aktuell Steuerlag huet eng Virgeschicht, et ass eng kontinuierlech Entwécklung, an hei ass eng weider Etapp doranner. Och wa mer haut an der Oppositioun sinn, kënne mer jo net maachen, wéi wa mer näischt domat ze di gehat hätten. An dofir kucke mer och, wat mer haut nach domat ze dir hunn; wat heescht: Fanne mer eis och haut nach domadder erëm? A wat hu mir zu deem Zäitpunkt do mat erabruecht?

Ech menge mir kënne vun eis behaupten, dass mir, als LSAP, net an der Zeitung gelies oder am Radio héieren hunn, wat dann elo am Finanzministère décidéiert gi wier. Mir waren associéiert an dofir hu mer och missten all Laascht, déi eventuell dorops hi komm ass, mat droen. Eis ass et net passéiert, dass mer gesot hunn: "Et geschitt näischt", an eng Woch duerno ass dann eng staark an ëmfaassend Steuerreduktioun ugekënnegt ginn. Dat do sinn alles Saachen, déi eiser Partei net passéiert sinn. Dat huet Virdeeler gehat, mä et huet och den Nodeel gehat, datt mer och d'Kriticken hu misste mat deelen.

Kommen ech dann zu de Privatpersounen a besonnesch zum Tariff. Dir wësst, dass mir hei, an et war haaptsächlech vun de Majoritéitsparteien net ëmmer begréisst, am Dezember 2000 e Virschlag vun engem alternativen Tariff gemaach hunn, deen de Géigegpol duerstellt – wann een esou wëll –, zu deem wat d'Regierung zu deem Zäitpunkt virgeschloen huet, an zwar an Etappen 2001/2002 den Tariff a Richtung vun enger Steuerreduktioun ze adaptéieren.

Mir hate sengerzäit – ech wëll dat just erënneren –, wéi d'Regierung bei 14 respektiv 10% Agangssteiersaz sollt sinn, 6% proposéiert, woubäi mer allerdéngs den Usaz, wou dee Steiersaz effektiv sollt spillen, esou iwwerhol haten, wéi de Finanzminister e proposéiert hat. Mir haten – an den Här Wiseler huet et gesot – och gesot, dass 40%, an eisen Aen, e verstänegen Taux wier, deen een applizéiere kënnt. Mir kënnen zwar och doriwwer streiden, ob elo 38 oder 40 besser ass, mä ech mengen, den Ënnerschied ass net risegrouss; et ass en Zeeche wat ee setzt, mä et muss een awer trotzdeem oppassen, dass een an där dote Fro wierklech net ze wäit geet.

Mir haten och méi Tranchë wéi d'Regierung virgesinn, eis Tranchë waren och manner breet, a mir hate se och esou gemaach, dass een eréischt méi spéit op de Spëtzesteiersaz kënnt. Mir haten also probéiert, déi ënnescht Akommen ze bevirdeelen, an haaptsächlech déi mëttler Akomme manner doduerch ze belaaschten, sou dass d'Kurv vun der Besteuerung net esou rakikal an d'Luucht géif goen.

D'Regierung huet dorops hin enger Rei Saache vun eis Rechnung gedroen, an dat ass am Exposé des motifs, deen also e bëssen erklärt wéi se zu hirer Proposition komm ass, nozeliesen. Et sinn net méi - sou wéi et virgesi war - 10% festgehalen ginn, et sinn der och net sechs festgehalen ginn, mä d'Regierung huet 8% als Agangssteiersaz virgeschloen. Si ass bei hiren 38% bliwwen, huet allerdéngs selbstverständlech méi Tranchë virgesinn an huet déi Tranchen och méi kleng gemaach, wat mat sech bruecht huet, dass mer elo effektiv e bësse méi spéit ewéi dat, wat virgesi war, op de Spëtzesteiersaz kommen, deen elo bei 1.391.000 Frang an der Steuerklasse 1 a bei 2.782.000 Frang an der Steuerklasse 2 ass.

Dat ass net ganz wäit vun eisem Virschlag ewech, sou dass mer, zu engem Zäitpunkt, dee sech scho relativ fréi situéiert huet, gesot hunn: "Mir kënne mat deem Kompromiss, wéi en elo virgeschloen ginn ass, liewen", och wa mer eben, wéi gesot, hei nach eng Kéier ënnersträiche wëllen, dass mer op eenzel Punkten, déi eis awer wesentlech schéngen, anerer Meenung waren. An ech ginn och an Erënnerung, dass ech et ëmmer nach e kleng Makel fannen - och wann ech weess, datt et schwéier ze realiséieren ass -, dass mer an der Steuerklasse 1 de Mindestloun nach ëmmer besteieren; och wann et net vill ass, och wann et manner ass, ass et awer nach ëmmer esou. Mir hunn et awer am 1A an am 2 - vu dass dee sech an den ënneschten Akommestufe quasi parallel entwéckelt - fäerdeg bruecht, sou dass mer dat elo nach just an der Steuerklasse 1 hunn.

Do war e Mechanismus, dee mer eng Kéier agefouert haten, deen d'Regierung awer net méi wollt bäibehale well d'Steierverwaltung fonnt huet, et wier een, dee ganz schwéier ze vermëttelen wier, an doduerch ass d'Regierung dann och net op dee Wee gaangen.

Mir fannen also, dass een dee Kompromiss, wat den Tariff als solches ubeglaangt, absolut ka vertrieeden. Et muss een allerdéngs oppassen, wat fir een Discours dass ee féiert, wann een dat hei kommentéiert. Den CSV-Generalsekretär huet an engem Artikel geschriwwen: "Steuerpolitik nach Maß", dat kënnt een nach zum Deel deelen, "Sozialgerecht?", do musse mer elo kucken.

Wat ass nämlech heimat geschitt? Einfach héichgerechent an ouni dass et op de Frang près ass, well ech hu jo keng Steiertabell an hu mech missten op e puer Chiffere baséieren, déi ech vun dem Statsministère senge Publikatiounen an och dem Exposé des motifs a beziehungsweise dem Kommentar konnt ent huelen.

Am Moment ass et also esou, dass een am 1A bei 80.000 Frang brutto eréischt ufänkt Steieren ze bezuelen. Am 1A1 sinn et ronn 100.000 Frang - wéi gesot, net op 1.000 Frang près -, am 1A2 sinn et 111.000 Frang, an der Steuerklasse 2 sinn et ronn 80.000 Frang, an der Steuerklasse 2.1 sinn et 115.000 Frang brutto, an do gi jo dann d'Soziallaaschten of, plus déi Abatementer, déi jiddereen zegutt huet wann e Salaré ass, an an der Steuerklasse 2.2 kann ee rechnen, dass ronn 138.000 brutto steuerfräi sinn.

Ech mengen dat kann een - an den Här Wiseler huet och probéiert et esou dohinner ze leeën - als remarquabel vu Säit vun engem Stat dueleeën, wann e seet: "Hei sinn eng Rei Leit, déi sech an deenen ënneschten Akommeskategorie situéieren", wann een elo einfach deen Deel hält, "a mir maachen déi steuerfräi". Dat ass richteg an et ass och ze begreissen, mä et ass just schued, dass mer net genau wëssen, wéi vill Leit, oder wéi vill Mëngagen, dann elo effektiv steuerfräi sinn. Duerch déi Avisen - ech schwätze vun 30 bis 40% -, kéint ee mengen, dat wieren dann iwwer 100.000 Stéit, déi effektiv steuerfräi wieren.

Allerdéngs huet dat dann effektiv den Nodeel, dass een d'Steierpolitik dann net kann isoléiert gesinn a muss kucken: Wat geschitt dann elo mat deene Leit, déi iwwert deen heite Wee keng Steiere bezuelen?

Ech ginn lech just ee Beispill: An der Steuerklasse 2.2 hunn ech gesot, datt ee brutto gesi ka mat ronn 138.000 Frang rechnen - et hängt ëmmer erëm dovun of, a wat fir engem Verhältnis dass een ass, Aarbechterverhältnis oder net, well do d'Cotisationsen alt emol anescht sinn - mä déi hunn u sech elo null Steieren ze bezuelen; si wannen eppes, mä si wannen net vill.

Ech hunn dann, mat deenen Tableauen an deenen eenzelnen - wéi soll ech soen - Niveauen gekuckt, a mat zwou an dräi Milliounen, einfach héichgerechent, géif dat an der Steuerklasse 2.2, dat heescht eng bestuete Koppel mat zwee Kanner, déi 193.000 Frang brutto verdéngen, ob d'lescht Joer en Avantage vun 71.000 Frang ginn. Op dat Joer virdru gekuckt wier et en Avantage vun 130.000 Frang; dat heescht: en Avantage fiscal, an doduerch méi Kafkraaft a méi Nettoakommes, méi Revenu disponible.

Wann ech dann déiselwecht Koppel mat 285.000 Frang Bruttoverdéngscht kucken - dat ass déi Kategorie, wou een dann op ongeféier dräi Milliounen besteierbart Akommes kéim - da géif déi elo, wann een esou wëllt, 21.000 Frang u Steiere spueren, déi se net méi brauch vis-à-vis vum leschte Joer ze bezuelen; an dat ginn iwwer 200.000 Frang vis-à-vis vum Tariff 2000.

Dat ass substanzuell ganz vill, an aus deene Chiffere gesäit een, dass een eng Steuerpolitik muss mat den noutwendege soziale Begleitmoossnamen begleeten, well ee soss nëmmen engem Deel vun der Bevëlkerung

e Revenu disponible zoukomme léisst, dee wesentlech méi grouss ass wéi en dat virdru war. Dozou ginn et e puer Mechanismen an ech weess, dass een net alles kann doranner léisen.

D'Regierung huet optéiert, fir d'Kannergeld ëm 1.000 Frang an d'Luucht ze setzen. Dir wësst, dass mir säit laange Joren d'Politik hunn, fir d'Kannermoderatioun erfroze féieren – se iwwerhaapt iergendwann ganz aus de Steieren eraus ze kréien, well et net ganz gerecht ass –, a mam Kannergeld an d'Luucht ze goen.

Dofir huet och d'Propositoun vum Lucien Lux, wat d'Kannergeld ubelaangt, virgesinn, dass mir net 1.000, mä 2.000 Frang virgesinn hunn. An dofir hu mir och proposéiert, dass mer och, um Niveau vum Mindestloun, en Effort géife maachen, an net reng un der Entwécklung vun de Léin hänke bleiwen.

Dass et net de Stat ass, deen déi Sue muss opbréngen, dat sinn ech mer bewosst, mä et gesäit een awer och, dass – an engem Moment, wou op Grond vun deene Resultater, déi eis Entreprises awer hunn – do en Effort hätt kënne gemaach ginn. An datselwecht gëlt selbstverständlech beim Mindestakommes, wou mer och gefrot haten, fir méi wäit wéi déi 3,2 % ze goen, déi d'Regierung elo, an d'lescht Joer, hei als Propos déposéiert huet, an déi vun dësem Parlament ugeholl ginn ass.

Et war gesot ginn, mir sollten och an de Pensioune probéieren, een Effort ze maachen. Dat ass geschitt. Dat ass geschitt op engem Dësch, wou eng Rei Parteie sech derzou bekannt hunn. Dat ass och noutwendeg an anere Politiken. Ech ginn zou, dass et net ëmmer einfach ass, dat ze maachen. De Wunnengsbau gehéiert derzou. De Mars Di Bartolomeo huet eng Rei Virschléi an eisem Numm gemaach. Ech hunn elo héieren, dass d'Regierung, nodeem ech nach virun enger Woch kritiséiert hat, dass se nach keng Äntwert ginn hat, scheinbar elo eng Äntwert ginn huet. Ech hu se nach net virleien. Ech muss se fir d'éischt kënne kucken.

De Wunnengsbau ass fir mech en elementaart Recht, wat een huet. Ech kann elo nach net jugéieren, ob déi Äntwert deem gerecht gëtt, wat mir eis virstellen. Mir mussen kucken – a wann et 100.000 Stéit solle sinn, dann ass et vill –, och deenen ze hëllefen an enger Situatioun, wou et dem Land gutt geet. Wat maache mir hei? Doduerch, dass mer higin a mir setzen d'Steieren erfro, probéiere mer, d'Leit alleguer e bëssen un deem Wuelstand deelhuele ze loossen, an dofir mussen mer kucken, ob dat, wat mer deenen enge Leit an der Steuerpolitik zoukomme loossen, ausgewoge genuch ass vis-à-vis vun deem, wat op där anerer Säit soll gemaach ginn. Eis Meenung ass jo, dat wier net genuch. Dat ass ganz klor, well soss hätte mer déi zousätzlech Propositionen net gemaach.

Mir kommen ëmmer erëm an dës Situatioun, well mer eng atypesch Situatioun ebe geschafen hunn. Déi, déi se

matgestëmmt hunn a matinitéiert hunn, déi hu se matverbrach. Mir hunn elo eng atypesch Situatioun vis-à-vis vum Land. Et gëtt wahrscheinlech kee Land wou esou vill Stéit, a Prozenter ausgedréckt, exonéiert sinn. Dat bréngt mat sech, dass een net méi vill steiert iwwer Steieren. Wa mir muer wëllen encouragéieren, dass d'Leit Privatzousazpensiounen sollen hunn, wat mécht een dann, wann esou vill Leit iwwerhaapt net d'Méiglechkeet hunn. Si hu wuel d'Méiglechkeet, eng Zousazpensioun ze huelen, mä si kënnen net gehollef kréien iwwert de Stat. Et si jo grad déi Leit, doduerch dass se kleng Akommes hunn, a wéi sot de Jean Regenwetter ëmmer: E klengt Akommes ergëtt och eng kleng Pensioun.

M. Jean-Paul Rippinger (DP). - Hie weess jo, vu wat e schwätzt!

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Hie war e grouse Kenner an där Matière, wollt Dir soen, huelen ech un.

Et ass ganz klor, dass wann e klengt Akommes ass, och eng kleng Pensioun derbäi erauskënnt, et nun awer esou ass, dass och déi Leit en Urecht hätten, fir eppes méi ze hunn. Déi hunn awer näischt dervun, si kënne sech et just kafen, hu keen Avantage, kréie vum Stat net gehollef, während ech perséinlech mengen, well ech eng méi wéi anstänneg Pensioun wahrscheinlech eng Kéier kréien, ech am Fong geholl déi Hëllef do net noutwendeg hunn. Ech kréie se awer, wann ech vun deem Instrument Gebrauch maachen. Dat stéiert mech.

Ech weess, dat hu mer alleguer zesumme matdécidéiert, mä dat muss an eise Käpp awer och da mat sech bréngen, dass mer vläicht méi generéis a manner dogmatesch virginn an eenzelne Punkten, déi éischter d'Sozialpolitik ubelaangen, an net ee géint deenen aneren ausspillen, mä einfach soen, mir hunn eng Situatioun, déi gewuess ass an déi mer mat erbäilbruecht hunn, a wou mer eis alleguer musse mat der Nues huelen a soen, mir müssen op deene Punkten, an de Wunnengsbau ass een dervun, eppes Wesentlechtes maachen. Mir hätten dee Problem net, wa mer muer eng Fro vun Negativsteuer hätten.

Et ass elo un de CES verwise ginn. Je veux bien. Wéi mer déi lescht ganz grouss Steuerreform 1990 gemaach hunn, hate mer virdrun och den CES beoptraagt, an déi haten och eng gutt Viraarbecht gemaach.

Ech hoffe just, dass dat net ze laang trentelt, well een awer ëmmer erëm an déi Situatioun hei kënnt an ëmmer erëm dat do muss bemängelen, wa mer dat net ronn bréngen.

Dat, wat ech mech froen: Firwat si mer net higaangen an hunn en Débat hei gefouert? Ech hu mer déi Fro souguer selwer misse stellen: Wat fir eng negativ Steuer wëlle mer eigentlech? Wat ass den Opdrag, dee mer un de CES ginn hunn? Ëmfaassend alles ze kucken oder soe mer ëm awer och e bëssen, wat mer gären hätten, well dat ka queesch duerch de Gaart goen. Dee Modell, deen

ee Moment vun der Privatbeamtekummer virgeschloe ginn ass an dee sech reng op d'Steiere bezitt, an am Fong geholl all Kéiers bei Steueradaptatioune spillt, spillt net beim Anenanergräife vun der Sozialpolitik mat der Steuerpolitik.

Loosse mer de Wunnengsbau huelen. Am Wunnengsbau kritt een op där enger Säit Hëllef, wann een e klengt Akommes huet. Et kritt een och iwwert de Fonds du Logement d'Méiglechkeet, fir méi bëlleg un eng Wunneng ze kommen. Wann ech méi en héicht Akommes hunn, dann ass et evident, da kréien ech gehollef iwwert de steuerleche Wee. Do zwëschent fält eng ganz Rei Leit.

Ech weess net, wat d'Regierung sech virstellt, ech stelle mer op alle Fall vir, dass de CES net nëmmen déi minimal Léisung um Niveau vun de Steieren mä och d'Anenanergräife vun deenen Elementer vun der Sozialpolitik misst kucken, well mer soss ëmmer erëm déi Diskussiounen hei kréien, ëmmer erëm déi Diskussiounen musse féieren an ëmmer erëm Leit hunn, déi dertëscht falen. Ech erwaarde mer do eng Äntwert an ech géing och soen, mir misste bal als Politiker dem CES eppes mat op de Wee ginn, dass se net mat eppes erauskommen, wou mer soen, mä dat do, dat wollte mer net, déi do Solutioun, déi hätte mir direkt kënnen décidéieren, well do läit schonn elo eng konkret Propositioun vir. Et ass scho méi eng déif gräifend Reform, déi noutwendeg ass.

Nach e Wuert zu enger Rei Leit, déi sech a leschter Zäit dann och zu Wuert gemellt hunn an der Press an déi soen, den 1A an hu virgezeechent, wéi do eng Rei Prozenter an der Steigerung vun deem Tarif hinne mëssfällt.

Et ass richtig, wat déi Leit geschriwwen hunn. Dat si keng Leit, déi Feeler elo direkt gemaach hunn an hirer Approche, mä et muss een einfach soen, dass mir folgend Méiglechkeeten hunn: Mir hunn deen 1A eng Kéier geschafen als Zwëschenetapp tëscht der Steuerklass 1 an der Steuerklass 2 mat der Iddi, an de klengen Akommes ass 1A gläich 2 an an den héijen Akommes ass 1A net grad mä bal d'Steuerklass 1.

Wann een e groussen Ënnerschied huet au départ an et wëllt een et herno relativ no unenaner bréngen, da muss een ënnerwee méi schnell fueren. Dat gëtt et scho mam Velo a mam Auto, an och am Goen. Wann een ee wëllt erëmkreien, da muss een ee Moment méi schnell goen. Dat bréngt mat sech, dass eben d'Besteuerung an deenen Tranchen ...

(Interruptions diverses)

Ech mengen, et ass wichteg dat emol eng Kéier an Erënnerung ze ruffen. Wa Leit dat do als wierklech schlecht ëmfannen, da gëtt et nëmmen eng Solutioun, da mussen déi Leit soen, mir schafen den 1A an där Form of. Mat deem Tarif, esou wéi en haut sech presentéiert, mat deem kënne mer liewen, well en ass, wat den Ënner-

scheid tëscht 1 an 1A ubelaangt, méi gönschteg wéi e virdru war. Dat muss een de Leit och soen, quitte dass de Makel ass, dass d'Steigerung dertëscht méi schnell ass.

D'DP war jo an där ganzer Reform vun 1990 fundamental anerer Meenung. Ech hunn d'Griffe net richtig gesi vun der DP op e ganze Koup Elementer, déi ech hei feststellen a virun allem op dat, wou se dergéint gestëmmt hunn. Notamment op der Steuerklass 1A mierken ech net den Afloss, dee se elo geltend mécht, fir dat endlech erëm réckgäנגeg ze maachen, esou wéi se dat gefuerdert huet, well an deene Joren duerno huet se Tarifadaptatioune jo ëmmer gestëmmt, mä déi do huet se wéinst der Steuerklass, wou d'Leit vum 2 an den 1A kommen, net gestëmmt.

Ech muss zu dësem Zäitpunkt feststellen, dass bei allem, wat deemools erzielt ginn ass, anscheinend elo haut, wou si an der Regierung sinn, dat wesentlech méi gerecht ass, et sief dann, den Här Rippinger kënnt elo no mir a seet, wéi ongerecht dat ass a wéi den Här Grethen dach awer deemools Recht hat, wéi e gesot huet, déi Reklasséierung mussen direkt réckgäנגeg gemaach ginn. Ech erwaarde mer vum Här Rippinger näischt anescht, wéi dass en elo dat do seet an och drastesch fuerdert, a vläicht souguer seet en, et wier net duerchkomm, mä da ka jo de Finanzminister soen, wat fir engem immensen Drock vun der DP hien ausgesat war, fir dat do réckgäנגeg ze maachen.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - ...an d'ganz Land konnt observéieren, dass en do zu erstaunlechen Evolutiounen fäeg war.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Domat hutt Der scho bal meng Fro beäntwert. Dat léisst also drop schléissen, dass den Drock, och wann Der haut e bësse krank sidd, Här Finanzminister, ze erdroen ass.

Wann een esou eng Reform virleet, da sinn Elementer dran, déi ee kann deelen oder och net. Ech hu gesot, et sinn der e ganze Koup dran, déi ech deele kann. Et huet also kee Wäert, dass ech hei e Rapport bis maachen. Ech kommen elo op déi Saachen, déi ech manner kann deelen, well se net an deem Mooss zrëckbehale gi sinn oder guer net gi sinn.

Här Minister, mir hunn nach ëmmer ee Problem, dat ass dee vun de Weeserenten. Ech behaupten dat, an ech hunn Zeien, dass ech an der Finanzkommissioun dat do virbruecht hunn a probéiert hunn, dat do anescht ze regelen.

Mir hu folgend Situatioun: Fir mech ass d'Situatioun déiselwecht, ob ech gescheed sinn oder ob de Partner gestuerwen ass, de Partner ass net méi do an ech hu Kanner. Da kréien ech fir déi Kanner eppes vu mengem Partner, dee fort ass, a vu dass deen, dee gestuerwen ass, näischt méi ka ginn, kréien ech eng Weeserent fir d'Kanner.

Wéi behandle mer déi steierlech? D'Mamm oder de Papp, also deen, deen d'Kanner huet, wann et sech net ëm eng Weeserent handelt, dee kritt eng Moderatioun vu 36.000 Frang. Déi Moderatioun an déi Fräibeträg kréien och déi Leit, déi Weesekanner hunn. Wou ass den Ënnerscheed? Et kënnt eng zousätzlech Hëllef vum Partner, déi bis 139.200 Frang d'Joer ausmaache kann. Dat sinn 11.600 Frang de Mount. Déi kritt déi Fra oder dee Mann, deen d'Kand huet. Steierfräi an ofsetzbar bei deem, dee se bezillt. Bei de Weesekanner ass et d'Sécurité sociale. Déi kann et net ofsetzen, mä et kënnt u bei där Fra oder bei deem Mann, an dee kritt et besteiert. Ech fannen, dat solle mer einfach behiewen. Ech hunn dat an der Kommissioun relevéiert. Déi Äntwerten, déi ech kritt hunn, gi mer keng Satisfaktioun. Einfach ze soen, et wier eppes anescht, well dat eent vun der Sécurité sociale kënnt an dat anert vun engem Contribuable.

An Dir wësst, Här Minister, dat war mäi Bestriewen ëmmer am Numm vun eiser Partei, derfir ze suergen, dass d'Kanner ähnlech solle behandelt ginn. Et kann een et net op de Frang genau soen, mä se sollen ähnlech behandelt ginn. Dat ass net geschitt. Ech bedauern dat.

D'Vereinfachung schénkt mer och e ganz wichtege Punkt ze sinn. Ech kommen op déi Gestaltungsfräiheeten, déi een iwwert d'Dépenses spéciales huet an iwwer aner Abattementer. D'Vereinfachung hätt kënne mat sech bréngen, dass een eenzel Abattementer zesummeleet. Den Här Wiseler an och den Här Hauptert hu savant Explikatiounen ginn, firwat dass mer dat do net maachen. Loosse mer eis dach eens sinn. Dat ass net gemaach ginn, esou wéi et an Däitschland an op anere Plaze war, well Drock komm ass vun deene Leit a vun deem Secteur, déi eppes dervun hunn. Wann Dir muer d'Bauspueren an ee ganze Pak huet, an ech, dee mat Sécherheet net méi wëlles huet, iergendeen Haus oder en Appartement mer nach eng Kéier ze bauen oder ze kafen, ech hunn eent, dat geet mer largement duer, do hätt ech mer vläicht ënnert vermögensbildende Moosnamen eppes anescht virgestallt.

Wat maachen ech elo? Elo muss ech iwwerall piddele goen. Hei e bësse Liewensversécherung, fir déi Hëlfele ze notzen, déi de Stat jo awer hei substanzuell gëtt, do e bësse Bauspueren, e bësse um Niveau vun der Loi Rau. Et wier besser gewiescht, et hätt een een eenzegt Element gehat. Och de Finanzminister, dat weess ech, ass emmerdéiert, wann ech dat do soen, well e weess, dass ech de facto an där doter Saach richteg leien. Et wier wesentlech besser gewiescht, mä en huet den Drock net ausgehalen, an et ass net nëmmen Drock vun der Wirtschaft, et ass souguer den Drock vun de Gewerkschaften, déi natierlech hir Bauspuerkeesse wëllen e bësse protégéieren. Kommt mir soen et elo einfach, mir hunn dem Drock net stand gehalen, fir eng Vereinfachung erbäizeféieren.

Wann een d'Analys mécht, wat mat de Fräibeträg geschitt ass, hu mer se um kale Wee an hirer Bedeitung

staark erofgesat. Firwat? Mir hu se säit 1991 net méi ugepasst. Duerch d'Inflatioun hu se vu Joer zu Joer manner Bedeitung a mir hunn de Spëtzezteiersaz an de marginalen Taux fir jiddferree staark erofgesat. Dat heescht, dass se an hirem Effet vill manner Bedeitung méttlerweil hunn.

(Interruption)

Ech ginn elo net de Contraire soe vun deem, wat ech eng Kéier gesot hunn.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Ech gesinn, dass den Här Henckes scho begeeschtert mam Kapp wénkt.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Hien ass mäin Zeien, dass ech an der Oppositioun datselwecht soe wéi an der Majoritéit. Ech war nach ëmmer där Meenung.

(Interruption)

Neen, ech hunn ni plädéiert fir d'Eropsetze vun de Freibeträg. Ech hunn ëmmer plädéiert fir d'Zesummeschlësse vun de Freibeträg.

Här Rippinger, et gëtt Der och nach, déi an der Oppositioun datselwecht erziele wéi an der Majoritéit. Dat gëtt et!

M. Jean-Paul Rippinger (DP). - Très bien!

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Ech kommen elo op déi individuell Zousazpensiounsversécherung, wou ech d'Approche absolut deelen. Mir hunn iwwregens schonn eng Kéier e Projet de loi gehat, dee mir matgedroen hunn, dee vum Statsrot deemools eng Opposition formelle kritt hat, net well en inhaltlech schlecht war, mä well gesot ginn ass, e muss zesumme gesi gi mat der Pension complémentaire vun den Entreprises. Dat war d'Approche vum Statsrot. A wann ech déi Approche weiderféieren, da muss ech soen, ech sinn dermat d'accord.

Mir hate selwer jo e Virschlag gemaach, 60.000 Frang, deeselwechte Betrag wéi vun der Regierung an 150.000 Frang Réckkaf. Mir hate ganz einfach dee Chiffer geholl, deen deemools d'Regierung dra geschriwwen hat. Et sinn elo 130.000 Frang ronn. Et ass mir erkläert ginn, dat wier, well elo méi Méiglechkeete wieren, dass d'lerwen dru kéimen, wat virdrun net an deem Mooss de Fall war. Domat kann ech eventuell d'accord sinn. Mä wou ech fannen, dass mer eis Aufgab net an deem Mooss duerchgezunn hunn, och wat de Statsrot deemools gesot huet, nämlech déi bësse Gläichstellung vun deem Privaten, dee sech eng Pensioun hält, an deem, dee vum Betrib eng kritt, dat ass, wann ausbezuelt gëtt.

Mir soen elo, et ass Prévoyance. An der Rei. Dat anert ass och Prévoyance. Et ass och soss näischt anesches. Entweder ass dat eent en Element vu Vermögensbildung, wann eréischt mindestens no zéng Joer ausbezuelt gëtt,

oder et ass Prévoyance, mä dann ass et Prévoyance an deenen zwee Fäll.

Or, mir erlabe bei der Betribsrent, dass deen eenzelne Contribuable oder Salarié d'Méiglechkeet huet, sech e Kapital ausbezuelen ze loossen, oder eng Rent.

Déi do Saach erlabe mer elo hei net. Dat ass fir mech net logesch. Mir hätte missen hei eng ganz Kapitalausschüttung op 100% erlaben an einfach an der Gläichstellung vun där enger Rent mat där anerer Méiglechkeet, well si ass jo geduecht fir déi Leit haaptsächlech, déi net eng Betribsrent hunn, dass déi och an de Genoss vun esou eppes kënne kommen. Dofir hätte mir hinnen och déi Méiglechkeet solle loossen. An dann hätten jiddferee kënne optéieren. Also, dann hätten ech mat Sécherheet eng Kapitalausschüttung gewielt, well ech wëll net onbedéngt mengen, dass ech nach mat 90 Joer – ech weess jo net, ech wëll lech dat net zomudden, dass ech esou al ginn –, mä mat 90 Joer brauch ech dat vläicht net an deem Mooss, wéi ech et mat 61 Joer kënnt nach gebrauchen, an ech hoffen, dass ech eng Kéier d'Chance hunn, dat ze maachen.

Dir gesitt, mir traitéieren hei déi individuell Zousazpensioun einfach net d'selwecht wéi déi vum Betrib, an ech fannen dat net richtig. Ech fannen, et ass eng Kapitalausschüttung mat enger Besteuerung, déi korrekt gewiescht wier, nämlech iwwer e Revenu extraordinaire, esou wéi mer et schonn haten. Dat hätten guer näischt geännert an dat ass och net an der Argumentatioun ze widderleeë wann ee seet: Jo, mir besteieren elo beim Agank bei der Betribsrent an hei net.

Also dat huet nëmmen eppes mam Niveau vum Tarif oder vun de Besteuerungen ze dinn, awer net mam Modell. Et deet mer Leed, do, fannen ech, si mer net an der Rei.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances. - Ech duecht, Dir wiert amgaang ze erklären, d'Renten an d'Pensiounen wieren héich genuch.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Oh, dat ass eng Schlussfolgerung, déi Dir maacht. Ech hat geduecht ech géing erklären, wat den Ënnerschied ass tëscht eiser Approche an Ärer an där doter Saach.

Bon, den nächste Punkt ass dee vun der Loi Rau. D'Loi Rau, hu mir och relativ fréi gesot, mir verstinn, dass Problemer op EU-Niveau sinn. Mir verstinn, dass mer eng komesch Situatioun hunn, och bei eis op der Bourse. Mir wieren net frou, wann zu dësem Zäitpunkt, mir hunn dat mat Zäiten gesot – ech si frou, dass vill Leit sech op eemol hannendru gehaang hunn –, dat do ass geféierlech, wa mer higinn dat ze maachen. Mir hunn als Politiker vill kleng Steierzueler dozou veranlasst, an déi do Sicaven ze goen. Doduerch dass mer dat do méiglech gemaach hunn, an doduerch dass d'Banke mat grousem Tapage dat do verkaaft hunn, hu jo vill Leit sech dohinner och lackele gelooss. Do hu mir och

eng gewësse Responsabilitéit, an dofir hu mir och eng Responsabilitéit fir ze kucken, wéi mer deenen eenzelne Leit och do hëllefen erauszekommen. Well si hu vläicht e bësse verkannt, dass dee "Casino" do mat sech bréngt, dass een och alt emol verléiert bei där Geschicht. Dat haten och déi, déi d'Instrument verkafen, d'Banke, vergiess, enger Rei Leit ze soen.

Dofir, mengen ech, ass et scho wichteg, dass d'Regierung sech beweege gelooss huet, fir ze soen: Komm mir setzen et ëm ee Joer aus a mir iwwerleeën zesumme mam Secteur, wéi mer erauskommen, wat fir Instrumenter, wat fir eng Offfiederunge mer kënne fannen. Ech muss soen, wann ech der gehat hätten, déi ech direkt aus der Täsch gezunn hätten, dann hätten ech et gemaach. Ech hunn och net de Modell parat, mä ech sinn awer der Meenung, mir missten dat do fannen. Mir sinn als Partei op alle Fall der Meenung, dass een net abrupt dat do esou hätten kënne maachen an et ass scho richtig, dass mer eis elo ee Joer Bedenkzäit ginn.

Ech kommen dann op e weidere Punkt, dat ass dee vum Extraprofessionnel. Mir ginn elo hin a mir ginn deen Abatement, dee ganz héich ass, 180.000 Frang, mir ginn hin a mir maachen deen elo op, och da wann et zwee liberal Beruffer sinn. Ech wëll lech just an Erënnerung ruffe wou mer hierkommen. '87 hu mer deen agefouert, do war e kleng, 48.000 Frang. E bësse mat der duebeler Iddi, zwee Leit, déi schaffe ginn, deene soll gehollef ginn, déi hunn eng Rei Fräen, déi anerer net esou hunn. Mir hunn dunn eng Regelung geholl, dass et sech haaptsächlech fir Salariéë géing eegnen. Dat war d'Argumentatioun deemools. Firwat? Ma well déi liberal Beruffer eng gewësse Gestaltungsfräiheet awer an där doter Saach haten. Dat war den initialen Déclenchement vun deem doten Abatement.

Du si mer '91 higaangen a mir hunn en op 180.000 Frang gesat, well mer och festgestallt hunn, och zum Deel, et géing e Réservoir gi vu Leit, nämlech Fraen, déi net genügend op de Marché ginn, an dat wier eng Incitatioun, dass se awer op de Marché solle goen. Dat hu mer alles richtig fonnt, dass mer dat elo maachen. Mä ech muss awer feststellen, elo kritt geschwënn jiddfereen en – wann ech dat elo esou kucken –, jiddfereen, deen e Revenu vun deenen éischten dräi Kategorien huet, dee kritt dat do elo.

Bon, wann dat esou ass, datt mer d'Leit encouragéieren dat do ze maachen, da musse mer awer zu gläicher Zäit gesinn – an ech hunn et och gesot, ech mengen d'Kollege wëssen dat, et ass net zréckbehale ginn, ech bedauern dat –, dass et Kategorie vu Leit gëtt, déi dat do net hunn. Wien huet dat do net? Zwee Leit, déi net matenaner bestuet sinn an zesumme liewen. Déi kréien déi net. Ma déi hunn dach an hirem Stot, dee se do hunn, genau deeselwechte Problem wéi déi Leit, déi bestuet sinn. Si hunn déi Fräen, a si sinn allen zwee Salarié, si hu genau déiselwecht Situatioun, an do musse

mer endlech higoen, deene Leit dat do dann och zoukommen ze loosson. Mir kommen net derlaanscht. Egal wéi laang dass mer eis nach derlaanscht drécken, d'Individualiséierung par option ass eppes. Dat soll eréischt 2005-2006 kommen. Ech hat lech schonn eng Kéier gefrot, Dir sollt dat do virzéien, well mir kréien déi Diskussioun des Öfteren elo.

Dat do Beispill weist lech einfach, dass mer och mussen anescht denken. Mir kënnen dat do net bestuetene Koppelen einfach loosson. Da musse mer eng Regelung fannen – an dat soll jo dann och iwwert de Justizminister geschéien –, wéi mer eng aner Form vu Partnerschaft kënnen unerkennen, där mer och steierlech dat do kënnen zoukomme loosson. Well Leit, déi just eppes nach net gemaach hunn, nämlech de Krop, fir sech ze bestueden, a soss identesch an d'ärselwechter Situatioun sinn, déi mussen dann och identesch d'selwecht kënnen behandelt ginn. Dat do ass de wesentlechen Ënnerscheed, dee se hunn. De Splitting bréngt mat sech, dass et net méiglech ass, och tariflech dat esou ze gesinn, well dat eben esou an eise System ass. Et ass schwéier de Leit dat ze vermëttelen, mä, dat gestinn ech an, do läit en décke Problem dee mer hunn.

Mä da solle mer et wéinstens op esou engem Abatement wéi deem heiten awer maachen, dat wier liicht ze décidéiere gewiescht, vläicht net zu dësem Zäitpunkt fir déi do Leit, well mer nach net de Kader gesat hunn, ënner deem déi nei Partnerschaften geregelt solle sinn. Mä mir sollen dat esou schnell wéi méiglech maachen an net bis 2005-2006 waarden.

Eppes, wat mer direkt hätte kënnen maachen, dat ass fir déi Leit, déi am 1A sinn – Firwat si se am 1A? – a schaffe ginn, dat si jo bal ëmmer Alleinerzieher, dofir si se jo am 1A, soss wäere se am 1. Déi Leit gi schaffen. Also wann awer bei enger Kategorie Leit mat Sécherheet elo déi Argumenter, déi mer fir d'Aféierung haten, gëllen, nämlech dass se, gegebenenfalls si se Salarié oder Indépendant, Fräen hunn, well si musse schaffe goen, déi anerer net hunn, wou de Partner net mat schaffe geet, fir déi Leit ass et awer garantéiert applicabel.

Firwat si mer net higaangen a mir hunn d'Halschecht vum Abatement deene Leit am 1A, déi schaffen an déi ee Revenu hu vun enger vun deenen éischte véier Catégories de revenu – dat ass liberal Beruffer, Salarié, Landwirtschaft a gewerblech Aarbecht –, ginn? Firwat hu mer dat net gemaach? Ech hunn d'Propositoun gemaach. Ech fannen dat foncièrement ongerecht. Déi Persoun, déi Fra do mat engem Kand, déi muss schaffe goen, déi huet keng aner Solutioun, huet also Fräen. Firwat gi mer där net d'Halschecht vum Abatement? Ech froe jo net dat Ganzt, mä d'Halschecht. Bei enger Koppel, déi an där Situatioun ass, déi allen zwee schaffe ginn, déi also och dee Misär hunn, dass se sech anescht mussen organiséieren, aner Fräen hunn, do gi mer 180.000 Frang de facto, wa mer et individuell kucken deem enge 90, deem anere 90, an hei maache mer et net.

Duerfir soen ech lech: Mir musse méi schnell weiderkomme mat der Individualiséierung, well mer eng Rei Ongerechtegkeeten an ongerecht Situatiounen hunn, déi mer musse behiewen an op déi ech net all Joer wëll zrëckkommen.

Dat sinn déi Punkten, déi eis grosso modo ënnerscheede vun deem, wat mir bei de Privatpersounen anescht gemaach hätten.

Bei de Betriber hu mer drop gehalen, Här Minister, awer och d'Avisen emol nozekucken, déi komplizéiert zum Deel waren, vun der Chambre des Métiers, Chambre de Commerce, ABBL an dem Ordre des Experts comptables. Et war net grad esou erwünscht, dass mer déi duerchgeholl hunn. Ech muss soen, dee vun der Privatbeamtekummer, deen ëmmer excellent ass, konnte mer net an deem Mooss duerchhuelen, well e kouw ze spéit, do waren d'Amendementen fort. Ech bedauern dat, dass deen esou spéit kënnt, well deen ass ëmmer recherchéiert. Et deet mer Leed, dass mer dat net konnte maachen. Mir hunn dat bei de Betriber gemaach an do muss ech soen: Mir hunn eis d'Méi ginn emol Punkt fir Punkt, dat wat relevéiert ass vun der ABBL, vun dem Ordre des Experts comptables, vun der Chambre des Métiers ze kucken, wat ass richtig, wat ass falsch.

Mir hunn Äntwerte kritt. Ech muss soen, déi Leit, déi d'Betriebsbesteuerung ënner sech hunn an der Steierverwaltung, wësse genau wat se maachen. Et deelt een hir Meenung oder et deelt een se net, mä si hunn Explicatiounen fonnt. Ech muss soen, dass eng ganz Rei vun deenen Explicatiounen eis Genugtuung ginn hunn, anerer fënnt een erëm an den Elementer vun den Amendementen, sou dass ech soe kann, dass mer anstänneg a propper dat do behandelt hunn. Dat zum allgemeine Volet Betriber.

Hei kann een effektiv driwwer diskutéieren, a mir soen dat och: Huet ee misse bei de Betriber elo ënner 30 goen? Hu mir missen den zweetbeschte Schüler an Europa ginn? Hätten 32 et och gemaach? Hätten déi et och gemaach? Wou ass déi wëssenschaftlech Erkenntnis, wien elo Recht an Onrecht huet? Ech wëll jo och net soen, dass just mir Recht gehat hätten. Ech menge schonn, dass eppes mech stéiert elo am Globale bei där Saach.

Mir ginn hin a bei der Valeur d'affichage – dat ass de Gesamtbesteuerungstaux – gi mer ënner 30.

(Interruption)

Jo. Just driwwer. Pardon, jo. Mir sollte just ënner 30 goen, mir sinn elo just driwwer. Dat ass d'Valeur d'affichage. Ech weess, dass dat och wichteg ass, besonnesch an de grouse Konzern, wou ee feststellt, dass déi iewescht Bossen an den Nuancen och net ëmmer an den Detail ginn an dann heiansdo nëmmen op esou grouss Signaler kënnen reagéieren. Dann hätt ech et jo nach verstane wann een higaang wär, an et wär een do een Deel erofgaang.

Wann ech awer gesinn, dass mer dann op engem Punkt, wou ech awer konnt feststellen, dass an deene Jore virdrun, an alle Walprogrammer, ëmmer erëm gesot ginn ass "Dat hätte mer gär", nämlech deene Betriber hëllefen, déi investéieren. An da gi mer am 152bis, wou mer d'Bonification pour investissements hunn, wou mer also steuerlech Hëllef gi fir Investissementer, ëm 30% erof.

Ech hätt léiwer gehat, Här Minister, Dir wiert an der Valeur d'affichage, an der Kollektivitéitssteuer manner wäit erofgaangen an Dir hätt déi spezifesch Ausrichtung vun deem 152bis, dee mer aus guddem Grond jo eng Kéier op 12% gehuewen hunn, well e war jo 10% an eppes a senger Wierkung, an elo gi mer erëm erof.

(Interruption)

Wat gelift?

M. Norbert Hauptert (CSV), rapporteur.- Et gi jo awer keng 30 Prozentpunkten.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Jo, duerch den Amendement sinn et der e puer manner. Mä da sinn et zwee Prozentpunkten, an déi stéiere mech. Déi stéiere mech, Här Hauptert, einfach am ganze Bild. Ech hätt léiwer gehat, datt, wann et d'Finanzcapacitéit vum Stat ass, déi hei a Fro gestallt ass – ech kommen och herno op dat wat den Här Wiseler gesot huet –, wann dat de Punkt ass, Här Minister, dann hätt ech léiwer gehat, et wier manner op der Kollektivitéitssteuer gemaach gi wéi um Invest, wat awer nozevollzéien ass a wou ee jo awer wierklech ka soen, dat si keng Suen, déi ausgeschott ginn. Déi bleiwe jo am Betrib.

M. Jean-Claude Juncker, Ministre des Finances.- Den Ënnerscheed tëschent de Patronen an lech ass, dass d'Patrone gären alles hätten an Dir nëmmen d'Halschent vun deem, wat d'Patrone gären hätten.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Mä ech stelle fest, dass Dir hinne wesentlech méi gitt wéi mir hinne ginn. Dat stellen ech awer och da fest. Dir gitt also dann zwësche 50% an 100, well Dir... Jo dach!

M. Jean-Claude Juncker, Ministre des Finances.- Wann dat esou ass wéi Der elo sot, dann ass dat wat Der virdru gesot hutt net méi richtig.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Wéi dann? Ech hu gesot, et hätt een den Ausgleich anescht gemaach an et wier een net esou wäit op Gewënner erofgaang, déi awer och ausgeschott da ginn, an et hätt een dobäi gelooss, do wou d'Investitioun gemaach ginn, och wann et méi deier gi wier.

M. le Président.- Här Krecké, den Här Hauptert, de Berichterstatter, géing gär eng Fro stellen.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Ech kann dem Här Hauptert näischt verwieren.

(Hilarité)

M. Norbert Hauptert (CSV), rapporteur.- Merci Här Krecké.

Ma Här Krecké, bei där ganzer Saach do, muss een awer eppes consideréieren wat Der awer elo net mat erabezitt. Dir schwätzt jo awer elo praktesch dauernd vun den Entreprises, an ech menge bei den Entreprises ass eng wichteg Komponent d'Kollektivitéitssteuer. Or, bei der Kollektivitéitssteuer maache mir jo awer déi Imputatioun vum Impôt sur la fortune, dee mer elo ëmmodeleieren. Ech mengen, doduerch kréie jo awer sämtlech Gesellschaften awer och e gréisseren Avantage iwwert déi Imputatioun, déi de Verloscht vun der Bonificatioun iergendwéi kompenséiert.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Domat sinn ech an deem Mooss net d'accord. Ech fannen et ass eng komesch Praxis déi mer elo maache mat dem Impôt sur la fortune.

Wann Der meng Äntwert gär dorobber hätt: Also wa mer dat maache wat mer jo lo amgaang sinn, da komm mir soen dem Land wat mer maachen.

D'Betriber bezuelen an Zukunft keen Impôt sur la fortune méi. Dat ass...

(Interruption)

Här Hauptert, ech géing gär wëssen, wéi vill nach bezuelt gëtt mat där Moosnam, déi mer hei huelen.

Do bezuelen herno d'Betriber herno quasi keen Impôt sur la fortune méi, well se eng Imputatioun kënnen kréien, wa se higin a se halen dat fënnef Joer. Dat ass eng Regelung déi mer haten, mä se huet virdru gespillt op der Kollektivitéitssteuer, déi spillt elo um Impôt sur la fortune.

Mat der Konsequenz: Wie bezilt nach den Impôt sur la fortune hei am Land? Privatpersounen an déi Betriber, déi op individueller Basis organiséiert sinn, déi also net Kapitalgesellschaft sinn. Jo, déi bezuelen en nach.

A wat bezuelen déi dann? Dir kennt mä Beispill, ech hunn et schon oft gesot. Wat bezuelen déi? Déi bezuelen d'Contrevaleur. Ech hunn eng Kéier héichgerechent. Wat ass dann d'Verméigen, wat elo nach hei besteiert gëtt? Well et ass jo richtig, dass een d'Vermögenssteuer, fir eng Rei ausgläichend Gerechtekeiten hierzestellen, bäibehält. Mä wat ass awer de facto?

Mir besteieren hei d'Contrevaleur vun den Autoen, déi hei zu Lëtzebuerg zirkuléieren – huet den Effet vum Impôt sur la fortune – rechnen drop op Besteuerungsbasis – dat heescht, wat besteiere mer? – an dividéieren et einfach duerch 500.000 oder 600.000 Frang, et kënnt op d'Zuel vun den Autoen un.

Dat heescht, den Impôt sur la fortune bezuele mar hei Privatpersounen an d'individuell Entreprises, an nach net emol entsprechend der Fortune. Et wäert ee jo net

soen, dass d'ganz Fortune, déi hei zu Lëtzebuerg ze besteieren ass, elo nach just d'Contrevaleur vun den Autoen ass.

Also da komm mir schafen dee gielen Ziedel of, déi vill Aarbecht, déi do gemaach gëtt, wéi schlussendlech e puer Stéck, déi nu wierklech net wësse sech unzeleeën, scheinbar, déi do nach mussen Impôt sur la fortune bezuelen. Well dorops geet et eraus.

Hei sinn nach just e puer Stéck, déi sech net wëssen unzeleeën, well soss bezilt keen et méi. Et bezilt keen es méi.

(Interruptions)

An dat ass déi absolut Realitéit, dat hu mer net fäerdeg bruecht.

Dofir, dat ass meng Äntwert, wat den Impôt sur la fortune betrëft.

Ech hu net gefrot fir en ofzeschaffen, mä wann Der mer dat do scho sot, da soen ech lech, ass dat do meng Äntwert.

Dann e Wuert zur Gewerbesteier. Et kënnt och nach een op dee Punkt do zrëck. Mir hätten eis och eng Vereinfachung vun där Gewerbesteier kënne virstellen, wéi mer iwwerhaapt eis bei de Betriber eng Vereinfachung hätte kënne virstellen.

Dat ass net geschitt. Ech muss och soen – politesch gesinn –, datt ech och hei keen Impakt vun der DP mierken. Kënnt Der lech nach erënneren wéi dat an eisen Ouere geklongen huet, wann d'Mme Polfer hei iwwert d'Gewerbesteier hiergefall ass, wann der Stad Lëtzebuerg 1.000 Frang verluere gaange sinn? Lo geet der Stad Lëtzebuerg e Betrag a Milliardenhéicht verluer, hei héiert ee vun der DP näischt. Wann d'DP an der Regierung ass, ass et op eemol kee Problem méi, wann d'Gewerbesteier erofgesat gëtt bei de Gemengen. Dat muss nach ee mer erklären. Et ass kee Problem. Virdu waren 1.000 Frang e Monsterproblem an elo ass op eemol d'Gewerbesteier a Milliardenhéicht kee Problem méi. Ech muss soen, ech verstinn et net.

An dann, Här President, hunn ech de Summum vun der Hypokrisie des Woch vum Här Mosar erlieft.

(Interruptions)

Den Här Mosar seet zur Gewerbesteier: "Dat, wat mer lo maachen, ass net schlëmm, mä dat, wat mer 1992 bis 1993 gemaach hunn, dat war ganz schlëmm an dat hätte mer ni maachen dierfen". Kënnt Der lech dat virstellen, dass e jonken Deputéierten – Här President, dat ass un lech adresséiert – réckwierkend op Är Aarbecht 1992 als Innenminister, sech sou vun deem distanzéiert, wat Dir gemaach hutt, wou mir Är Partei ënnerstëtzt hunn a wou elo op eemol aus purem Opportunismus hei déi, déi deemools vläicht de Fanger hei net ze hiewe gebraucht hunn, mä déi deemools schonn an der CSV waren, lech

an de Réck falen an eis doriwwer och. Alles, fir sech vis-à-vis vun de Bierger erauszerieden: 1992, dat wier schlëmm gewiescht, mä....

(Interruptions)

Här President, et ass net schéin, wann engem dat geschitt! Ech hunn lech dat musse soen!

(Hilarité)

Ech kommen nach eng Kéier op d'Investitiounshëllef zu zrëck. Ech hunn et ugedeit: Mir hätte léiwer gehat, mir hätten do net dat gemaach, wat mer lo maachen. Mer si bal 30%...

(Interruptions)

Mir kënne lo driwwer streiden, Här Haupt, mä mir ginn zwee Prozentpunkten erof, dat ass vill, an dat begreisse mir mat Sécherheet net.

Et deet mer Leed, datt de Finanzminister net hei ass. Ech kommen op mä leschten Dada, an zwar op d'allgemein Ausrichtung vun eiser Steierpolitik a vun de Steiermoossnamen, déi mer huelen. Mir hunn an der Finanzkommissioun, souwuel beim Budget wéi och hei, évoquéiert, dass d'Reckstänn ëmmer nach e Problem sinn. D'Reckstänn sinn no deem Rapport, deem de Finanzminister krut huet, net méi kleng ginn, mä méi grouss ginn. Ware se 1996 18,8 Milliarden, da si se am Joer 2001 op eemol 31,5 Milliarden. Dat ass eng Realitéit, laanscht déi mer net kommen, quitte dass de Remboursement op där enger Säit vun zéng op 16 Milliarden eropgaangen ass.

Mä mir bréngen et net fäerdeg, dee System esou ze maachen, dass mer mat Zäiten d'TVA eranzéien. D'TVA ass jo de Betriber hir Steieren, an déi misste mer mat Zäit anzéien. Et ass net esou, dass ech dat einfach sou soen. Ech hunn deemools eng Ribambelle vu Moossnamen virgeschloen. Ech gesinn net, dass do iergendepes kënnt. Firwat maache mer dat net? Här Minister, erkläert mir, firwat een, dee seng Bulletinen schéi fein ausfëllt a seng TVA iwwerweist, an nëmme eng Kéier säi Bulletin vergësst, awer d'Suen iwwerweist, firwat deem eng Strof kritt. Mécht en awer de Contraire a fëllt d'Bulletinen aus ouni awer dat ganz Joer eppes ze bezuelen, geschitt em näischt. E kritt keng Amende, e kritt näischt. Et encouragéiert een am Fong déi Situatioun, déi ech elo virfannen.

Déi Réckstänn kommen dohir. Mir hu gutt Beispiller. An den direkte Steieren, wëll ech lech et nach eng Kéier soen. Jidderee weess dat, well et jo elo den 10. Dezember Zäit war, fir déi, déi trimestriell Avancé bezuele mussen. Probéiert eemol Är Suen de 5. Januar ze iwwerweisen! Wat geschitt lech dann? Da kritt Der Zësen an déi kritt Der, och wann Der lech op de Kapp stellt, net méi réckgäנגeg gemaach. A mat Recht. Et ass eng Toleranz do, déi ongeféier dräi Wochen ass, an et

soll een net domat spillen. Dat ass eben esou. Firwat brénge mer et net fäerdeg, datselwecht bei de Betriber mat der TVA ze maachen? Et si jo net deenen hir Suen. Hei maache mer et op de Revenuen am Viraus op den Avancen a mir maachen et awer net op der TVA. Firwat? Ech verstinn et net.

M. le Président.- Den Här Minister freet d'Wuert. Den Här Minister Frieden huet d'Wuert.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Här President, ech deelen dem Här Krecké seng Suerg. Ech wëllt e just froen, wat hie konkret proposéiert. Ech ënnerschreiw regelméisseg als Budgetsminister déi Charge vu Steieren, souwuel indirekter wéi direkter, wann et deenen zwou Steierverwaltungen net méi méiglech ass, am Fall vun enger Faillite, fir déi Suen anzedreiwen. Do stellt ee fest, dass déi, déi Amendé kritt hunn oder bei deenen d'Zësen ugelaft sinn, och net bezuelt hunn. D'Fro ass ganz oft déi, no wéi vill Joer, wann e Betrib dat net bezilt, d'Verwaltung d'Faillite vun deem Betrib froe soll. Dat ass eng Fro, well dann d'Zuel vun de Failliten héchstwahrscheinlech nach eropgeet. Mä déi Fro, déi ech mer ganz réellemment stellen, wann een zwee oder dräi Joer seng zwou Zorte Steieren net bezuelt – wann een déi Dossiere kuckt, sinn et all Zorte Steieren, déi net bezuelt gi sinn, och d'Lounsteier –, ob een dann net einfach soe muss, dass d'Verwaltung einfach d'Faillite vun deem Betrib ufroe soll. Ech wëllt lech froen, ob dat dee Wee ass, op deem Dir goe géift, oder ob Der eng aner Proposition hutt, mat all deene Konsequenzen, déi dat awer och mat sech zitt. Well déi Betriber soe ganz oft a schreiwen och nach dräimol der TVA-Verwaltung: "Gitt eis nach ee Joer, d'nächst Joer wäerte mer et bestëmmt bezuele kënnen!". Meeschtens ass dat awer net de Fall.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här Minister, ech hunn eng Äntwert dorop. Ech hunn lech gesot an ech hunn et och geschriwwen – et ass jo net esou, wéi wann ech hei eppes Neies erfanne géif: Mir sollen en Datum X hunn a mer sollen eng Toleranz hunn. Déi Toleranz ass am Moment zweeanenhallwe Mount. Eigentlech 15 Deeg, mä et sinn tatsächlech nach zwee Méint hannendrun. Mir kënnen déi loossen, mir kënnen se awer och e Mount erofsetzen. Da solle mer de Betriber einfach soen: "Dir iwwerweist, direkt!" An zwar solle mer dat eng Kéier zu engem Datum X aféieren an net kucken, wat elo réckwierkend ass. Dat ass en anere Problem. D'Lounsteier an d'TVA, dat sinn hir Sue jo net. Ech schwätzen net vun de Revenuen. Et sinn net hir Suen. Et muss een se also éduquéieren, iwwert deen doe Wee, déi Suen op d'Säit ze leeën. Deen, deen net weess, dass, wann en owes seng Keess opmécht, dat, wat en an der Keess huet, net seng Sue sinn, muss vum Stat beléiert ginn. De Stat huet d'Flicht, hien dat net gleewen ze dinn. Or, mat där Regelung, déi Dir hutt, loosst Dir ebe just d'Leit dat gleewen. Doduerch, dass Der hinne keng

Strof gitt an dass Der se sech quasi iwwert d'TVA an och d'Lounsteier zum Nulltariff géigefinanzéiere loosst, verleet Der se dozou. Et gëtt also keng Faillite méi. Et ass eng Education noutwendeg, déi mat grousser Kampagne ugekënnegt gi soll. Se soll zu engem Datum, wou sech jiddfereen drop astelle kann, applizéiert ginn. Mettons d'nächst Joer. Et kann een e ganz Joer loossen, ier een dat applizéiert. An da kuckt een, wann et d'nächst Joer den 1. Januar wier, d'Situatioun vun all deene Betriber, déi net an der Rei sinn. Et hëlt een do, genausou wéi et och op anere Plazen ass, quasi e Sozialplang. Ech wëll och net, dass Betriber onnëtz a Faillite ginn. Et soll ee kucken, deene Betriber dann d'Méiglechkeet ze ginn, erauszekommen, an déi Betriber vun engem Datum X un, sollen no enger anerer Regelung funktionéieren. Sot mir, firwat d'Lounsteier an d'TVA net no zwee oder zweeanenhallewe Méint ofgeléiwert soll ginn an an der Keess bleiwe soll. Dat hëlleft dee Moment och e gewëssenen éducativen Incentive ze ginn.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- De Finanzminister an ech si ganz Ärer Meenung. Ech soen lech just, datt och wann esou Betriber Rappelé kréien, se sech einfach net doru stéiere. A wa se Amendé kréien, och net. Ech stelle mat Satisfaktioun fest, datt d'Parlament op d'mannst duerch dat heien dovunner schwätzt. Dräi Méint, ech soen lech et, ass eng extrem kuerz Toleranz. Ech géif lech gär eng Kéier sou Dossiere weisen; ech weisen lech der eng Kéier ouni Nimm, fir dass Der wësst, wéi sou Dossieren ausgesinn. Et gesäit een do, datt, och wann d'Rappeler kommen, X Interventiounen bei der Verwaltung kommen, wou plädéiert gëtt: "Gitt eis nach eng Chance, mir wäerten dat doen an d'Rei kréien!". Or, et geet ni an d'Rei. Dofir sinn ech mat lech d'accord, well ech als Budgetsminister selbstverständlech weess, dass dat net Sue vun deene Betriber, mä vun der Kollektivitéit sinn. Ech sinn do op enger Linn mam Finanzminister a mengen, dass een do méi streng duerchgräife muss.

Ech soen lech merci.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här President, ech hu kee Problem domadder, dass den Här Minister all Kéier dotëscht seng Explicatiounen gëtt...

(Interruption)

Oh, et war méi wéi eng Minutt, meng Zäit ass nämlech weidergelaft.

En zweete Punkt, Här Minister. Erkläert mir, wat bei de Statsverwaltungen net méiglech ass, mä wann ech gesinn....

(Interruption)

Jo, mä Dir kritt jo d'Wuert.

Erkläert mir, firwat dat, wat all Bank kann, all klengt Institut, bei de Steieren net méiglech ass. Si brénge ganz

gutt fäerdeg, Zënsen ze verrechnen, wann et heescht, Zënsen astiechen, mä si bréngen et net fäerdeg, d'Zënsen ze berechnen, déi si schëllen, wa si de Leit net bäizäiten hir Suen iwwerweisen. Sot mir wéi dat méiglech ass! Mir gëtt einfach gesot, dass dat technesch net méiglech ass. Dat loosse ech net gëllen. Wann et iwwerall méiglech ass, dann ass et och do méiglech. Do hätt ech gär, dass de politesche Wëllen hei mol eng Kéier bekunnt gëtt an och dann an den Taten novollzéibar gëtt, dass Dir veranlasst, dass d'Leit an Zukunft déi Sue kréien, sief et an der TVA bei de Wunnengen, sief et beim Revenu, sief et och bei der TVA. Et gëtt och Leit, déi TVA vum Stat zegutt hunn. Et soll esou sinn, dass déi Zënsen kréien, no engem ugemessenen Zäitraum, wou ee soe kann, dass d'Steierverwaltungen deen Dossier hätte complétiere mussen. Dozou hätt ech gär eng kloer Ausso. Ech hunn dat elo schonn e puer Joer gesot an ech fannen, dass et net duergeet, dass Der eis all Kéier vertréischt a sot, et ass net méiglech.

Dann e Wuert zur Fraude fiscale an zu de Méiglechkeeten, déi Der Äre Steierverwaltungen gitt. Nach ëmmer – an dat krut Der jo virgehalen, a Pisa II – sinn eis Steierverwaltungen ganz schlecht équipéiert, se hu kee Service informatique, si hunn näischt. Wa mer dat esou hunn, brauche mer eis och net ze wonneren, dass d'Équité fiscale an där Form net virgesinn ass. Ech muss einfach soen, wa mer muer gären e Minimum u Steiergerechtegkeet hätten, musse mer eis Verwaltungen sou modern ausrichten, dass se hiren Aufgaben nokomme kënnen. Si wëssen hannen a vir net méi sech ze wieren, sou vill Betriber komme bäi. Mir hëllefen hinnen net iwwert den informatesche Wee, dat doten ze maachen.

Dann, Här Minister, erkläert Der mer och nach eng Kéier, firwat dass mer weiderfueren, nach ëmmer, dass deeseweichte Ministère – de Finanzministère d'Immobilien op véier verschidde Fassongen évaluéiert: Eng Kéier d'Valeur unitaire, déi direkt Steuer; d'Valeur vénale, den Enregistrement; d'Valeur comptable, béid heiansdo, an d'Valeur de revenu cadastral, och nach eng Kéier. Ech soen einfach, dat ass dach "Huckameio", wéi de Kolleg Regenwetter, fir deen nach eng Kéier ze zitieren, seet. Wat huet dat dann als Konsequenzen? Wann do eng Kéier e Steuerzueler op den Tribunal geet, kritt e Recht. Déi Situatioun huet nämlech folgend Konsequenzen: Wann ech zéng Milliounen hunn an déi op d'Säit leeën, bezuelen ech Impôt sur la fortune op där Zomm; wann ech se an en Appartement oder an en Haus stiechen, dann huet dat vläicht eng Valeur unitaire vun 100 bis 120.000 Frang, an da bezuelen ech keen Impôt sur la fortune dorop. Also, a genau darselwechter Situatioun, bezuelt deen een, deen zéng Milliounen huet, en Impôt sur la fortune, an deen aneren, deen d'Haus mat darselwechter Valeur huet, net. Dat kënnt vun där doter Situatioun. Wann do een...

(Interruption)

Dat ass genau datselwecht. Wann s de eng Sicav keefs, bezilst de och. Maja!

Och wann ech lech op d'Nerve ginn, dat do si Saachen, déi ech foncièrement ongerecht fannen. An dofir soen ech lech: Mir kënnen ëmmer d'Aen zoumaachen a sou weiderfueren. Ech fannen awer, dat si Punkten, déi derwäert sinn, gesot ze ginn.

An dat Lescht, wat ech lech soe muss, Här President: Ech hunn hei schonn e puer Mol fir eng besser Zesummenaarbecht vun de Steierverwaltungen plädéiert, wa mer gär Steiergerechtegkeet hätten. De Premierminister huet hei am Etat de la nation verkënnegt: "Fir d'Steiererhiewung méi effizient ze maachen, fir d'Steierhannerzëiung besser bekämpfen ze kënnen" – en huet also These vun 1997 iwwerholl – "fir déi mënschlech Ressourcë beim Stat besser asetzen ze kënnen, gëtt dru geduecht" – lo awer opgepasst – "d'Steier- an d'Enregistrementsverwaltung an enger eenzeger Verwaltung zesummenzeleeën; d'Virbereedungen, fir dëst ze maachen, lafe geschwënn un." Dat do hunn ech 1997 gefrot. Et ass elo ugekënnegt ginn. Mir hunn eng Loi organique virgeluecht krut, op déi ech nach kuerz zrëckkommen, Här Minister. Näischt ass dovunner dran, guer näischt. Et héiert een och näischt méi. Den Enregistrementdirekter huet sech vehement gewiert, mä dat geet jo awer wahrscheinlech net duer, fir dass enger gudder erkennbarer Evolutioun net Rechnung gedroe gëtt. Et ass keen Text, dee virläit, et läit guer näischt vir.

D'Finanzéierungskapazitéite si mäi leschte Punkt. Do wëll ech nach eng Kéier dem Här Wiseler soen, dass mir ni gesot hunn, dass dat hei d'Finanzéierungskapazitéit vum Stat a Fro stelle géif. Ech wëll dat nach eng Kéier kloer soen. Mir sinn an engem Moment X, wou mer eng gewëss wirtschaftlech Entwécklung hunn, wou mer eng gënschteg Situatioun hunn, da solle mer an d'Investmentfongen an an eisen Outil, dee mer muer nach brauchen, investieren. Mir sollen eis Statsverwaltungen moderniséieren a mir sollen eng Form vun Ëmverdeelung maachen. Mir sollen de Steierdrock, deen net noutwendeg ass, erofsetzen. Mä dat heescht awer och, dass mer, en contrepartie – wa mer déi Aufgaben, vun deene mer awer wëllen, dass de Stat an d'öffentlech Hand se erfëllt, kucken –, mat deene Reduktiounen muer, wann d'Situation sech erëm ännert, erëm eropgoe mussen. Et kann een net plangen, wat déi nächst zéng Joer geschitt. D'Steiere si kee Selbstzweck, wéi den Här Wiseler gesot huet, se sinn effektiv do, fir eng Finanzéierung vun noutwendegen, gemeinsamen Aufgabe virzehuelen. Si sinn awer och eng Form vun Ëmverdeelung. Dat wëll ech virausschécken.

Här President, ech kommen elo zur Konklusioun. Mir hunn hei eng Rei Virschléi nach eng Kéier widderholl, déi mer an der Finanzkommissioun gemaach hunn an déi net zrëckbehale gi sinn. Wat iwwreg bleift, wat

d'Regierung an d'Majoritéitsparteien lo zrëckbehalen hunn, ass fir eis global positiv. Et ass net, dass schlecht Elementer dra wieren, mä et feele Saachen, déi ech hei opgezielt hunn. Dofir kënnen mir deem Tariff do zoustëmmen. Mir wieren awer frou – a mir wäerte weider dorop drängen –, wa sozial Begleitmoosname kommen.

Eng richteg Reform wier et, an dat wier eise Wonsch gewiescht, wann et zu enger Vereinfachung komm wier, wann d'Negativsteuer an den éischten Etappen hätt kënnen undiskutéiert a verwierklecht ginn, wann d'Individualiséierungsbestriewungen hiren éischten Nidderschlag fonnt hätten a wann d'Steiergerechtegkeet méi grouss gi wier, doduerch dass mer eng Rei Elementer berücksichtegt hätten, déi mer elo net an dëser Reform virfannen.

Mir wäerten dës Reform awer stëmmen, well mer se global positiv fannen, mä mir vermessen e ganze Koup Elementer, déi mer hoffentlech iergendwann eng Kéier hei virgeluecht kréien.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Jean-Paul Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger (DP). Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann een dës déif gräifend Steuerreform misst charakteriséieren, da géng ee soen: esou vill Steiere wéi néideg an esou mann Steiere wéi méiglech.

Mir wëssen, dass de Stat keng Steieren anhëlt nëmme weinst de Steieren. Eng wuelverstane Steuerpolitik huet an eisen Aen eng duebel Finalitéit:

Si soll dem Stat déi néideg Recettë garantéiere mat deenen hie seng Aufgaben, dat heescht seng Politik maache kann.

Si soll d'Verhale vun de Bierger an de wirtschaftlechen Acteuren esou influenzéieren, dass de Stat an d'Gesellschaft hir Ziler erreechen, déi si sech an deene verschidenste Beräicher, sief et sozial, Transport, Schoul, Ëmweltpolitik, an esou viru gesat hunn. Leeschtung soll sech op alle Fall an an allen Hisiichte lounen.

Aus deem ergëtt sech, dass an eisen Aen de Stat net méi Geld soll eranhuelen – ech hunn et virdrun ugedeit – wéi hien ës brauch, an dass de Stat de Leit esou vill Geld wéi méiglech soll loossen.

Dat ass och dat, wat d'Philosophie vun dëser Regierung ass, déi am Koalitiounsaccord Folgendes festgehalten huet, a well et esou schéin ass, wëll ech et répétéieren: "La politique fiscale, tout en s'insérant dans un objectif d'équilibre des finances publiques continuera premièrement à être un instrument essentiel de la consolidation et du renforcement de la compétitivité des entreprises luxembourgeoises et deuxièmement à être un instru-

ment de promotion de l'équité sociale sur la base du principe de la capacité contributive et dans le respect de l'effort individuel".

D'Regierung huet sech also un de Koalitiounsaccord gehalten, wéi si dës Steuerreform an zwou Phasen dem Parlament presentéiert huet, eng Steuerreform, déi ganz wäit iwwert eng reng Korrektur vun der Inflatoun erausgeet. Niewent hirem inhaltlechen Aspekt, deem d'DP-Fraktioun begréisst, si mir awer och der Meenung, dass dës Steuerreform an där Envergure zäitlech richteg kënnt; an an engem méi ongewëssen international wirtschaftlechen Ëmfeld a Kontext ass dës Steuerreform och vun hirem Zäitpunkt richteg gewielt, well si eiser Ekonomie net nëmmen en zousätzleche Schwonk gëtt, mä well si eis Ekonomie kompetitiv par rapport zum Ausland léisst. Dat heescht, d'Grondausrichtung vun dëser Steuerreform stëmmt, si ass net nëmmen inhaltlech gutt, mä si kënnt och zum richtige Moment.

Här President, wann een iwwert dës Steuerreform, déi d'DP an d'CSV an hirem Koalitiounsaccord 1999 beschloss haten, en Uerteel muss ofginn, da fannen ech, muss ee véier Punkten ervirhiewen:

1. Si ass déif gräifend, well se de Bierger ëm 27 Milliarde Frang entlaascht, wann een déi éischt an déi zweet Phas vun der Steuerreform kumuléiert. Si ass déif gräifend, well se derniewent och d'Entreprises ëm iwwer 13 Milliarde Frang entlaaschte wäert. Si ass déif gräifend, well se wäit iwwer eng einfach Inflatounsberengung erausgeet.

2. Si ass wichteg fir de Standuert Lëtzebuerg zu engem Moment, wou an anere Länner d'Steierlaascht vun de Bierger a vun den Entreprises ofgesenkt gëtt a virun allem wou d'Ekonomie vu richtigen Handelspartner net méi ronn dréien.

3. Si ass am Volume richteg, well de Stat net méi Geld eranhuele soll wéi hien ës brauch an doduerch en zousätzleche Schwonk an d'Ekonomie bréngen kann.

4. Dës Steuerreform ass an hirem Grondwiese liberal, well si d'Leeschtung vun de Leit an den Entreprises unerkennt a fördert.

Dës Steuerreform gëtt also Äntwerten op ganz vill Froen, déi sech haut stellen. Erlaabt mer dofir, dass ech just op e puer wichteg Punkte vun dëser Reform aginn, wat d'Personnes physiques ugeet, mäi Fraktiounskolleeg Gusty Graas wäert no mir op d'Steuerreform vun den Entreprises agoen.

Här President, ier ech iwwert d'Personnes physiques schwätzen, wëll ech dem Rapporteur, dem Här Norbert Haupt, e ganz grouse Merci soen, fir säin excellente schrëftlechen a mëndlechen Rapport. Et war net einfach. Et ass e komplexe Sujet an en huet deen excellent gemeeschtert. Ech wëll awer och am Numm vu menger Fraktioun deenen héichrangegen an héich qualifizéierte

Leit aus der Steierverwaltung och e grouse Merci soen, déi eis an dem Examen vun dem Text gegleet hunn.

Eng Steiertabell gëtt maassgeblech gepräegt vu sengem Agangs- beziehungsweise vu sengem Spëtzezteiersaz, esou wéi vun den Tranchen, beziehungsweise der Breet vun deenen Tranchen. Ech wëll direkt op de Spëtzezteiersaz ze schwätze kommen.

1999 hat d'DP an hirem Walprogramm als éischt Partei e Spëtzezteiersaz vun héchstens 42% gefuerdert. 1999 kouw d'DP an d'Regierung. 2001 ass de Spëtzezteiersaz op 42% zréckgefuert ginn, fir 2002 op 38% ze kommen.

Firwat ass et esou wichteg, dëse Spëtzezteiersaz ze senken? Nun, en niddrege Spëtzezteiersaz bedeit, dass eist Land fir déi héich qualifizéiert Main-d'oeuvre interessant gëtt, eng Main-d'oeuvre, déi eis Wirtschaft, besonnesch d'Industrie an d'Finanzplaz, brauch, eng Main-d'oeuvre, déi rar ass an oftmools just am Ausland ze fannen ass.

Als Finanzplaz muss een natierlech e Bléck op d'Konkurrenz werfen, déi jo och attraktiv fir esou Leit wëllt sinn: Lëtzebuerg wäert ab 2002 deen niddregste Spëtzezteiersaz an Europa hunn. Zum Verglach sief erwähnt, dass Däitschland ab 2003 op 49,6% an 2005 op 44,3% kënnt. Frankräich, en anert Nopeschland, ass op engem Spëtzezteiersaz vun 59,3% an eis belsch Frënn op engem vu 56,6%.

Liberal sinn, heescht net nëmmen duerch en niddrege Spëtzezteiersaz d'Leeschtung ze förderen, mä heescht och um Agangszteiersaz generéis ze sinn. Och déi Leit mat klenger Revenu, Här Glesener, solle profitéieren, andeems hir souwéiso schonns niddreg Revenu net direkt erëm vum Stat ewechbesteiert ginn.

Hei ass d'Regierung der Proposition vum der sozialist-escher Aarbechterpartei entgéintkomm an huet den Agangszteiersaz vun aktuell 15% op 8% erofgesat fir e Revenu tarifaire vun 393.314 Frang. Eréischt ab dësem Revenu bezilt een also Steieren, esou dass een, deen ee mam RMG vergläichbare Revenu bezitt, keng Steiere bezilt. Dat ass eng Sozialmesur, déi mir nëmmen ënnerstëtze kënnen an déi mir och an der Vergaangenheet ënnerstëtzt hunn.

Et ass natierlech richteg, wann ee seet, dass ëmmer manner Leit hei am Land Steiere bezuelen. An eisen Nopeschlänner wäert se frou, wa si esou wäit wäert wéi mir. D'Fro, déi sech stellt, ass natierlech déi, ob de Gruef tëschent de Steierzueler an Net-Steierzueler net méi grouss gëtt. D'Steierpolitik kann een, a mengen Aen, op zwou Aart a Weise kucken a begutachten. Et kann ee si als Politik fir déi, déi Steiere bezuelen, kucken, oder et kann een d'Steierpolitik als Ëmverdeelungsinstrument betruechten.

A mengen Ae muss si déi zwou Komponente beinhalten no dem Motto: "L'impôt est la conséquence inévitable

de la vie en société." Et ass wichteg, an et gouf a munnechen Aise vu verschiddene Beruffskummeren des Öftere schonns drop higewisen, dass een, dee Steiere bezilt, sech méi an d'Gesellschaft agebonne fillt, beziehungsweise méi Verantwortungsbewosstsäin huet an entwéckelt fir dat, wat ronderëm hie passéiert.

Well mir awer aus sozialen Iwwerleeungen eraus déi niddreg Revenu net mat Steiere belaaschte wëllen, hu mir e Problem, e Problem, deen een zum Beispill, op d'mannst emol wat seng theoretesch Konzeption ubelaangt, mat der Negativsteuer eventuell behiewe kënnt. Allerdéngs mussen mir eis dann och iwwert d'Ziilsetzung vun der Negativsteuer eens maachen, well jiddereen, dee vun der Negativsteuer schwätzt, huet nach laang net ëmmer déiselwech Ziler.

Ech wëll drun erënneren, wéi d'Iddi vun der Negativsteuer erfonden gi war, si dunn als Beschäftigungsmesur geduecht war, fir deene Leit eng Aarbecht ze ginn, fir déi d'Ekonomie keng Plaz méi huet, Leit, déi onqualifizéiert sinn, déi berufflech gesi wéineg kënnen a fir deenen hir Aarbecht kee bereet wier, e Mindestloun ze bezuelen. D'Negativsteuer gëtt awer och als sozialpolitescht Ëmverteilungsinstrument ugesinn, wou een, anstatt eng komplizéiert staatlech Ëmverteilungsmaschinerie dréinen ze loosse,...

(Interruptions diverses)

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Loosst dach den Här Rippinger schwätzen. Här Mars Di Bartolomeo, Dir sidd jo agedroen. Den Här Rippinger ass amgaang ze explizéieren.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Ech sinn amgaang ze explizéieren, wat mir dorënner verstinn.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Ënnert der Negativsteuer am Rumm vun den Noutandsaarbechten?

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Neen, dat hunn ech jo net gesot.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Dach!

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Neen, als Beschäftigungsmesur. Ech zielen déi verschidde Méiglechkeeten op, wou ee ka vun enger Negativsteuer schwätzen.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Da sot eis dat nach eng Kéier.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Neen.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Dat do hunn ech nach ni héieren, Här President.

M. le Président.- Da loosst dach den Här Rippinger schwätzen, en ass nach net fäerdeg.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Dir kënnt lech jo de Verbatim huelen, da kënnt Der dozou Stellung huelen. Wann Dir net gutt héiert, dofir kann ech net.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Dir schwätzt wéi Herakleitos der Dunkle.

(Interruption)

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Neen, ech verwiessle guer näischt. Dass mer lech net an de Kroum schwätzen, dat ass eng aner Saach.

Ech fannen et op alle Fall eng gutt Iddi, dass nodeems d'Chambre des Employés privés an de Budgetsrapporteur vum leschte Joer, den Här Graas, op dese Punkt higewisen hunn, d'Regierung beim Conseil économique et social en Avis iwwert d'Negativsteuer ugefrot huet. Ass dat och falsch? Een Avis, dee versiche soll, déi dräi Zilsetzungen, vun deenen ech virdu geschwat hunn an déi, eiser Meenung no, déi dräi Zilsetzung vum der Negativsteuer sinn, déi Dir natierlech net braucht ze deelen, ze analyséieren.

Här President, d'Demokratesch Partei hat 1997 an och duerno an hirem Walprogramm nach vill aner Saache gefuerdert, déi sécherlech net all, awer zum Deel, an dëser Steuerreform ze fanne sinn. D'Regierung hat de Choix, entweder verschidden Abatementer, Deduktiounen, beziehungsweise Bonifikatiounen ze erhéijen oder eppes um Tarif ze maachen.

Ech muss soen, dass ech léiwer hunn, dass eppes um Tarif gemaach gëtt, sous condition dass et esou vill Effet produziéiert wéi dës Reform. 27 Milliarden an zwee Joer ass extrem vill Geld, dat mer dem Steuerzueler an der Täsch iwwerloossen. D'Demokratesch Partei hat scho ganz fréi, nämlech 1997 gesot, dass d'Ofsenke vum Spëtzesteuersatz op 42%, an doduerch natierlech vun deenen anere Steuersätz, fir si eng Prioritéit wier. Ech ka mech eigentlech nach gutt erënneren, dass d'CSV 1997 och wollt op 44% erofgoen, dat awer net mat der LSAP méiglech war, déi deemools op 46% bleiwe wollt. Elo komme mer op e Spëtzesteuersatz vun 38%.

Ech fannen et e wichtegt Signal, wat hei vun der Regierung ausgeet. Ech fannen et dofir och net falsch, dass d'Abatementer, ebe well esou vill Positives um Tarif geschitt ass, mat e puer Ausnahmen net beréiert gi sinn. Et ass méi wichteg, et geschitt eppes um Tarif wéi op den Abatementer. Dann treffe mer jiddfereen, beziehungsweise ass et och méi einfach de Leit am Ausland ze erklären, wéi wéineg Steieren een zu Lëtzebuerg bezillt, wéi dass een hinne muss soen, wéi wéineg Steieren een eventuell bezuele kéint. Domat sinn ech um Sujet Abatementer, wou och nach eppes geschitt ass.

Niewent der Reform um Tarif sinn nach weider liberal Elementer an dëser Reform enthalten. Ech denken do zum Beispill un d'Mesuré fir d'Betribs- an d'Privatrenten, dat heescht, den zweeten an den drëtte Pillier.

Keng aner Partei wéi d'DP huet sech esou fréi an esou daitlech fir d'Privatrenten, beziehungsweise fir d'Betribsrenten agesat. D'Resultat dervun ass, dass dee sou

genannten zweeten an drëtte Rentepilier och elo an där neier Steuerreform agebaut gi sinn.

Wat d'Betribsrenten ugeet, déi de Patron also fir seng Mataarbechter uleet, gëtt den Taux forfaitaire vun der Imposition à la source vu 25% op 20% zrëckgefouert. Dat mécht et méi interessant fir de Patron, eng Betribsrent fir seng Mataarbechter unzeleeën. Dëst ass zwar just e mechanesch Ajustement vum Taux, well den Tarif jo geännert gouf. Trotzdeem gëllt et en ervirzehiewen.

Nach méi interessant gëtt et awer elo am drëtte Pillier, dat heescht am Beräich vun der Privatrent. Dat net nëmme wat den Abatement ubelaangt, mä och wat d'Konditiounen ubelaangt.

Bis elo wor et jo esou, dass een e Kontrakt mat enger Assurance konnt maachen, fir eng Rente viagère, woubäi d'Mindestdurée vun dësem Kontrakt zéng Joer war a woubäi een dës Rent fréiestens sech ab 60 Joer konnt all Mount ausbeziele loosse.

Des Weideren ass dës Privatpensioun och nach op Grond vum Artikel 96 LIR als "revenu provenant de pensions et rentes" besteiert ginn. Schliesslech war et och nach esou, datt dat Geld, dat een abezuelt hat, verluer war, wann den Assuré virun der Echéance vum Kontrakt gestuerwen ass. Och den Abatement vu 27.000 Frang – deen 48.000 Frang war fir eng bestuete Koppel – war net immens interessant, esou datt wéineg Privatpensiounen vun de Leit ofgeschloss gi sinn. Dat wäert sech bestëmmt an Zukunft änneren, well verschidde Konditiounen heifir staark verbessert gi sinn.

Esou ass et ab dem nächste Joer méiglech, dass ee sech d'Halschent kann als Kapital ausbeziele loosse an de Rescht eben als Rente viagère. Des Weidere wäert d'Rente viagère, dat heescht, dat wat een all Mount als Privatpensioun erauskritt, zu 50% vun der Steuer befreit ginn.

Den Abatement klëmmt en fonction vum Alter vun de Leit, déi sech fir eng Privatpensioun décidéieren, dat heescht, gestaffelt vu minimal 1.500 Euro, wann ee méi jonk wéi 40 Joer ass, bis op maximal 3.200 Euro, wann ee méi al wéi 55 Joer ass.

Well vill Leit an hirem Liewe sech mat hirer Pensioun beschäftegen, gëtt heimadder d'Méiglechkeet geschaaft, datt si och nach, wa si méi al sinn, e staarken Ureiz hunn, fir eng Privatpensioun unzeleeën.

Wann déi Persoun, déi d'Privatpensioun ugeluecht huet, géing virun der Echéance vum Kontrakt stierwen, da wäert dëst Geld dem Ayant-droit, dat heescht an der Regel der Famille oder den Ierwen, zoufale.

Dëst ass e Punkt, deen eis an der Vergaangeheet speziell um Härz louch. Elo endlech hu mer en interessant Produkt hei kreéiert, wat sécherlech en Effet bénéfique op d'Bierger selwer an op d'Banken an d'Assurancen, déi esou Produkter ubidden, wäert hunn.

Här President, erlaabt mer dann nach kuerz op d'Loi Rau ze spriechen ze kommen. D'Loi Rau gëtt tëschent 2003 an 2005 ausklénge gelooss, andeems engersäits den Abatement phaseweis vu 60.000 Frang erfogsat gëtt an andeems anerersäits den Undeel vu Lëtzebuergeresche Valeuren an de Sicave vun elo 75% op 25% zrëckgefouert gëtt.

D'Regierung huet dëse sou genannte "phasing out" ëm ee Joer reportéiert, fir ze verhënneren, datt et zu Turbulenzen op der Bourse an Nervosität bei de Sicav-Besëtzer an de konzernéierten Entreprisë kënnt, an dat war och gutt esou.

Fest steet awer, datt et d'Loi Rau ab 2005 net méi gëtt, an dat aus e puer Grënn. De sou genannten Arrêt Verkooijen a virum allem d'Tatsaach, datt dat verfollegt Zil vun der Loi Rau, nämlech einheimischen Entreprises iwwert dee Wee zousätzlecht Kapital ze ginn, net an deem Mooss erreecht konnt ginn, wéi dat virgesi war.

Allerdéngs war d'Loi Rau, wéi de Conseil d'Etat dat a sengem Avis bemierkt huet, eng regelrecht Success-story, wat de sou genannte "Kleinanleger" ugeet. Fir d'eischte Kéier hunn d'Lëtzebuerger sech massiv un d'Bourse gewot, hunn d'Lëtzebuerger net nëmme gespuert, mä och investéiert.

Wa mer nämlech iwwert d'Loi Rau schwätzen, da musse mer och wëssen, datt mer, wéi de Conseil d'Etat dat geschriwwen huet, iwwer eng Valeur boursière, op den 30. September 2001 gekuckt, vun ëm déi 18,5 Milliarde Frang schwätzen.

Geld, dat elo, esou hofft d'Regierung et, zum Beispill a Privatpensiounen oder an aner Spuer- oder Invest-produkter gestach wäert ginn. Op alle Fall géing ech soen, datt hei och d'Phantasie vun de Verantwortlechen op der Finanzplaz gefrot ass, fir déi Gelder, déi bei de Sicav-Verkeef vläicht fräi ginn, an aner interessant Produkter ze drainéieren. Ech géing och mengen, datt den Aufschub vum "phasing out" ëm ee Joer der Finanzplaz, de Betriber an den Investisseure genuch Zäit léisst, fir sech op déi nei Situatioun virzebereeden.

Här President, erlaabt mer dann e puer Wuert, fir op e puer méi spezifesch Punkte ganz kuerz hinzewiesen: Ech ginn net méi op d'Detailer an, well de Rapporteur dat scho virdru gemaach huet. Op alle Fall begrësse mir, datt d'Regierung d'steierlech Behandlung vu Renten am Scheedungsfall elo esou behandelt, wéi mäin deemolege Fraktiounskolleeg Henri Grethen dat 1997 an der Chamber gefuerdert huet.

Zweetens wëll ech dann och nach dorun erënneren, datt eis laangjäreg Fuerderung, eppes bei der Besteuerung vun den Tantiëmen ze ënnerhuelen, och elo ëmgesat gëtt.

Begrëssen doe mir och schliesslech, datt beim Impôt sur la fortune den Abatement quasi verduebelt ginn ass, vun 1.500.000 op 3.025.000 Frang fir den Ensembl

vum Geld, dat heescht dat Geld, dat een op senge Comptes-couranten, Spuerkonten asw., stoen huet an dat een a gewëssen Titren investéiert huet.

Erlaabt mer ofschléissend nach e Wuert ze soen zu der Demande vun enger Vereinfachung vun eise Steiersystem. Wann een e Steiersystem vereinfache wëllt, da muss een d'Abatementen ofschafen, da muss een och d'Steierklassen iwwerdenken. D'Regierung hat sech dat an hirem Koalitiounsaccord net zum Zil gesat. Och dës Reform mécht eist Steierwiese sécherlech net méi einfach.

Allerdéngs mengen ech och, datt et elo net de Moment gewiescht wier, fir esou eng Reform ze maachen, déi eis Steierlandschaft virum Hannergrond vun enger méi onsécherer wirtschaftlecher Entwécklung am Ausland fundamental verännert hätt.

D'DP steet awer nach ëmmer zu dëser Fuerderung a mir mengen, datt e gudde Moment dee wier, wa mir bei de Personnes physiques emol sollten an d'Richtung vun der Individualiséierung goen.

Här President, ofschléissend, dës Steierreform ass eng Reform, déi vum Volume hier déif gräifend ass an eist Steierwiesen op verschiddene präzise Punkte verbessert. Et ass eng Steierreform, déi ganz vill liberal Elementer enthält, wéi zum Beispill eng staark Ofsenkung vum Tarif, e Spëtzesteiersaz vun nëmmen 38% an zousätzlech a konsequent Ureizer a puncto Betribs- a Privatrenten. Et ass eng Reform, déi de Leit an den Entreprises deen néidege Spillraum léisst, fir sech weider kënnen ze entwéckelen, fir mat hirem Geld weider an hir eegen Zukunft an domadder och an d'Zukunft vun eise Land ze investéieren.

Et ass eng Reform, déi awer och dem Stat den néidege Spillraum léisst, fir seng Aufgaben ze erfëllen a fir weider an d'Infrastrukture vum Land an an d'Liewensqualitét vu senge Matbierger ze investéieren. Dës Reform, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fënnt op alle Fall déi voll Ënnerstëtzung vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Steierpolitik ass eng vun deene wesentleche Charakteristiken an enger politescher Debatt, well et ass do wou sech déi meeschte Parteien hei an der Chamber ënnerscheeden. Ech muss eng éischt Feststellung maachen no deene puer Riedner, déi bis elo schonn op der Tribün passéiert sinn, nämlech dass vun der LSAP aus den Accord komm ass zum virleiende Regierungstext. Ech hunn an där ganz laanger Interventioun vum Spriecher vun der LSAP net vill

Alternativen héieren. Et wor Gepiddels an et hat een d'Impressioun, datt haaptsächlech versicht ginn ass, enger Méck Kanner an de Réck ze maachen.

(Interruptions diverses)

Ech hunn och gemierkt, datt vu Säite vun der Demokratescher Partei vun all deem, wat se 1999 an och an deene Joren duerno gesot huet, net vill iwwreg bleift. Ech erënnere mech, wéi déi Reform vun 1991 debattéiert ginn ass, se am Virfeld grouss Manifestatioune gemaach huet a sech opgereegt huet iwwert d'Schafe vun der Klass 1A. Ech muss feststellen, si besteet nach ëmmer.

Et ass gesot ginn, et wier inadmissible, datt et géing en Abatement extraprofessionnel ginn, wat eng Prime fir d'Bestietnis wier, an datt een domadder net kënnt d'accord sinn.

Ech bedauern hei nach eng Kéier, datt d'Demokratesch Partei, wéi esou oft, no dem Motto handelt "pacta sunt servanda".

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Steierpolitik heescht ëmmer, datt et eng Debatt ass iwwert d'Héicht vun de Steieren. De Stat wëllt wësse wi vill Steieren en erakritt fir seng Aktivitéiten ze finanzéieren a fir eng Ëmverdeelung vum Akommes zu Gonschte vun deene méi Schwaache virzehuelen. D'Regierung an d'Majoritéitspartei fixéieren deen Niveau. Et geet awer och an engem zweeten Deel ëm d'Héicht vun de Steiere vun de Privatbetriber an de Persounen a fir ze gesinn, a fir ze wësse wi vill Steieren de Stat hinne fir déi Aktivitéiten, déi e wëllt finanzéieren, ewechhëlt a wi vill hien hinnen ewechhëlt fir eng Ëmverdeelung zu Gonschte vun deene méi Schwaachen ze maachen.

Wann ech déi Debatte vun haut an och aus der Vergaangenheet héieren, da gesäit een, datt een Deel vun de Parteien, haaptsächlech déi Gréing an de kommunistesche Vertrieeder, déi sinn, déi éischer dofir anrieden, datt de Stat keng Steierreduzéierung soll maachen, datt e soll esou vill wéi méiglech Sue behalen, fir domadder méi an d'Wirtschaft an aner Gebidder kënnen anzegräifen.

Bei deenen dräi grouss Parteien schéngt et mer éischer esou ze sinn, sief et an der Vergaangenheet, sief et mat der augenblécklecher Regierung, datt se haaptsächlech bei de Recetten, beim Steieropkommes, eréischt deen Abléck u Steierreduktiounen denken, wann d'Dëppen iwwerquellt, wann op eng Kéier ze vill Recetten do sinn.

Mir mengen als ADR, datt een net nëmmen um Niveau vun de Recettë muss oppassen an eréischt da reagéieren, wann d'Recetten ze vill héich sinn, mä datt een och um Niveau vun den Dépense misst agéieren.

Mir bedauern, datt et zu kenger Réforme administrative komm ass, datt déi Reform vun der Cour des Comptes nach net zu Enn gedriwwen ginn ass. Mir bedauern, datt um Niveau vun den Dépenses d'Personalausgabe beim Stat permanent steigen, datt bei de Pensioune vu

gläiche Rechter a gläiche Flichten nach keng Rieds ass a mir 40 Joer laang mat engem System musse schaffen, deen ongerecht ass.

Mir bedauern och, datt déi Konkurrenz, déi de Stat mécht mat senger Gehälterpolitik vis-à-vis vun de private Betriber, nach ëmmer weidergeet. Dofir hu mer och an der Vergaangenheet ëmmer géint déi Punkt-wäerterhéijunge gestëmmt, well se an deem Ausmooss, wéi se proposéiert woren, ganz oft deem net entsprach hu wat mir eis virgestallt hunn.

Mir bedauern also, datt et net an déi Richtung gaangen ass. Et ass och dat, mengen ech, wou mir ons ënnerscheeden an der Steierpolitik vis-à-vis vun anere Parteien.

Et ass esou, datt ee muss festhalen, datt mer och an der Ëmverdeelung aner Vuen hu wéi d'Regierungsparteien. Mir mengen, datt misst bei enger Ëmverdeelung méi un déi Leit geduecht ginn, déi et hei am Land am néidegsten hunn. Dat sinn déi Leit mat klengem a mat mëttlerem Akommes. Do muss ee feststellen, datt déi Reform, déi mer haut diskutéieren, keng Negativsteuer enthält an datt een och muss gesinn, datt um Niveau vun den héijere Revenuen zwar eng effektiv Reduzéierung vun der Steuerlaascht kënnt, mä datt um Niveau vun den niddregen a mëttleren Akommes et weider näischt ass wéi eng Index-Upassung. Ech wäert herno nach eng Kéier dorobber agoen.

Déi zweet Approche, mat där mer net d'accord sinn, ass d'Aart a Weis vun der Regierung, fir hei vun Déchet fiscal ze schwätzen. Dat ass eng pur kontabel Approche. Et schéngt, wéi wann iwwert den Daum iergendeng Hypothèse de travail erallt géif ginn an da gétt gesot, et kascht esou vill. Et kascht 41 Milliarden. Dat ass eng Approche comptable, wéi wann d'ganz Budgetpolitik géing doranner bestoen, datt ee fir allemol Recettë géinge festgefruer ginn oder eenegermoosse festgefruer ginn an datt deen Abléck, wann een d'Steiere reduzéiert, esou vill ewechfält.

Wann ee gesäit wéi grouss d'Feelassätzunge vun de Recetten am Laf vun dem leschte Jorzéngt woren, da muss ee soen, datt op jidde Fall déi Iddi vun Déchet fiscal, wéi d'Regierung e virgesäit, falsch ass.

Si ass grondfalsch.

Et muss een och no dem Rapport vum Budget – e ganz gudden Rapport vum Här Wiseler – hiweise fir ze gesinn, datt am Laf vun de leschten zéng Joer permanent Steuerreformen oder Steuererlichterunge virgeholl gi sinn, mä datt trotzdem déiselwecht Steieropkommessen an d'Luucht gaange sinn. An de leschten zéng Joer ass, trotz de Steierreduktiounen, d'Steierlaascht net stabil bliwwen oder net erofgaang, neen, si ass ëm 304% an d'Luucht gaang.

Dat bedeit also, datt déi Theorie vum Déchet fiscal falsch ass. Richtig ass et, wann een op déi Theorie verweist,

déi de ganz bekannten Ekonomist Arthur Laffer an enger Courbe illustréiert huet, dat ass datt ee gesäit, datt wann een d'Steiere reduzéiert, datt deen Ablack méi investéiert gëtt, méi geschafft gëtt, an doduerch schlussendlech méi Steieropkommess erakënnt.

Dat ass déi Situatioun, an där mer sinn, an et ass och an där Situatioun, wou mer hei sollen diskutéieren. Et gëtt viraussichtlech, souguer trotz der ekonomescher Kris, op jiddfer Fall kee Steierausfall, menge mir. Mir mengen au contraire, esouguer bei där Krisis, déi elo deelweis sech ubaant, datt op jiddfer Fall Steieropkommess pour le moins wäert bestoe bleiwen an datt mer viraussichtlech och do an Zukunft wäerten nach op méi Steierakommessen erausgoen.

(Interruptions)

Dat ass weéneegstens dat, wat mer ons alleguer erhoffen. Mir wëssen allerguer, datt déi Courbe vum Här Laffer meeschtens sech esou ausweist, mä ech sinn awer éischer optimistes, datt et an déi Richtung do wäert goen.

(Interruption)

Jo. Ech mengen, Här Rapporteur, ech wëll just ennersträichen, datt mer op verschiddene Punkte mat lech d'accord sinn, op anere mat lech net d'accord sinn, an et geet jo hei an dëser Debatt dorëmmer, fir déi Gemeinsamkeiten an d'Differenzen ervirzesträichen.

Une voix.- Dir hätt besser, Dir hätt e roude Bic.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Op jiddfer Fall kee rouden!

Mat enger Ausso, déi den Här Statsminister, den Här Juncker gemaach huet, si mer net d'accord. Dat ass, wann hien e puermol am Ausland – ech mengen hei zu Lëtzebuerg hat en et nach net gesot – ervirgestrach huet, datt mer missten als Land dofir antrieden, datt et hei an Europa minimal Steiersatz sollte ginn.

Ech muss éierlech soen, datt ech déi Attitüd do net richtig verstinn. Wann ech eng sozialistesche Regierung a Frankräich wier, déi et net fäerdeg bréngt, fir Steieren ze reduzéieren, da géing ech soen: Jo, dat ass an onsem Intérêt, wa mir d'Steieren net ze reduzéieren hunn, wou mer et net fäerdeg bréngen. Mä deen Ablack wou mer e klenge Land an deem groussen Europa sinn, muss ee sech froen: Wat sinn ons Moyens d'action, fir an deem Europa ons Intérêten hei als Land nach ze verteidegen?

Um wirtschaftleche Plang ass net méi vill dran. An der Wirtschaftspolitik hu mer duerch de gemeinsame Maart an déi Regeln, déi do spillen, net méi vill Spillraum. Um finanzpoliteschen ass et och evident, datt – Euro oblige – mer och do an engem gewëssenen Enkraum, an engem gewëssene Spillraum dra sinn, un dee mer ons mussen alleguer halen.

Da bleiwe just nach zwee Gebidder, wou ee kann aktiv sinn a wou een nach kann e bësselchen der Wirtschafts-

evolutioun Rechnung droen a sech upassen. Dat ass iwwert d'Steieren an dat ass iwwert d'Sozialpolitik. Et ass ganz kloer, datt, wann ee Mindestsatz huet an de Steieren, wann déi uniform festgeluecht sinn, dann op deem Gebitt op jiddfer Fall net méi intervenéiert ka ginn, an da geet et natierlech op Käschte vun der Sozialpolitik.

Mir mengen, datt wann ee soll Mindestnorme festleeën, wann ee soll Mindestsatz festleeën, wann ee soll Konvergenzkriterien aféieren iergendwou, dann ass et net um steierleche Gebitt, dann ass et an der Sozialpolitik. An duerfir verstinn ech och, datt normalerweis hei an der Chamber gesot gëtt: Um nationale Plang muss d'Fiscalitéit national bleiwen an net europäesch ginn.

Bis elo wor dat d'Léisung, an dat schéngt ons à contradiction ze si mat der Aféierung vun engem Mindeststeiersatz. Mir wëssen alleguer, datt et net op 0% erofgeet, mä nach ass do eng Differenz déi ee misst maachen. Et misst ee verhéinneren, datt een am Ausland d'Impressioun gëtt, datt mir déi sozialistesche Theorien aus dem Frankräich wëllten iwwerhuelen. Et sinn op jiddfer Fall déi falsch Theorien, a mir sinn och domat net d'accord.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass mat Recht hei vun der Besteuerung vun de physische Persounen geschwat ginn. Mir gesinn, datt déi Besteuerung am Laf vun de leschte Jore permanent an d'Luucht gesat ginn ass. Dat gesäit een doduerch, datt, wann een e Revenu vun enger Persoun hëlt, déi bestuet ass an zwee Kanner huet, vun 1.200.000 Frang, wann een dee Revenu vergläicht 1990 an am Joer 2000, dee Revenu bis 2001 eng ronn 19% zrëckgaangen ass. Woufir ass en 19% zrëckgang? Ma ganz einfach well verschidden Adaptatiounen vum Steuerbarème un d'Deerecht, un den Index net virgeholl gi sinn a well ee gesäit, datt verschidden, esouguer all Abattementer, déi mer kennen, och net un den Index ugepasst gi sinn.

Dat alles féiert derzou, datt lues a lues, an ouni datt d'Leit et richtig gemierkt hunn, d'Steierschrauf ugezu ginn ass an hinnen ëmmer méi Suen aus der Täsch gezu gi sinn. Mir hunn dat permanent dénoncéiert a mir sinn natierlech frou, wann elo eng Steueradaptatioun kënnt, déi dëst zu engem Deel opfänkt. Déi Leit, déi elo 2002 hir Steuererklärung wäerte kréien, wäerte d'Effete vun der Reform, déi elo virläit, gesinn. Et ass weider näischt wéi eng Adaptatioun vun hire Gehälter un den Index, weéneegstens wat den Netto ugeet.

Et muss een och bedauern, datt an där ganzer Debatt keng Reform virgeholl ginn ass vun der Steuerklasse 1A. Wann ee verschidde Lieserbréiwer an d'Donnéeën gesinn huet, ass ganz vill doriwwer debattéiert ginn, well de maximale Steiersatz bei deene Leit vill méi séier klëmmt wéi bei deenen aneren.

Mir hunn ons als ADR ëmmer dergéint ausgeschwat, datt et esou vill Steuerklasse solle sinn. Mir haten d'lescht

Joer och scho gesot, datt mer vill ze vill Steiersätz hunn. Mir mengen, datt een, an där augenblécklecher Situatioun wou mer sinn, sollt oder hätt missen d'Geleeënheet benotzen, fir eng regelrecht Steuerreform um Niveau vun de Privatpersounen ze maachen. Et wor elo d'Geleeënheet fir et ze maachen, wou de Stat esou vill Recetten huet, an och viraussichtlech an Zukunft wäert kréien. Déi Moosnamen, déi geholl wäerte ginn, sinn op jiddfer Fall fir déi nächst Jore keng Gefor fir onst Land. Dofir hätt een also elo sollen déi Reformen duerchzéien.

Mir bedauern, zum Beispill, datt mer nach wie vor 17 Tauxen an der Besteuerung hunn. Mir si mat der Schwäiz dat eenzegt Land an der OECD, wat 17 Tauxen huet am Barème. Dat eenzegt Land. An allen anere Länner ass et zwëschent engem a véier Tauxe maximal. An d'Resultat kënnt op enges eraus, mä et ass viles méi transparent.

Mir mengen zum Beispill, datt et richteg wier, datt een een Taux hätt vun 0%, ee vun 20% an ee vun 38%. Mir hunn an deem Diskussiounspabeier, dee mer d'lescht Joer schonn annoncéiert haten, dee mer och dëst Joer op onsem Site Internet ADR Forum exposéiert an zur Diskussioun gestallt hunn, explizéiert, wéi mir eng Steuerreform gesinn.

Mir mengen, datt et esou muss sinn, datt ee fir d'éischt eng eenzeg Steuerklass huet an deem ongerechte System vun der duebler Besteuerung vu Mann a Fra muss ofschafen. Mir soen: Schluss mat dem Cumul. Dräi Tranches d'impôt statt 17.

Mir hunn natierlech och an Erwägung gezunn, mä dat ass awer keng Mussesach, datt ee vläicht eng véiert Tranche géing virgesi vu 40% fir déi ganz héich Revenuen, déi iwwert 6.000.000. Dat ass eng Alternativ, iwwert déi mer kënnen diskutieren.

Mir mengen also, datt ee misst d'Zuel vun den Tauxe reduzieren, fir datt d'Leit, wa se en Effort maachen, selwer hir Steuer kënnen ausrechnen, anstatt datt se elo mussen higoen a fir all dausend Frang Akommes an d'Barémë kucke goen, déi augenblécklech bal eng honnert Säite begräifen. Déi Komplexitéit ass dem normale Bierger net méi zouzemudden.

Déi Léisung, déi mir virschloen, déi gëtt et bal an allen OECD-Länner. Et si just d'Schwäiz a Lëtzebuerg, déi nach an deem komplizéierte System hänke bleiwen. Et muss een och gesinn, datt mer also mussen eng modern Reform, eng Simplificatioun virhuelen.

Da si mer och der Meenung, datt mer verschidden Ongerechtegkeete mussen ewechhuelen, an dat ass déi, natierlech, wéi ech schonn aganks gesot hunn, vun der duebler Besteuerung vu Mann a Fra. Dat gesi mir als eng Ongerechtegkeet un, well et manifestement deem zweete Partner découragéiert fir schaffen ze goen, wann d'ganz Steuerlaascht just op him läit.

Mir gesinn och, datt dee ganze Problem vun den Abattements de forfait, Frais d'obtention, etc. derzou féiert, datt déi kleng Leit näischt vun deenen Abattementen hunn. Si hunn absolut näischt dovun. Wann een e Forfait aféiert an déi Persoun huet e kleng Revenu, da kritt se näischt dervun. Wann se een héije Revenu huet, da kritt se ganz vill dervun. Wann e Bankdirekter, oder onse Statsminister, vu Capellen an d'Stad fiert mam Chauffeur a mam Regierungsauto oder mam Auto, deem der Bank gehéiert, kritt en en Abatement – reng theoretesch huele mer et esou u fir et méi kloer ze maachen – vun 100.000 Frang. Wann en 38% Steiere bezilt, huet en 38.000 Frang an der Täsch. Wann seng Botzfra vun der Stad op Capellen fiert mat hirem Auto a si huet nëmmen de Mindestloun,...

(Interruptions)

...da kritt se op deem ganze Gefiers iwwehhaapt kee Frang bäi, well se net vun engem Steuerabatement ka profitieren, well hire Revenu ze niddreg ass. Ech mengen, datt dat total ongerecht ass.

Mir proposieren dofir, fir all Abatement a Forfait, Frais d'obtention ze ersetzen duerch Steierkreditter. Steierkreditter, déi fir jiddfereen déiselwecht sinn a wou jiddfereen datselwecht kritt. Ech mengen dat ass sozialgerecht, dat ass steiergerecht an do hu mer eng wesentlech Differenz mat der Regierung. Mä datt de Prinzip selwer awer acceptéiert ass, dat gesi mer dorun, datt mer elo bei dëser Regierung a bei der Reform, déi mer elo virleien hunn, zweemol de Crédit d'impôt aféieren, nämlech dee bei de Certificats audiovisuels a beim Capital à risque. Mir begrëssen dat, datt et op dee Wee geet, mä mir bedauern, datt et net och op déi aner Forfaite an Abatementen étendéiert gëtt.

M. Norbert Haupt (CSV), rapporteur. - Här Henckes, därf ech lech eng Fro stellen?

M. le Président. - Den Här Haupt géing lech gär eng Fro stellen.

M. Norbert Haupt (CSV), rapporteur. - Ech wollt just froen: Wann Der de Steierkredit aféiert, wéi kënnt Der dann deene Leit, déi awer keng Steiere bezuelen, dee Steierkredit hei bonifiéieren?

Une voix. - Negativsteier.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Een Ablack!

M. Norbert Haupt (CSV), rapporteur. - En huet elo vun engem Steierkredit an net vun den Negativsteiere geschwat.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Här Rapporteur, ech sinn amgaang ons Propositionen ze explizéieren. Fir d'éischt si mer der Meenung, datt bei deenen, déi Steiere bezuelen, jiddfereen deeselwechte Montant kréie muss.

Et kann net esou sinn, datt een, deen 100.000 Frang Abatement huet an deen 10% Steiere bezilt, 10.000 Frang kritt, an datt deen, deen um maximale Steiersaz ass, deen 38% Steiere bezilt, dann 38.000 Frang kritt.

Mir menge jiddferree soll déi 38.000 Frang kréien, dee Klengen, dee Mëttleren an deen Héijen. Dat ass och a munch anere Länner de Fall. Dat ass de Fall an Amerika, an England an en Éisträich. Et gesäit een, dass dee System do fonctionnéiert, dass e steiergerecht a richtig ass.

A wa mer um Niveau vun de Steieren Steiergerechtge-keet geschafen hunn iwwert dee Wee, da menge mer awer och, dass ee muss un déi Leit denken, déi keng Steiere bezuelen. Do gesi mir d'Aféiere vun der Negativsteuer, eng Negativsteuer, déi dora besteet, dass een dee Crédit d'impôt als Negativsteuer ausbezilt un déi Leit, déi schaffen an un déi Leit, déi Pensiounsbezéier sinn.

Et ass esou, wéi mer kënnen deene klengen a mëttlere Revenuen hëllefen. Dat ass déi wesentlech Differenz, déi mer mat dem abléckleche Projet de loi hunn. Dat ass déi Differenz, déi mer hu mat de Kollege vun der LSAP, wou mir mengen, dass elo d'Geleeënheet gewiescht wier, fir déi Negativsteuer anzeféieren ënnert där Form, déi mir hei proposéieren. Mir si bereet, iwwer verschidde Modalitéiten ze diskutéieren. Et ass keng helleg Kou, mä wichteg ass, dass mer op dee Wee bei dëser Geleeën-heet gaange wieren, fir och deene Leit mat klengeren a mëttlere Revenue méi entgéintzekommen, fir dass mer och eppes fir déi iwwreg hätten, deen Abléck, wou de Wirtschaftskuch, dee mat hinne gebaut ginn ass, verdeelt gëtt. Wann ee mat de klengeren a mëttlere Revenuen e Wirtschaftskuch baakt, da muss een en och mat hinnen iessen an en ënnert si verdeelen. Dat ass dat, wat net geschitt ass, an et ass dowéinst, wou mir net kënne mat där Politik d'accord sinn, déi bis elo bedriw-we ginn ass.

Mir mussen festhalen, dass verschidden aner Reforme mussen gemaach ginn an zwar, dass mer bei de Kanner müssen op de Wee goen, dass méi verglach gëtt tëschent dem Revenu vu bestuetene Koppelen ouni Kanner a bestuetene Koppelen mat Kanner. Mir müssen op de Wee goen, dass, wann ee Kanner kritt, de Liewensniveau net drastesch reduzéiert gëtt. Eng Alternativ ass iwwert de Wee vun den Allocations familiales an iwwert de Wee vum Crédit d'impôt.

Mir mengen och, dass ee misst, wann ee schonn op de Wee vun der Individualbesteuerung geet, Rechnung droen der Tatsaach, dass verschidde Leit sech zwar bestuet hunn, mä ee Partner vun hinnen doheem bleift als Hausfra oder als Hausmann, an dofir soll een do eng Unité de consommation virgesinn an e Fräibetrag, dee mir op 570.000 Frang geschat hunn.

Mir mengen och, dass d'Elengerzéier an d'Famillje mat Kanner sollten tëschent engem Abatement vu 570.000

Frang an engem Crédit d'impôt wéi kënnen. Dee Crédit d'impôt kéint och als Negativsteuer ausbezelt ginn.

Dat sinn déi puer wesentlech Reformen, déi mir zur Debatt stelle wëllen. Mir sinn natierlech frou, vun der Geleeënheet ze profitéieren, fir déi Alternativen nach eng kéier ze erwähnen. Mir hate se d'lescht Joer virgestallt. Mir répétéieren dat. Mir hu se an d'Diskussioun bruecht op onsem ADR-Forum an ech hoffen, dass Der gesitt, dass den ADR konkret Propositione ka maachen, konkret Alternative ka proposéieren.

D'Regierung au contraire, déi huet, wéi de Gast Gibéryen dat bei der Budgetsried ganz richtig gesot huet bei de 40 Milliarden déchet fiscal: Do kréien déi Leit, déi fënnf Milliounen besteierbaart Akommes hunn, e puer honnertausend Frang Steieren nogelooss, a fir déi honnertausend Leit, déi heivun net profitéieren, do huet d'Chrëschtkëndche Juncker just nueren eppes iwwreg, an dat ass e Loftballon. Dat ass eppes mat deem mir net kënnen d'accord sinn an dofir misste mer géint de Gesetzesprojet stëmmen. Mir nuancéieren dat: Well et awer eng Steuerreduzierung gëtt, déi mer begreissen, wäerte mer ons beim Vote enthalten. Mir kënnen net derfir stëmmen, well et keng fundamental Reform ass.

Wat d'Betriebsbesteuerung ugeet, do muss ee soen, dass mer an enger Situation de concurrence sinn. No deem bekannte Prinzip, datt ee besser 30% Steieren huet vun eppes, wéi 50% vun näischt, gi mir mam Gesetz schonn dee richteg Wee. Wann een d'Steieren ze vill héich fir d'Betriber setzt, da gi se fort oder si kommen net méi. D'Konkurrenzsituatioun besteet. Si ass och gutt. D'Länner liewen dervun. Et muss een och kucken, dass ee sech net ierféiere léisst vun den Taux nominaux, well dass onst Land mat relativ héijen Tauxen awer nach konnt seng Plaz behalen, dat ass dat, wat ee gewonnert huet, a wou huet misse reagéiert ginn.

Wann een den Avis vun der Chambre des Métiers an der Chambre de Commerce kuckt, da gesäit een, dass mer mat dem Taux d'imposition réel des entreprises ("effectif marginal tax-rates", Source Baker & MacKensy) bei allen Tauxen un 11. Positioun an Europa leien. Also net op där niddregster Positioun, an dat souwuel bei den effektive Besteuerungstaxe wéi bei deenen nominalen. Et ass also noutwendeg, dass mer nozéien.

Wann ech déi Etude comparative kucken, da läit 2001 de Besteuerungssaz effektiv bei 18,98% zu Lëtzebuerg géinteniwwer 6,76% a Griichenland, 9,43% an Irland. Eleng Holland, England, Däitschland, Frankräich an d'Belsch leie wäit driwwer.

Dat sinn Donnéeën, déi ee berücksichtegen muss a wou huet misse reagéiert ginn. Et muss een och drun erënneren, dass an den Nopeschlänner an de Joren 2002 an 2003 d'Steierlaascht och wäert erofgoen, esou

dass mer mengen, dass et een éischte Schratt an déi richteg Richtung ass. Wéi dat sech auswierkt, wäerte mer gesinn, mä jiddefalls menge mer, dass d'Steieropkommes vum Land net wäert zrëckgoen.

Wat awer nach zur Debatt steet, dat ass, wéi dat Steueropkommes soll verdeelt ginn tëschent dem Stat an tëschent de Gemengen. Dat wäert nach eng Debatt sinn. Do si mer eréischt um Ufank a verweisen op déi Ausféierungen, déi de Gast Gibéryen bei Geleeënheet vun de Budgetsdebatten gemaach huet. Mir musse kucken, dass den Undeel vun de Gemengen nees an d'Luucht geet par rapport zum gesamte Steueropkommes.

Da muss een ervirsträichen, dass an deem Projet de loi verschidde Saachen an der Éischt vun der Regierung guttgeheescht gi woren, du vun der zoustänneger Chamberkommissioun ëmgeännert gi sinn. Mir selwer als ADR hunn de Problem opgeworf vun der Bonification d'impôt pour investissements. Mir hunn een Amendement abruecht an hu gesinn, dass zu engem Deel deem Rechnung gedroe ginn ass. Ech mengen, dat ass eppes Positives, dat mer ervirsträiche wollten. Wat mer awer bedauern, dat ass, dass bei der Bonification d'impôt keng Bonifikatioun virgesinn ass fir déi Leit, déi bestehend Betriber iwwerhuelen, well de bestehende Règlement grand-ducal, dee soll festleeën, wou dat méiglech ass, zënter Joren nach net geholl ginn ass. Dat ass eppes, wat ech an enger Question parlementaire scho monéiert hunn. Ech bedauern, dass op deem Gebitt näischt geschitt ass.

Dann hu mer bedauert, dass bei den importente Bedeelegung kee Abatement vu 50.000 Euro agefouert ginn ass, wat haaptsächlech de klengeren a mëttlere Betriber entgéintkomm wär.

Mir mengen och, dass een eng Kéier seriö misst iwwerdenken, ob mer nach an der Praxis vun den Amortissements solle bleiwen. Den Amortissement ass eppes, wat ganz interessant ass fir déi Betriber, déi um héchste Steuersaz sinn. Si profitéieren am meeschten dervun, mä et gesäit een, dass déi kleng Betriber vill manner dervu profitéieren aus deene selwechte Grënn wéi bei de Privatpersounen. Mir proposéieren also och do ze iwwerleeën, ob een net soll op de Wee goe vu Steierkreditter, Steierkreditter, déi fir all d'Betriber déiselwecht wieren, a wat och derzou geféiert hätt, dass se d'Steieren net musse fir d'éischt bezuelen, fir se dann erëmkreien, esou dass iwwert de Wee vum Steierkredit och nach d'Méiglechkeet geschafe gëtt, fir deene Betriber hir Trésorerie ze verbesseren.

Dat ass eng Iwwerleeung, déi mir hei an d'Debatt wollte bréngen. Mir bedauern, dass se ablécklech net zur Debatt steet. Et bleift nach ee Joer Zäit, wou mer dat nach kennen an der Finanzkommissioun debattéiere loosse.

Da bedauere mer och, dass de Problem vum Droit d'apport net diskutéiert ginn ass. Mir sinn nach eent vun de rare Länner an Europa, dat 1% um Droit d'apport virgesäit, deen Abléck, wou eng nei Gesellschaft sech grënnt. Et ass just bei der Incorporatioun vu Benefisser, wou deen Droit d'apport ewechfällt. Och do misst sech eng Reflexioun ubannen, well speziell ginn déi Betriber, déi nei ufänke wëllen, duerch deen Droit d'apport net encouragéiert, fir e Betriber ze grënnen.

Beim Impôt sur la fortune muss ee festhalen an e bësse bedauern, dass elo eleng nach d'Personengesellschaften dem Impôt sur la fortune ënnerleien. Ech muss soen, dass een och do elo muss de Courage hunn, fir op aner Weeër ze goen. Et kann dach net esou sinn, dass déi Leit, déi e private Betrib hunn, wou si sech mat hirem Numm a mat hirem Verméigen engagéieren, steierlech permanent benodelegt gi vis-à-vis vu Kapitalgesellschaften, an dass d'Transformatioun vun enger Personengesellschaft an eng Kapitalgesellschaft meeschtens steierlech ganz vill Schwierigkeete bréngt an zousätzlech Impositiounen.

Och do bedauere mer, dass net eng Diskussioun gefouert ginn ass. Mir mengen, dass nach ëmmer Zäit ass, mä et ass kloer, dass dat feelt, an dass mer kucke mussen, fir hei Changementer erbaizeféieren.

Da muss ech mech ëmmer wonneren iwwert dee Monster vum Loch Ness dee permanent erëmkënnt: d'Fusioun vun den Administratiounen vun de Steieren a vum Enregistrement.

Wéi ech d'Debatte vun 1990 nogelies hunn, do wor eng Motioun erakomm vun de Sozialisten, wou dat scho gefuerdert gi war. Eeef Joer duerno ass nach ëmmer näischt geschitt. Dat heescht, dass dat entweder net dénglech ass, eventuell souguer falsch ass. Ech stelle just fest, dass et nach ëmmer net geschitt ass. Elo soll et op eng Kéier geschéien. Ech zweifelen dorun, grad wéi ech drun zweifelen, dass mer un eng Negativsteuer wäerten erugeen, wann ech virun den DP-Spräicher héieren hunn, well déi Aart a Weis vun Negativsteuer, wéi si se virstellen, ass net ons. Ech soen dat ganz kloer. Dat wäert zu enger Debatt nach féieren. Mir hunn ons Propositionen virgeluecht.

Mir kënnen ons Attitüd esou résuméieren, dass mir begrëssen, dass et zu Steiererlichterunge kënnt fir d'Privatleit, a mer bedauern, dass et net derzou komm ass, dass déi Niddreglounëmfänger iwwert de Wee vun enger Negativsteuer gehollef kréien. Mir bedauern, dass fir déi kleng a mëttel Betriber och net genuch gemaach ginn ass, an doduerch wäerte mir ons enthalen.

Ech wëll nach eng Motioun déposéieren, wou mer d'Regierung opfuerderen e Projet de loi ze déposéieren, wou déi Propositionen, déi ech elo grad gemaach hunn, am Résumé enthalte sinn.

Motion 1

La Chambre des Députés

- *considérant qu'il importe de simplifier la fiscalité afin de la rendre plus transparente pour les citoyens contribuables;*

- *considérant qu'il importe de créer une fiscalité socialement plus juste en favorisant le revenu disponible des revenus bas et moyen notamment par l'introduction de l'impôt négatif;*

invite le Gouvernement

- *à élaborer un projet de loi portant réforme de l'imposition des personnes physiques en intégrant les propositions suivantes:*

1. une seule classe d'impôt et abandon du système d'imposition collectif des époux;

2. 3 tranches d'impôt de 0%, 20% et 38%;

3. remplacement des frais d'obtention, minima forfaitaires et abattements par des crédits d'impôts égaux pour tous;

4. paiement des crédits d'impôts en tant qu'impôt négatif en faveur des contribuables qui ne payent pas ou peu d'impôts sur les revenus;

5. pour les enfants: des crédits d'impôts et des allocations familiales imposables afin de maintenir constant le revenu d'un ménage avec enfant(s) par rapport à un ménage sans enfant(s);

6. un abattement fiscal équivalent au montant non imposable actuel pour les ménages où l'un des époux ne travaille pas. Ce montant sera mis en compte à titre de revenu à la femme/homme au foyer;

7. les familles monoparentales et les familles avec enfant(s) pourront choisir entre un abattement et un crédit d'impôt pouvant être payé en tant qu'impôt négatif;

8. suppression de l'imposition d'un revenu fictif à savoir la valeur locative de l'immeuble habité par le propriétaire.

(s.) Jacques-Yves Henckes, Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jean-Pierre Koepp.

M. le Président. - Als nächsten Diskussionsriedner ass den Här François Bausch agedroen. Den Här Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Wann een esou eng Entreprise ugeet, wéi déi, déi mer haut hei uginn, e Gesetz hannerleeën an driwwer diskutéieren an ofstëmme wäerten, wou insgesamt e gudden Batz manner Steiereinnahmen ze erwaarde sinn an den nächste Jore fir de Lëtzeburger Stat, – eleng déi 33,8 Milliarden, déi fir des Reform vun 2002 virgesi sinn, ass net näischt –, da

misst een dat eigentlech maachen ënner engem Kontext, wou ee sech Froe stellt, ob et net ubruecht gewiescht wär, engersäits ze kucken wéi een déi dote Sue bei de Leit léisst, an anerersäits awer virun allem och dovun ze profitéieren, fir eng Steuerreform méi en Profondeur ze maachen.

Déi Gréng sinn der Meenung, dass dat, wat haut hei diskutéiert an ofgestëmmt gëtt, deenen zwee Elementer net Rechnung dréit. Ech wëll versichen, dat a menger Ried haut ze erklären.

Ech wëll fir d'éischt nach eng Kéier zrëckkommen op eppes, wat ech scho bei de Budgetsdebatten hei an Erënnerung geruff hunn, wat ech awer nach eng Kéier muss widderhuelen, well et wichteg ass an deem heite Kontext. Dat ass d'Beschreibung iwwer d'Wuesstums-perspektiven insgesamt zu Lëtzebuerg, mä awer och am internationale Kontext.

Ech wëll nach eng Kéier déi Chiffere rappeléieren, déi mer am Budgetsrapport konnten noliesen.

Lëtzebuerg hat 1999 e Wuesstum vum PIB vu 7,6%, 2000 vun 8,5%, 2001 ëm 4,5% a fir 2002 gi sech 4% erwaart.

De Budgetsrapporteur huet zu Recht an deem dote Kontext gesot, dass een net der Illusioun dierft verfallen, dass zu Lëtzebuerg d'Beem géinge bis an all Éiwegkeet an den Himmel wuessen. An en huet gesot, dass eigentlech 4% en excellente Wuesstum sinn.

Ech hunn d'lescht Woch nach eng Kéier hei ënnerstrach, dass, wa mer déi Wuesstumszuele vum PIB vergläiche mat den aneren EU-Länner, och iwwer méi eng länger Period – an ech hu mech do referéiert op Chifferen, déi ech bei d'OECD siche gaange sinn –, ee feststelle kann, dass mer zum Beispill tëschent 1973 an 2000 eng Moyenne vun der Croissance vum PIB haten an de gesamten OECD-Länner vun 2,7% an dass zum Beispill esou e grousst Nopeschland wéi Frankräich an deem Zäitraum, 1988, en Héichpunkt kannt huet vu 5,4% an 1993 en Déifpunkt vun engem Minus vun 1,3%.

Ech wollt domadder soen, dass, wann ee sech dat wirklech – an dat kënnt ee bei all hallefsweeys seriösem Ekonomist sécher confirméiert kréien – virun Aen hält, et esou ass, dass mer effektiv bei enger Croissance vu 4%, wéi se fir d'nächst Joer virgesinn ass, an engem Szenario vun enger héijer Croissance leien.

Ech hunn och gesot, dass mer eis hei zu Lëtzebuerg bal dru gewinnt hunn – an dat konnt een a ville Rieden, och esouguer erëm haut eraushéieren –, dass mir mengen, dass 4% schonn en niddrege Wuesstum sinn, an dass mer dovun ausginn, dass et hei zu Lëtzebuerg misst méiglech sinn, och an deenen nächste Joren, wann net esouguer Jorzéngten, éischter eng Croissance vum PIB vu 5, 6, 7 oder esouguer 8% ze hunn.

Ech fannen, et ass wichteg, dass ee rappeléiert wat e gudden Wuesstum ass, wat mëttlere Wuesstum oder esouguer schlechte Wuesstum ass, well dat ass

besonnesch wichteg bei deene Steiersenkungen, déi mer hei maachen. Déi gi jo anscheinend zu engem Deel an där Héicht gemaach fir Spëtzeverdénge an och fir Entreprises, well gesot gëtt, et wier wichteg, dass mer d'Kompetitivitéit par rapport zu eisen Nopeschlänner engersäits garantéiert behalen an anerersäits och fir d'Zukunft, fir ze évitéieren, dass mer a Krisesituatiounen erarutschen.

Onofhängeg vum Aspekt, dass dës Steuerreform jo schonn am Summer vun dësem Joer presentéiert ginn ass, dat heescht, eigentlich e puer Méint virun deenen Evénementer vum 11. September, déi dozou bäigedroen hunn, dass mer an eng international Konjunktur eragerode sinn, déi net méi grad esou favorabel ass. Dat huet awer fir Lëtzebuerg net vill Wesentleches geännert, well de Minister Frieden huet d'lescht Woch hei als Äntwert ginn op eis Kriticken zu dëser Steuerreform, dass zwar effektiv déi lescht Chifferen, déi e vum STATEC kritt hätt, géinge beleeeën, dass mer am véierten Trimester eng Ofschwächung vun der Konjunktur hätten, mä wann een déi Chiffere géng vergläiche mat därselwechter Period vum Joer virdrun, da léiche mer nach ëmmer an engem Szenario vun iwwer 2,5% vun deem, wat an därselwechter Period am Joer 2000 ze verzechnen gewiescht wier.

Dat heescht also, all ekonomesch Donnéeën, déi mer de Moment hei zu Lëtzebuerg virleien hunn, beleeeën eigentlich, dass mer absolut net an enger Konjunkturfaute sinn an dass et och net duerno ausgesäit, dass dat sech an deenen nächste Méint wäert astellen.

Et gëtt sécherlech ëmmer eng Rei Imprévuen am internationale Kontext, déi een ni ka virausgesinn a jee nodeem, wann déi géingen antrieden, kënnt dat Bild sech natierlech änneren, mä dat ass souwisou am Kaffissaz gelies. Ech mengen, et kann ee keng schwéierwiegend Elementer virausgesinn, wéi zum Beispill dat vum 11. September, wou mer jo hoffen, dass dat net méi virkënnt. Esou Saache kann een ebe leider net virausgesinn.

Dat heescht also, dass mer an der Situatioun sinn, wou ee sech muss d'Fro stellen, wann ee Steierreduktiounen virhëlt, ob et an där heiter Héicht noutwendeg ass. Do si mir enger fundamental anerer Meenung wéi dës Majoritéit. Mir sinn der Iwwerzeegung, dass Lëtzebuerg haut schonn eng vun deenen niddregste Steuerlaaschten huet an Europa. Souguer ouni dat, wat mer elo op den 1. Januar 2002 maachen, leie mer schonn un der Spëtzt vun deene méi gönschtege Länner. Ech kommen herno nach op d'Tabellen zrëck, Här Wiseler, wann ech méi am Detail dovunner schwätzen, well déi wäerten dat beleeeën.

Mä op alle Fall ass et esou, wa mer dat do maachen op den 1. Januar 2002, da si mer definitiv un der Spëtzt.

Mir sinn allerdéngs der Meenung, dass een net näischt hätt solle maache fir 2002, mä dass een et éischters méi selektiv hätt solle maachen, probéiere fir méi verdéifte

Reforme mat hei dran ze bréngen. Virun allem bei enger Rei Punkten, zum Beispill beim Spëtzesteiersaz, mä och bei der Kierperschaftssteuer, hätte mir eis eng gewësse Mooss Reserve gehalen, fir wa wierklech konjunkturrell Schwierigkeete sech géifen ofzeechnen, dass mer dann nach e Sputt hunn, fir der Economie, déi dee Moment riskéiere géif anzubriechen, erëm op d'Spréng ze hëllefen. Well mir sinn nach ëmmer der Iwwerzeegung, dass wann d'gesamt Revenuen an der Moyenne esou héich sinn an engem Land – an dat ass zu Lëtzebuerg de Fall –, respektiv wann et de Betriber an dem ekonomesche Secteur net gutt geet, se héich Benefisser ofwerfen, an dat ass de Moment nach ëmmer de Fall an et zeechent sech och net of, dass dat kuerzfristeg soll anescht ginn, da soll een e gewëssene Steierniveau halen, fir kënnen engersäits eng Rei Saachen ze finanzéieren vum Stat aus, an anerersäits sech awer och Sputt ze halen, wann et sech eng Kéier géif ofzeechnen, dass et wierklech méi schlecht sollt goen.

Déi eenzeg Kategorie, wou mir der Meenung sinn, dass ee wierklech eppes hätt misste maachen, fir dass se eng Steigerung kréie vun hirer Kafkraaft, dat sinn déi Leit mat niddregem Revenu, déi haut souwisou scho keng Steiere méi bezuelen. Leider ass et awer esou, dass déi bei dëser Reform grondsätzlech eidel ausginn.

Ier ech zu den Detailer kommen, muss ech awer fir d'éischt emol e puer grondsätzlech Ausféierungen hei maache politescher Natur, well et huet een d'Impressioun, dass d'Steieren nëmmen nach eppes Technesch wäeren, woubäi sécherlech d'Steieren eppes immens Technesch sinn, mä si hunn och e politesche Volet. Ech gesinn zumindest awer de Rôle vun enger politescher Partei an och vum Politiker als deen, fir och déi politesch Konklusiounen ze zéien aus esou engem Projet wéi deem hei. Dofir wëll ech déi am Ufank maachen.

Dat Éischt ass déi, dass mer eigentlich an der Tëschenzäit musse feststellen, dass et esou an Europa ausgesäit, dass mer de Steierdumping nach als eenzegene Ureiz gesinn, fir de Wirtschaftsstanduert ze erhalen, respektiv ze verbessern. Dass dat awer an deene leschte Méint ëmmer méi a Fro gestallt gëtt, ass fir eis eng begrëssenswäert Tatsaach.

Et schéngt awer zu Lëtzebuerg nach net duerchgedrongen ze sinn, dass eminent europäesch Politiker, wéi zum Beispill den Tony Blair, deen nach an déi lescht Wale gaangen ass mat neie Versprieche vun neie Steiersenkungen, an der Tëschenzäit erëm vu Steiererhéijunge schwätzten, an zwar huet en déi ugekënnegt virun e puer Wochen, well e seet, mir mussen endlech e seriöse Bilan zéien iwwert déi Steiersenkungsspiral, déi mer ugefaangen hunn an deene leschte Joren, well mir sinn an der Tëschenzäit als Stat an enger Situatioun, datt mer net méi genuch Finanzkapazitéit hunn, fir zum Beispill e qualitativ soziaalt Gesondheitswiese kënnen ze garantéieren, a mir mussen awer esou lues d'Konklusioun zéien, an dat war

ënner anerëm och eng Konklusioun, déi e gezunn huet zu deenen Evénementen vum 11. September, vun deene méi wäitleeften Hannergrënn, déi sech verstoppen hanner Attentater insgesamt, hannert der Violenz, déi ëmmer méi ze spieren ass an Europa an och an der Welt, duerch sozial Mëssverhältnissen, déi bestinn. Dofir huet e gesot, et muss een endlech de Bilan zéien an et muss een de Courage hunn, erëm driwwer ze diskutéieren, dass de Stat erëm muss méi hiergestallt ginn. Dat heescht, dass de Stat erëm muss méi an de Mëttelpunkt vun der Gesellschaft gesat ginn, fir zum Beispill ze garantéieren, dass mer en héichwäertegt qualitativ Sozial- a Gesondheitswiesen hunn.

Et ass och esou, dass ee sech muss bewusst sinn – an dat schéngt och zu Lëtzebuerg nach ëmmer net esou am Detail duerchgedrongen ze sinn –, dass minimal Steiere kuerz- mittel- a laangfristeg zu minimalen öffentlichen Déngschtleeschungen féieren, wa mer higinn an d'Steierlaascht esou erofsetzen, wéi mer dat hei maachen. Ech wëll drop hiweisen, dass d'Fuerderunge vu verschiddene Milieuen nach net um Enn ukomm sinn an deem heite Kontext.

Ech wëll drop hiweisen, dass mer Avisa virleien hu vun enger Beruffschamber, déi fonnt huet, dass zum Beispill bei de Betriber den Niveau vun enger Gesamtbelaaschtung vu maximum 30,3%, dee mer erreecht hunn, nach net niddreg genuch ass, dass mer missten eng Kéier ukomme bei enger Gesamtbelaaschtung fir d'Betriber vu 25%. Dat heescht, deen Drock, deen elo vu verschiddene Kreesser gemaach gëtt zënter Joren, fir d'Gesamtbelaaschtung erofzesetzen, geet weider. Deen hält net op heimadder.

Wa mer dat awer maachen, da komme mer onweigerlech eng Kéier an eng Situatioun, wou mer och eis öffentlech Déngschtleeschungen, sief et am soziale Beräich, sief et op anere Gebitter, mussen a Fro stellen a reduzéieren, well soss herno näischt méi ënnerteneen opgeet.

Ech wëll och soen, dass ech iwwerrascht sinn driwwer, dass eigentlech eng Grondriwwerleeung, déi jo éischter aus dem chrëschtlech-soziale Lager kënnt, och haut schéngt keen Thema méi ze sinn. Nämlech de Fait, dass, wa Steieren agezu ginn, dat keng Strof ass fir Groussverdenger oder fir Betriber ass, mä dass Steieren agezu ginn, fir eben d'Bedürfnissen vun öffentlichen Déngschter a Sozialleeschungen ze befriddegen, an dass dat e gewëssene Sënn an eiser Gesellschaft mécht an dass eigentlech de Begrëff vun der sozialer Maartwirtschaft sech ageprägt huet nom Zweete Weltkrich, fir ze soen, mir mussen de Steierniveau op enger gewëssener Héicht halen, fir kënnen alleguer déi dote Saachen ze garantéieren. Well eng vun de Konklusiounen, déi jo gezu gi waren nom Zweete Weltkrich, aus deem Fiasko vum Zweete Weltkrich, aus der Wirtschaftskris Enn den 20er an den 30er Joren, ass, dass mer d'Steieren op deem Niveau haten nom Zweete Weltkrich.

Ech kommen herno nach eng Kéier op d'Zuelen ze schwätzen, fir emol ze beweisen, wéi vill mer eigentlech schonn erofgaange si vun deem Niveau vun de 50er Joren zum Beispill. Dat hat politesch e gewëssene Sënn an e gewëssenen Zweck, firwat dat gemaach ginn ass. Ech stelle fest, dass dat alles haut an den Ae vu verschiddene Leit net méi schéngt wouer ze sinn.

Da muss ee sech natierlech och eng Äntwert drop ginn, wann ee seet: Ass de Steierdumping nach dat Eenzegt, dat een ze bidden huet, fir d'Attraktivitéit vun eise Wirtschaftstanduert ze garantéieren? Do soe mir ganz kloer neen.

Fir dass de Wirtschaftsstanduert kompetitiv bleift, gëtt et eng ganz Rei aner Aspekter, déi mindestens esou wichteg si wéi d'Steieren. Verschiddener sinn esou guer méi wichteg. Dozou gehéiert zum Beispill d'öffentlech Sécherheet. Dozou gehéiert eng qualitativ héichwäertegt Ëmwelt. Dozou gehéiert e qualitativ héichwäertegt Bildungs- a Weiterbildungswiesen. Dozou gehéiere gutt Infrastrukturen an engem Stat an dozou gehéiert eng politesch a sozial Stabilitéit.

An de Fait, dass mer hei am Land esou eng gutt Ausgangspositioun haten, huet menger Meenung no mindestens esou vill domat ze dinn, dass mer et fäerdeg bruecht hunn an deene leschte 50 Joer politesch a sozial Stabilitéit ze hunn. Dat heescht, eben eng Garantie kënnen ze ginn, dass mer eng héich Sozialofsécherung an deem Land kënne garantéieren. Wann ech awer weess, datt eleng, och duerch d'Eegendynamik vun eise Modell, et noutwendeg si wäert, an deenen nächste Joren am Verkéiersberäich, am Bildungswiesen an an anere Beräicher, déi ech elo opgezielt hunn, och massiv ze investéieren, da kann ee sech virstellen, datt, wa mer dat heite maachen, wat hei geschitt oder haut mat grousser Majoritéit gestëmmt wäert ginn, et duerchwegs ganz séier goe kann an zu gréissere Problemer féiere wäert.

Do ass nach en Argument, wat een uféiere muss, an zwar datt, wann een dat op den europäeschen Niveau ausdeent, et eiser Meenung no ophéiere muss, dass Europa en eenzege Steierdumpingparadis gëtt. Ech hunn d'lescht Woch hei schonn ugedeit, datt ech der Meenung sinn, datt de Fait, datt mer lo vum 1. Januar un an den Tabellë figuréieren, als Land, wat un der Spëtzt vun den niddrege Steiersätz steet, sougutt bei de physische Persounen wéi bei den Entrepreneuren, eis wahrscheinlech d'Verhandlungsbasis, wann et drëm geet, iwwert d'Bankgeheimnis an iwwer d'Quellesteier ze diskutéieren, an deenen nächste Méint net méi einfach maache wäert. Et wäert jo kee mengen, datt Frankräich an Däitschland an aner europäesch Länner dat doten net ausnotze wäerten an eis et net ënnert d'Nues reiwen – wa mer dat verteidegen wëllen, wat zu Feira ofgemaach ginn ass –, dass mer et lo nach op deem dote Gebitt fäerdeg bréngen an de Steierdumping mat

unheizen, amplaz dat ze maachen, wat de Claude Wiseler virdrun opgezielt huet, nämlech eis fir e puer Joer nach anzesetzen, datt grad op deem Gebitt vun den direkte Steieren e Code de bonne conduite ausgeschafft gëtt, wou natierlech all déi doten Elementer, déi en opgezielt huet, gebrandmarkt ginn. D'Lëtzebuerger Regierung huet ëmmer gesot, dass mir emol gär hätten, dass iwwer all déi Aspekter, déi de Steierdumping ubelaangt, diskutéiert gëtt. An der Zwëschenzäit gëtt dat, duerch dat, wat mer haut hei maachen, vill méi schwéier ze argumentéieren, an et wäert wahrscheinlech esou sinn, dass mer dat ënnert d'Nues geriwwé kréien. Ech hunn an der "Welt" vum 6. Dezember mat enger gewëssener Iwwerraschung en Interview, en Artikel iwwer de Finanzminister gelies, wou grouss am Titel steet: "Juncker warnt vor ruinösem Steuerwettbewerb in Europa." An deem Interview gëtt genau dat, wat mir hei maachen, ugeprangert. Ech deelen absolut déi Appréciatioun. Mä wann een déi Analys mécht, déi hien de 6. Dezember an der "Welt" gemaach huet, da muss een och méi kritesch par rapport zu deem sinn, wat mir haut hei decidéieren. Do sinn nämlech vill Elementer, déi do ugeschwat ginn, déi och an dëser Steuerreform enthalen sinn. Mir mëschen also bei deem ruinöse Wettbewerb do monter mat.

Ech kommen awer dann am Detail op déi Punkten ze schwätzen, déi eis vill Schwierigkeete maachen, fir dëst Gesetz hei stëmmen ze kënnen. Ech fänken u mat engem Punkt vun der Steuerreform, an zwar mat deem Aspekt, dass se eiser Meenung no sozial ongerecht ass. Et gëtt jo hei gesot, am Text, dass mer, bei de physische Persounen haaptsächlech, e puer Mécken op ee Schlag schloen. Dat Éischt ass emol natierlech, dass mer Lëtzebuerg fir Leit mat heije Revenuen a Qualifikatiounen attraktiv maache wëllen. Dat Zweet ass, datt mer d'Kafkraaft vun der Bevëlkerung héich hale wëllen. Drëttens gëtt natierlech gesot, dass mer duerch d'Erofsetze vum Agaangssteiersaz eppes mat sozialem Charakter maache wëllen, fir datt déi sozial schwach dovunner profitéiere kéinten.

Ech sinn dobäi der Meenung, dass déi drëtt Mesure éischter hei derbäigefléckt ginn ass, fir Sand an d'Aen ze streeën a fir vun där éischter an där zweeter ofzelenken. Ech wëll dat elo beweisen, un Hand och zum Deel vun den Zuelen. Wann ee sech emol déi Tabell ukuckt – déi iwwregens an deem exzellenten Avis vun der Chambre des Employés privés, déi déi eenzeg war, déi sech d'Méi ginn huet, dat Gesetz kritesch ze belichten, zu dësem Gesetz festgehalen ginn ass –, kann een do dräi Chiffren erauszéien, fir ze ënnersträichen, wou d'Gewënner a wou d'Verléierer bei dëser Steuererliichterung fir physisch Persounen sinn. Deen Tableau, wou ech déi Zuelen elo eraushuelen, bezitt sech op "personnes mariées sans enfants", also op d'Classe d'impôts 2. Dat heescht, et handelt sech reng ëm de Bénéfice, deen d'Leit iwwer den Tarif hunn, dodrunner grefféiere sech jo nach eng ganz Rei aner Saachen wéi Ofschreibungsméiglech-

keeten an esou weider, déi jo natierlech maachen, dass de Bénéfice nach vill méi héich gëtt wéi dat, wat ech lech lo an deenen Zuelen hei opzielen. Mä dat hei eleng geet awer eigentlech schonn duer, fir ze ënnersträichen, wou d'Gewënner a wou d'Verléierer sinn.

Et ass esou, datt 2002 Leit, déi e Joresakommes vu 700.000 Frang hunn, souwiesou näischt kréien. Do war et 2001 schonn esou, datt se keng Steiere bezuelt hunn; se kréien also guer näischt. Leit, déi 700.000 Frang d'Joer verdéngen, dat sinn awer nun eemol déi Kategorie, vun där mir der Meenung sinn, datt am dréngendsten eppes gemaach misst ginn, fir hir Kafkraaft ze steigern. Déi kréien – wéi gesot – näischt vun deem Kuch hei of.

Leit, déi eng Millioun Revenu d'Joer hunn, hunn eng Gesamtreduktioun pro Joer vun 13.765 Frang kritt. Dat mécht pro Mount 1.150 Frang. Leit, déi e Revenu vun zwou Milliounen hunn, hunn e Gewënn pro Joer vu 70.973 Frang, dat mécht pro Mount 5.590 Frang. Leit, déi dräi Milliounen d'Joer verdéngen, hunn e Gewënn d'Joer vun 121.011 Frang, dat heescht, se hunn 10.000 Frang pro Mount méi an der Täsch.

Et kann een also feststellen, dass ee wierklech, duerch dës Steuerreform, pro Millioun, déi ee méi verdéngt, eng Verduebelung vum Gewënn erausschléit. Hei sinn net, wéi gesot, d'Méiglechkeeten agerechent, déi een iwwer déi vielfälteg Ofschreiwungen, Abatementen a sou weider – zum Beispill bei Dépenses extraordinaires – huet; alles dat ass hei net mat kalkuléiert. Dat kënnt hei nach uewendrop. Et muss een also feststellen, dass effektiv bei dëser Steuerreform zum groussen Deel déi Leit, déi dovunner profitéieren, déi sinn, déi och héich Revenuen hunn.

Et gëtt natierlech problematesch, wann een dat bedenkt. Ech fannen, dass d'Chambre des Employés privés emol zu Recht ervirgestrach huet an dat heien an de Kontext gesat gëtt, dass och vun de Leit an deenen nächste Jore verlaangt gëtt, dass se, wann et ëm d'Politique salariale geet an de Verhandlungen, méi moderat optrieden. Dat heescht, et gëtt gesot, – d'Chambre des Employés privés zitíert hei zu Recht d'Deklaratioun vum Premier Ministre iwwer den Etat de la nation vun 2001 –, wou en ugekënnegt huet, datt eben dëst gemaach gëtt "aussi pour des raisons sociales et de politique salariale". Et muss ee sech natierlech Froen stellen, wat dat genau heescht fir déi Leit mat souwisou niddrege Léin, déi ech elo opgezielt hunn a wou ech bewisen hunn, éischters emol, datt et immens Diskrepanze gëtt, an deem wéi d'Leit profitéieren, an och datt et immens vill Leit gëtt, déi iwwerhaapt net profitéieren. Dat heescht fir déi Leit am Kloertext dat hei: Et gëtt en Appel gemaach, datt bei Kollektivvertragsverhandlungen am Privatsektor zum Beispill d'nächst Joer, datt wa méiglech bei deene Leit, déi souwisou näischt kritt hunn a souwisou schonn am mannsten hunn, och nach Modération salariale gemaach soll ginn. Do muss eemol ee mer erklären, wou d'sozial

Logik vun dëse Steuerreduktiounen ass. Mir sinn do äusserst skeptesch, datt dat, wat hei als sozial verkaaft gëtt, och an deem Mooss sozial ass. Dofir wäert et zu Lëtzebuerg och esou sinn, datt vill Leit net nëmmen net vun där Steuerreform profitéiere wäerten, mä datt déi Reform fir déi Leit och nach an deenen nächste Joren e Boomerang kéint ginn.

Et muss ee sech mol iwwerleeën, wou mer an der Zwëschenzäit ukomm sinn. Mir hunn vun 1991 de Spëtzezteiersaz erofgesat vun engem Taux d'accroissement maximal vu 50% bis erof op 38%, dat heescht, dass mer et fäerdeg bruecht hu bannen zéng Joer beim Spëtzezteiersaz ëm 14% erofzegoen. Dat ass enorm. Wann een dat dann am europäesche Verglach gesäit, gëtt et nach méi däitlech, wéi enorm dat ass. Lëtzebuerg ass 2002 beim Spëtzezteiersaz ukomm vun 38, 95%. Däitschland kënnt duerch dat, wat se ugekënnegt hunn, am Joer 2005 op 44,3%. D'Belsch ass am Joer 2001 bei 56,6%. Frankräich ass 2001 bei 59,3%. Dat heescht, souguer wann een argumentéiert, dass mer dat steierpolitesch maache mussen, fir eist Land fir Leit mat héije Revenuen attraktiv ze maachen, kann een awer net erzielen, datt dat doten noutwendeg gewiescht wier, fir par rapport zu eisen Nopeschlänner attraktiv ze sinn. Et gesäit een nämlech, wéi héich den Ënnerscheed reell ass, tëschent eise Spëtzezteiersaz an deem vun eisen Nopeschlänner. Ech wëll dobäi guer net arechnen, datt et souwisou nach eng ganz Rei aner Virdeeler zu Lëtzebuerg gëtt, zum Beispill um Niveau vun de Charges sociales, déi och vill méi niddreg si wéi an eisen Nopeschlänner. Dat muss een allerdéngs och bei de Revenuen, déi een hannenno behält, natierlech dobäiziele. Et gëtt nach eng ganz Rei aner Saachen, déi een uféiere kéint; dat géif awer ze laang daueren an ze wäit féieren. Et ass also esou, dass et – eiser Meenung no – ganz däitlech ass, dass dës Steuerreform sozial ongerecht ass.

Ech muss och soen, dass, souguer ongeuecht vun deenen Argumenter, déi ech elo ubruecht hunn, wann een iwwert d'"pression fiscale trop importante fir d'main-d'oeuvre hautement qualifiée" diskutéiert, déi jo d'office en héije Revenu hunn, bei der Fro, ob se op Lëtzebuerg kommen oder net, ob Lëtzebuerg se unzitt oder net, sécherlech och ganz aner Argumenter an der Zwëschenzäit matspille wéi nëmmen de Fait, ob se lo een oder zwee Prozent méi oder manner Steiere bezuelen. Et sinn nämlech grad déi Leit, déi en héijen Usproch un d'Liewensqualitéit erhiewen. Ech hu scho bei de Budgetsdebatten munches vermësst, a bedauert, dass mer net endlech nei Weeër aschloen. Ech soen lech, Der kënnt de Spëtzezteiersaz roueg op 38% erofsetzen, et ass awer esou, dass eng ganz Rei Leit net op Lëtzebuerg kommen, well se fannen, datt dat Land an anere Beräicher total onattraktiv ass. Dozou kéint een och natierlech d'Bildungswiesen an d'Fortbildungswiesen, an och nach eng ganz Rei aner Saachen zielen. Et kann dach net esou sinn, oder et ass dach och net esou, dass als eenzegt

Argument, bei der Fro, ob déi eenzel Leit aus de Paragen ob Lëtzebuerg kommen oder net, d'Geld zielt.

Mir sinn op alle Fall der Meenung, datt bei deem, wat hei gemaach gëtt, et dat allermannst gewiescht wier, eppes Konkretes iwwer d'Negativsteuer op den Dësch ze leeën. Mir hu jo lo dem Conseil économique et social den Opdrag ginn, d'Negativsteuer ze analyséieren an ze kucken, ob se machbar ass. Déi Diskussioun iwwert d'Negativsteuer fängt un, e laange Baart ze kréien, muss ech lech soen. Do gi scho Studië verlaangt an an Opdrag ginn, zënter datt ech an dësem Parlament sinn. Mir hu scho bei der Reform vun 1991 hei laang a breet doriwwer geschwat, an do ass och scho gesot ginn, mir müsse Studien an Opdrag ginn. Entretemps sinn iwwert déi lescht zéng Joer schonn erëm d'Steiere fir déi Leit mat héije Revenuë massiv erofgesat ginn. Mir hunn nach ëmmer keng Studië virleien. Ech fannen, wann een dat heie mécht, dann hätt een och zur gläicher Zäit derfir suergen mussen, datt fir déi dote Kategorie vu Leit, déi lo näischt kréien, an deem Sënn eppes Konkretes op dem Dësch läit.

Den Här Henckes huet hei virdu behaupt, mir hätten den 1. Januar näischt gemaach. Dat ass net wouer. Mir hätten net näischt gemaach, och net fir d'physisch Persounen. Mir hätten natierlech och Reduktiounen gemaach. Déi si schonn eleng noutwendeg, well en Deel vun deene Gelder, déi hei benotzt ginn, souwisou fälleg waren, doduerch, wat fréier gemaach ginn ass, zum Beispill d'Upassung vum Tarif un d'Inflatioun. Mir hätten och sécherlech op den 1. Januar 2002 d'Steieren erofgesat. Mä mir hätten et net an deem Mooss gemaach wéi dat heien, a scho guer net sou. Mir hätten op alle Fall eng sozial Nout erabruucht.

Da muss ech soen – an dat ass och e wesentleche Punkt – si mer wierklech enttäuscht, datt, wat d'physisch Persounen an d'Individualbesteuerung ubelaangt, absolut näischt Konkretes um Dësch läit. Ech si frou driwwer, dass d'Chambre des Employés privés an hirem Avis mol nach eng Kéier den Historique gemaach huet, fir feststellen, wéi al déi Diskussioun eigentlech schonn ass. Si ass nämlech schonn 1972 ugaangen, wéi mer d'Notioun vum Chef de famille ofgeschaaft an duerch eng Formule, déi "nouveau couple lié au partenariat des époux" heescht, ersat hunn. Vun do u sinn eng ganz Rei vu Mesurë geholl ginn. D'Chambre des Employés privés seet och zu Recht, dass eigentlech eréischt vun 1972 un, wéi mer ugefaangen hunn, an déi Richtung ze denken, d'Activité professionnelle féminine endlech emol démarréiert huet. Et ass jo och eng grouss Erausforderung fir Lëtzebuerg, fir an deem dote Beräich nach weider ze goen. Donc, hätt et mussen esou sinn, dass vun där gudder finanzieller Ausgangspositioun, déi de Lëtzeburger Stat am Moment huet, profitéiert gi wier, fir an där do Hinsecht eng verdéifte Reform ze maachen. Mä och dat ass net de Fall.

D'Regierung verweist erëm op Etüden, op Saachen, déi analyséiert misste ginn. Konkret läit näischt um Dësch. Dobäi ass et esou, dass bei der Steuerreform 1991 d'Regierung gesot huet, datt spëtstens 1993 eng Etüd um Dësch leie géif, wou Pisten opgewise géife ginn, wéi een zur Individualbesteuerung komme kéint. Och do sinn an der Zwëschenzäit zéng Joer vergaangen, wou ëmmer erëm ugekënnegt ginn ass, datt dat gemaach misst ginn, an datt doriwwer nogeduecht misst ginn. Bis 2002 ass awer näischt passéiert.

Da kommen ech zum Punkt vun de Steuerreduktiounen fir d'Betriben. Do ass et esou, datt och do mir net näischt gemaach hätten. Mir sinn och der Meenung, dass een duerchwegs hätten sollen op den 1. Januar 2002 eppes maachen, mä mir sinn awer och net der Meenung, datt et do noutwendeg gewiescht wär, an deem Mooss erofzagoen, wéi dat hei geschitt.

Et ass dach esou, dass dat, wat hei passéiert, wierklech total démesuréiert ass par rapport zu deem, wat mer an deenen aneren europäesche Länner hunn. Wann ech d'Tabell hei viru mer kucken, wat dann elo 2002 um Niveau vun der Kierperschaftssteuer Realitéit ass, da stellen ech fest, engersäits emol, datt mer an der Europäescher Unioun eng Moyenne hu vun 30,59%, zu Lëtzebuerg leie mer bei 22%, an datt mer, wat iwwerhaapt d'Kierperschaftsbesteuerung ubelaangt, just nach vun Irland iwwertraff ginn, déi 2002 bei 16% leien, mä eis direkt Nopeschlänner alleguer wäit driwwer leien, Däitschland bei 25%, Frankräich bei 33,3%, Holland bei 35% an d'Belsch bei 39%.

Donc, dat dote massiivt Erofsetze vun der Kierperschaftssteuer wär zu deem Zäitpunkt an deem Ausmooss guer net noutwendeg gewiescht. Et hätten ee sollen éischer, eiser Meenung no, profitéieren, fir bei de Betriben hinzagoen. Sécherlech, eleng aus psychologesche Grënn, hätten ee kënnen do denken, d'Kierperschaftssteuer nach 1, 2 oder 3% erfzesetzen, well et ass jo vill Psychologie, déi bei deenen hei Saache matspillt, dat wësse mir jo och. Wann et drëms geet ze diskutéieren, ech mengen net emol, ob ee Betrib hei fortgeet oder net, mä virun allem, ob een heihinner kënnt oder net, mä awer et hätten een net missen dat maachen, wat hei geschitt, nämlech 8% erfgoen, an et hätten ee par contre solle bei aneren Instrumenter méi verdéift Iwwerleeungen ustellen, zum Beispill bei der Modification d'impôt pour investissements ekologesch Iwwerleeunge mat erabrëngen a méi verdéift. Dat hätten eiser Meenung no méi bruecht wéi dat do.

Oder, mir hätten eis och kënne virstellen, wann een eppes Spezifesch nach hätten wëlle maachen, och aus psychologesche Grënn, fir de Finanzsektor, datt een op der Taxe d'abonnement nach e bësse méi gefréckelt hätten. Well d'Taxe d'abonnement, dat ass jo kloer, dat ass ausschlieslech de Finanzsektor, deen do drënner fält.

Et hätten ee sech och nach eng ganz Rei aner Saache kënne virstellen, déi een hätten kënne maachen, déi e

wierkleche wirtschaftleche Lenkungscharakter gehat hätten. Op alle Fall ass et esou, datt, wann een dat heite mécht, mat der Géisskan einfach d'Gesamtsteuerlaascht fir all ekonomesche Sektor an deem Mooss erfsetzt, do huet een iwwerhaapt keng eng Garantie, datt déi Sue réinvestéiert ginn. Et ass kloer, an dat zumools, géing ech esouguer soen, an Zäiten, wou mer de Moment sinn, datt éischer do zréckhalend verfuer gëtt an natierlech all Betrib an all ekonomesche Sektor frou ass iwwert dat, wat en do den 1. Januar manner muss u Steiere bezuelen, mä déi Suen éischer ugeluegt ginn an Immobilien zum Beispill oder a soss Saachen, mä op alle Fall ass et ganz schwéier novollzéibar herno oder erauszufannen, wat genau do investéiert gëtt.

Vierte Punkt, dat ass d'ekologesch Komponent. Mir hunn eng Interpellatioun vu mir diskutéiert viru bal engem Joer hei an deem Parlament, do ass herno eng Motioun an d'Kommissioun verwise ginn, wou eng ganz Rei Iddien dra stung. D'Regierung huet och gesot, bei deem Ulass, datt se nach an dëser Legislaturperiod eppes wëllt an deem dote Beräich maachen. Ech muss soen, ech hat mer elo net erwaart, datt op den 1. Januar 2002 awer nach géing och eng ekologesch Komponent schonn an deem Pak mat dra sinn, mä wat ech mer awer zumindest erwaart hätten, dat wär, datt mer emol d'Strategie vun dëser Regierung presentéiert krite an deem Kontext, wat se da wierklech wëlles huet, wou se wëllt higoen, wat se wëllt genau maachen.

Abee, ech stelle fest, mir sinn do kee Millimeter weiderkomm. Mir als Gréng wëssen op jiddfer Fall net, wat d'Regierung konkret wëlles huet an deem dote Beräich an dat ass awer wierklech äusserst bedauerlech, well mir si souwisou scho skeptesch, nodeem wat hei elo gemaach gëtt, nodeem wéi hei un de Steuerriedercher, un de Steierschrauwe gedréit gëtt, datt herno net méi vill wäert eraussprangen, fir de Fiskalsystem ze ekologiséieren. Mä zumindest ass et op alle Fall esou, fir dat heiten einfach esou mat ze droen eleng, och aus deem Grond, ounst datt mer emol eng Orientéierung um Dësch leien hunn, wat d'Regierung 2003 wëlles huet, dat ass wann een eng Kaz am Sak keeft, also dat eleng ass fir eis ënner anerem och en Argument, firwat mer dat Ganzt net kënne mat droen.

Iwwert d'Reduzéierung vun der Gewerbesteier an deementsprechend...

(Interruptions)

...wat dat bedeit, fir d'Finanzkapassitéit vun de klengen Gemengen – do drop wëll ech net agoen, dat mécht mäi Kolleg Camille Gira hei.

Ech wëll och nach e puer Sätz verléieren iwwert déi sou genannte Loi Rau. Et ass jo esou, datt de "phasing out" elo verlängert ginn ass a leschter Sekonn vun der Regierung, mä ech muss och soen, och do fannen ech et bedauerlech, datt d'Regierung net selwer higaangen ass, wéi se dat doten decidéiert huet, dat ze maachen,

fir sech ze iwwerleeën, fir Ersatzproduiten, zum Beispill, ze schafen. Well et geet jo net nëmmen drëms, fir elo einfach ze soen: Mir ginn dovun aus, datt all déi Gelder, déi am Kontext vun der Loi Rau investéiert gi sinn, datt déi einfach eriwwer transféréiert ginn a Pensions complémentaires. Een, deen dat mengt, deen dreemt.

Ech si sécher, datt, bei deem, wat do elo geschitt an dësem Gesetz am Beräich vun der Zousazpensioun, sécherlech vill méi massiv op alle Fall wäert da profitéiert ginn, do wäert keen Zweifel dru sinn, bei deem, wéi mer do de Leit entgéintkommen, wäert dat de Fall sinn. Virun allem och déi, déi sech et kënne leeschten, well do muss ee jo och soen, datt zum Beispill d'Altersvorsuerg iwwert den drëtte Piler – hei virun allem déi vill Leit mat niddrege Revenuen – net vill Sënn mécht, an datt déi vun dësem Gesetz net vill profitéiere kënnen, well déi jo souwisou keng Steiere méi bezuelen an donc och do erëm op der Streck wäerte bleiwen.

Zumindest hätt ee bei der Loi Rau sech misse méi Gedanke maachen, och wat een amplaz setzt. Ech hunn eng Proposition de loi gemaach. Ech si frou, muss ech soen, datt d'Regierung, zumindest dem éischten Uschäin no, op e positiven Echo gestouss ass, och bei der Regierung. Ech hoffen, datt mer et ronn bréngen, do eppes draus ze maachen. Ech mengen, datt dat e grouss Gewënn kéint si fir Lëtzebuerg, insgesamt wa mer op deem dote Gebitt eppes géinge maachen. Ech wëll awer am Detail haut net dorobber agoen, dat kënne mer bei enger anerer Geleeënheet jo nach hei maachen, sief et wann ech d'Proposition de loi hei virstellen, sief et och op aneren Niveauen.

Ech wëll zum Schluss kommen, Här President, an d'Konklusiounen zéien. Fir déi Gréng gëtt et eigentlech insgesamt sechs Grënn, firwat dass mer dës Steuerreform net stëmmen.

Dat Éischt ass, datt mer Bedenken hunn, datt mer fäerten, datt méttelfristeg d'Finanzkapassitéit vum Stat a Fro gestallt gëtt. Mat enorme Risiken dann an éischter Instanz, eiser Meenung no, fir de Sozialstat an datt donc dat herno riskéiert op Käscht vum Sozialstat ze goen.

En zweete Grond: Mir sinn der Meenung, datt dës Steuerreform sozial ongerecht ass. Et ass eng iwwerméisseg Bevurdelegung vu Leit mat ganz héije Revenuen an déi Leit, déi souwisou net vill hunn an eiser Gesellschaft, ginn eidel aus. Dës Steuerreform huet mat enger sozialer Steuerreform, eiser Meenung no, net ganz vill ze dinn a wäert en plus duerno och nach en negatiivt Signal aussenden a Richtung vun der Politique salariale, woubäi dann déi Leit, déi net vill verdéngen, weiderhi wäerten de Kierzeren zéien.

Drëtte Punkt ass: Bei der Betriebsbesteuerung si mer der Meenung, datt dat, wat hei geschitt, vill ze vill onselektiv ass, datt d'Kierperschaftssteuer an engem Mooss

erofgesat gëtt hei zu Lëtzebuerg, wéi mir mengen, datt et an dëser Phas, an dëser Situatioun, net noutwendeg ass, datt mer doduerch eis all Spillraum fir d'Zukunft, wann et wierklech eng Kéier soll méi schlecht goen, aus dem Grapp geholl hunn.

Véiertens: Mir sinn der Meenung, datt null ekologesch Komponent hei dran ass, datt net emol en Usaz um Dësch läit nach ëmmer vun dëser Regierung, a wat fir eng Richtung se wëllt goe bei der Fiscalité écologique.

Fënneftens: Mir sinn der Meenung, datt d'Reduzéierung vun der Gewerbesteuer op d'Käscht geet vun de Gemengen, a virun allem deene kleng Gemengen, a mir deen dote Schrëtt erëm eng Kéier net kënne matdroen.

Sechste Punkt, a leschte Punkt: Mir sinn der Iwwerzeugung, datt déi gutt finanziell Ausgangspositioun vum Lëtzebuerger Stat hätt sollen ausgenutzt ginn, fir eng Réforme fiscale en profondeur ze maachen an net dat, wat hei geschitt.

An ech wëll eigentlech ofschléissend, menger Meenung no, e gutt Zitat eraushuelen, och aus dem Avis vun der Chambre des Employés privés, wat och eng gutt Konklusioun ass fir dee sechste Punkt, dat seet: "La CEPL est d'avis que le Gouvernement a raté l'occasion pour profiter de cette énorme marge de manoeuvre financière pour réaliser une réforme en profondeur de notre système fiscal et parafiscal, afin de l'adapter aux nouvelles structures de notre société. En dehors de cet objectif de modernisation, des réformes futures à envisager devraient garantir une meilleure répartition des fruits de croissance en promouvant l'équité sociale, la compétitivité économique et les besoins en infrastructure."

Mir géngen als Gréng nach dobäi schreiwen "et les aspirations écologiques", da wär dat Zitat do eigentlech, menger Meenung no, eng excellent Schlussfolgerung, firwat een dës Steuerreform net sollt stëmmen, an dofir wäerte mir och, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Mëtteg géint dës Steuerreform stëmmen. Och wann et vläicht dobaussen éischter populär ass a gutt ukënnt, wann op deem 1. Januar verschidde Leit e bësse méi am Portemonnaie behalen.

Ech soen lech merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Domadder wiere mer um Enn vun eiser Sitzung vun haut de Mueren ukomm. Déi nächst Sitzung ass haut de Mëtteg um halwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 12.42 heures)